

	17^e séance	Présidence
	Mercredi 12 décembre 2001	M. Jean Spautz , Président M. Niki Bettendorf , Vice-Président M. Jean Asselborn , Vice-Président

Ordre du jour

Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002
(Discussion générale - Suite)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs, Erna Hennicot-Schoepges, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président. - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Mir hunn haut um Ordre du jour d'Diskussioun vum Projet de loi 4848. De Rapport ass gemaach. D'Wuert huet d'Mme Nelly Stein.

1. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (Suite)

Discussion générale (Suite)

Mme Nelly Stein (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut e Budget, deen eist Land fir déi kommend Jorzéngte wëllt fit maachen. D'Héichschoulpolitik spillt do eng fundamental Roll. D'Premissë vun enger moderner an oppener Héichschoulpolitik hu sech an deene leschte Jore staark verännert. Lëtzebuerg huet sech zu enger Déngschtleeschungswirtschaft entwéckelt. D'Contrainten an d'Chancë vun den Informatiounstechnologë gëllen och fir eist Land. Der Fuerschung kënnt an den nächste Joren e méi grousser Stellenwert zou, och an den Héichschoulen.

Ech wëll virun allem d'Gewichtung an d'Roll vun enger Héichschoulpolitik belichten, déi an d'Zukunft geriicht ass an déi dësen neie Virgabe Rechnung dréit.

Eist Land wëllt sech an den nächste Joren op der akadescher Kaart vun Europa positionéieren. Et ass duerchaus gewosst, dass dëst en ambitiëse Projet ass, dee wuesse muss a gutt iwwerluegt soll sinn. Wa mer den Zuch awer net wëlle verpassen, da muss mer elo d'Weiche stellen. Lëtzebuerg muss den traditionell nationale Charakter vu senger Héichschoulpolitik am

Kontext vun enger wuessender Internationalisatioun um Niveau vun den Universitëten an Europa an an der Welt méi an den Hannergrond stellen a sech opmaache fir nei Weeër, nei Formatiounen an nei Partner.

Déi zukünfteg Héichschulstruktur zu Lëtzebuerg däerf sech net an engem Vase clos entwéckelen. Méi wéi jee muss d' Héichschoulpolitik de Bols vun der Wirtschaft fillen an déi ekonomesch Acteure bei der Gestaltung vun der zukünfteger Université de Luxembourg mat abezéien. De Kontakt no baussen, d'Experienzen, déi an anere Länner gemaach goufen, mussen mat an d'Diskussioun abezu ginn.

Lëtzebuerg muss haut nei Ureizer schafen, fir méi Studenten aus dem Ausland op eis Héichschoulen ze kréien, an d'akadesch Kooperatioun mat den Héichschoulen aus der Groussregioun muss nach méi intensiv gestallt ginn.

Et ginn haut ëmmer méi Formatiounen gefrot, déi eng Verflechtung, en Zesummeschaffe vun der Fuerschung, dem Enseignement supérieur an den Entreprisë bedéngen. D'Héichschoulen an d'Betriber müssen openeen duergoen. Et geet awer net duer, periodesch der Demande vun den Entreprises nozekommen, dem Zäitgeescht nozerennen, dee kuerzfristeg no neie punktuellen Ausbildunge ríft. Dat wär nämlech geféierlech. Et geet vill méi drëm, flexibel a polyvalent Formatiounen ze schafen, déi den Ufuerderungen an den Entwécklungen vun der heiteger Zäit Rechnung droen a laangfristeg um Aarbechtsmaart vermëttelbar sinn. Der Formation continue, zesumme mat den Héichschoulen, fält hei eng Schlësselroll zou, fir op d'Entwécklungen vun der Zäit ze reagéieren an d'Aarbechtskräften um neieste Stand ze halen.

Et kënnt deemno Bewegung an d'Lëtzebuerger Héichschoulpolitik an d'Zuelen aus dem Budget 2002 schwätzen eng ganz kloer Sprooch. Et ass an der leschter Zäit vill geschitt an et gëtt och an Zukunft do

ganz vill gewuddert, wouvu mir eis all Kéier an der Kommissioun vum Enseignement supérieur a vun der Recherche iwwerzeege kënnen, wann d'Mme Hennicot-Schoepges eis do Informatiounen gëtt iwwert déi lescht an nei Projeten aus dem Héichschoulwiesen an aus der Recherche.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg véier Héichschoulen: de Centre universitaire, den IST, den ISERP an den IEES. E Bléck op dat lescht Jorzéngt mécht daitlech, dass vill Efforten um Niveau vun den Héichschoule gemaach goufen.

1990 hu mer ëmgerechent 5,5 Milliounen Euro fir dës Institutiounen ausginn. 1999 waren et der 16,8 an haut gesäit de Budget fir 2002 net manner wéi 22,4 Milliounen Euro vir. Fir e Begrëff ze gi vun der Gréissenuerdnung ongeféier 904 Milliounen Frang. An zwielef Joer hu sech also dës Investitiounen vervéierfacht, a wa mer déi zwee lescht Joren zrëckverfollegen, dann hate mer eng Progressioun vu 35%.

Den Héichschoule ginn am Budget 2002 och méi, vill méi Gelder, dat heescht 489.506 Euro zur Verfügung gestallt, fir Fuerschung ze bedreiwen. D'Fuerschung an den Enseignement muss komplementär sinn an der Héichschoulpolitik vun eisem Land, well d'Recherche kann a muss verstärkt vun den Héichschoulen ausgoen. An europäesche Fuerschkonsortien an u Projete sinn niewent Entreprises de pointe ëmmer méi Universitéite bedeelegt. Dohier muss och d'Fuerschung zu Lëtzebuerg an den Héichschoulen intensivéiert ginn.

De Budget vum IEES ass eropgaangen, well hei beispillsweis 17 nei Poste geschafe goufen an domat elo 32 Leit e Contrat à durée indéterminée kruten. Och am Joer 2002 läit der Regierung d'Schicksal vun de Leit uewen. Am Centre universitaire kréie 67 Leit eng fest Ustellung a verdeele sech op véier Kategorien. Et sinn dëst un éischter Stell Universitätsprofessoren, déi an der Regel zwee Doktorater hunn a Fuerschung bedreiwen. D'Assistants-professeurs hunn een Doktorat an assistéiere bei der Recherche. D'Chargés-de-coursen hu keen Doktorat an hale keng Schoul, mä schaffen aktiv an der Fuerschung mat. Doriwwer eraus organiséieren an hale si travaux pratiques an Travaux dirigés. D'Chargés d'éducation si ganz jonk Mataarbechter, déi ausschlieslech mat den Travaux dirigés an Travaux pratiques chargéiert sinn.

Zum IST. Dee gëtt moderniséiert. De Conseil d'administration huet proposéiert, dass d'Laboratoire vun den Departementer „électromécanique“ an „mécanique“ erneiert solle ginn. Dat eleng schléit scho mat 425.000 Euro zu Buch. Dës Zomm ass elo an der Dotation globale fir den IST ageschriwwen ginn. De Budget fir den Institut supérieur de Technologie beleeft sech domat op 8,9 Milliounen Euro, wat par rapport zum Budget 2001 eng Progressioun vun 21% a par rapport zum Budget 2000 eng Hausse vun 39% duerstellt.

Den Héichschoulbudget 2002 mécht awer och verstärkt eppes fir eis Studenten. Sait dem Juli 2000 hu mer en neit Gesetz, dat Finanzhëllef fir Studenten nei regelt. Doduerch kënnen mer elo méi Studenten vun der Hëllef profitéiere loosse. Op där enger Sait sinn et niewent de Studenten an den éischte Cyclen op der Uni déi Studenten, déi sech an en drëtten Cycle ageschriwwen hunn, déi also an d'A faassen, en Doktorat ze maachen. Op där anerer Sait sinn et awer och déi Studenten, déi hei zu Lëtzebuerg op den ISERP, op den IEES, den IST ginn, an och déi, déi méi kuerz Formatiounen maachen, wéi beispillsweis de BTS. Dann existéiert seit dem Juli 2000 e System vu Primes d'encouragement, déi virun allem un déi Studenten ausbezuelet ginn, déi hir Studiencyklen an der virgeschriwwener Zäit zu Enn féieren.

Et sief des Weidere bemierkt, dass de Remboursement vun den Droits d'inscription op den Héichschoulen am Ausland nach eng Kéier eropgesat gouf, also hu mer d'lescht Joer e Gesetz hei gestëmmt, dat ganz encouragéierend wierke soll. Dat Rheinescht-Westfäl'scht Institut fir Wirtschaftsforschung ass 1998, am Kader vun enger Etüd iwwert d'Studienhëlfelefen zu Lëtzebuerg, zur Konklusioun komm, dass de Lëtzebuerger System finanziell Viraussetzung fir e Studium schafft, ouni dass de Remboursement vum Prêt d'Studenten herno am Berufsliwwen iwwerméisseg belaauscht.

D'Regierung huet dës Konditiounen nach eng Kéier verbessert an hält och un där Politik fest. D'Neierunge schloe sech natierlech och am Budget 2002 néier. Sinn am Joer 2000 nach 4,5 Milliounen Euro fir Bourses d'études ausbezuelet ginn, da maachen dat fir 2002 7,7 Milliounen Euro aus. Och bei den Zësen, déi de Stat subventionéiert, geet de Budget 2002 erop. Am Joer 2000 war dës Linn mat 2,6 Milliounen Euro dotéiert a fir de Budget 2002 sinn et net manner wéi 4,05 Milliounen Euro, déi zu Buch schloen. Dës Zuele weisen, dass grouss Efforte gemaach ginn, fir de Studenten e Studium ze erméiglechen.

Ech wëll nach op een Artikel am Budget 2002 hiweisen, dee folgendermoosse libelléiert ass: „Mise en place de nouvelles structures dans le cadre de l'enseignement supérieur“. Dës Kredit ass an dësem Budget mat engem Montant vun 1,3 Milliounen Euro dotéiert, wat par rapport zu 151.090 Euro am leschte Budget, also méi wéi dat Zéngfacht ass. Hei dréit et sech ëm nei Implantatiounen, wou et natierlech nach gëllt, déi juristesche Form ze bestëmmen oder nei Implantatiounen, déi eventuell u schonns bestehend Instituter ugeschloss ginn. Dës Zomm sinn noutwendeg fir elo d'Weichen ze stellen, fir d'Konzeptioun vun neie Programmer, Coursen a Studienzyklen.

D'Mme Minister vun der Héichschoul huet eis matgedeelt, eng Université de Luxembourg ze schafen.

Mir brauche Recherche a Formatioun a Beräicher, wou et eigentlech ëm d'Liewensfäegkeet vun eisem Land geet. Haut, dat wëll ech betounen, soll et net drëm goen, fir iwwert déi zukünfteg konkret Gestaltung vun der Uni Lëtzebuerg ze debattéieren; wourop et haut ukënnt, dat ass, dass mer dru schaffen, fir nei Elementer an der Héichschoulpolitik op d'Been ze stellen.

Folgend nei Implantatiounen si virgesinn: eng Euro-Uni, e Lëtzebuergesch Institut fir avancéiert Studien an der Informatik, d'Kreatioun vun engem drëtten Cycle am Beräich Création d'entreprise an net zulescht d'Luxembourg School of Finance, déi scho ganz konkret Formen ugehall huet. Dëst ass fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg souwuel e wichtege wéi och e ganz ambitiöse Projet. De Finanzsecteur kritt doduerch héich qualifizéiert Aarbechtskräften an Expären. Mir wëssen alleguer, dass der ëmmer méi gebraucht ginn, a grad an der School of Finance solle Formatioune um Niveau vun de Sciences bancaires a financières ugebuede ginn.

Dëse Projet illustréiert op eng exemplaresch Aart a Weis, dass et wichteg ass fir Lëtzebuerg, mat aneren auslännesche Partnerhéichschoulen zesummenzeschaffen an de Kontakt mat der Lëtzeburger Wirtschaft ze sichen. Kontakter si schon opgehall fir d'School of Finance zum Beispill mat der London City University a mat der Uni vu Léck. Doriwwer eraus gëtt de Projet vun der ABL, där hir Initiativ et iwwerengs ass, gestäipt a gefördert. De Projet ass konkret an der Maach an d'Preparative sinn esou wäit fortgeschratt, dass am Hierscht 2002 hei kann ugefaange ginn. Dëse Projet stellt e wichtege Schrëtt duer a Richtung vu méi Kompetitivitéit vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg.

Et waarde grouss Erausforderungen op d'Héichschoulpolitik vun eisem Land. De Budget 2002 ass dorop ausgeriicht, fir déi Weichen ze stellen, déi fir eng modern an dynamesch Héichschoulpolitik wichteg sinn. Den Enseignement supérieur ass net méi deen Elfenbeintuerm, mä e steet haut am Déngscht vun der Lëtzeburger Wirtschaft a vun der Gesellschaft. Eis Matière grise ass eng vun den natierleche Ressourcë vun eisem Land, déi et gëllt ze ënnerstëtzen an auszebauen.

D'Regierung, am speziellen d'Mme Hennicot-Schoepges, Minister vum Enseignement supérieur a vun der Recherche, steet wierklech net do mat eidelen Hänne, au contraire, vill ass geschafft ginn a vill ass opzewiesen, vläicht gëtt et zevill bescheide behandelt, dass mer net alleguer all Dag au courant si vun deem, wat do schon alles an d'Wee geleet ginn ass.

Mir wënsche jiddefalls weider eng gutt Hand fir déi ambitiöse Projeten, déi sech de Ministère op de Leescht geholl huet a vill Courage, fir se elo resolut unzepakten.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Asselborn.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur Claude Wiseler huet d'lescht Woch aganks vu senger Ried gemengt – eng Ried, déi d'Krénung war vun enger ganz gudder Aarbecht a Saache Budgetsrapport –, dass d'Virstelle vun engem Budgetsrapport eng flott Aufgab wier am parlamentaresche Wierken an dass esou eng Ried e politeschen Exercice am noble Sënn vum Wuert duerstelle géif.

Den Här Wiseler ass net hei, mä ech géif him awer wëlle soen, dass och hie wäert eng Kéier d'Chance kréien an dësem Joerhonnert, nach eng Oppositionsried dierfen ze halen an da wäert feststellen, dass och dëst eng nobel politesch Aufgab ass am Sënn vun enger lieweger Demokratie, wou allerdings dann déi feutréiert Sprooch net dat gëeegent Mëttel ass, fir sech hei verständlech ze maachen.

Den Här Wiseler sot och – ech hunn him ganz gutt nogelauschert –, et wier säin Dram gewiescht, fir eng Kéier e Budgetsrapport ouni Chiffren ze presentéieren. Et ass, ech muss dat zouginn, méi einfach fir eng Oppositionsried ze halen ouni Chiffre wéi e Budgetsrapport, mä fir meng kleng Interventioun hei brauch ech bal keng Zuelen.

Ech hunn dem Här Weiler nogelauschert, selbstverständlech och dem Här Rippinger. Beim Här Weiler hunn ech fonnt, dass en zimlech massiv a senger Ried an och an zimlech laangen Extraite vu senger Ried retro war. Mä dat ass héchstwahrscheinlech fir e konservative Politiker d'Nostalgie vum viregte Joerhonnert, déi sech do gewisen huet.

Dem Här Rippinger hunn ech selbstverständlech och nogelauschert. Beim Här Rippinger war den Iwwerraschungsmoment gläich null, well hien huet déi blo Regierungspolitik iwwert de Knéi gelueft, wat wuel seng Aarbecht ass, allerdings d'Iwwerzeegung derbäi ass net méi esou richtig eriwierkomm, wéi dat nach déi éischt zwee Jor vun dëser Koalitioun de Fall war.

Och hunn ech dem Jeannot Krecké selbstverständlech nogelauschert an de Mueren dem Alex Bodry, an ech brauch no deenen excellenten Tours d'horizon a Saache Regierungspolitik an hire Schwächen op alle wichtege Gebitter eigentlech net méi nozefueren.

Dës Regierung ass eng Regierung, dat behaupten ech elo emol hei, ouni Mastik. Si bréckelt lues awer sécher ausenaner an zerfällt ëmmer méi an zwee Deeler, déi sech näischt méi een deem aneren ze soen hunn. Ech huelen d'Beispill, wie kënnt et wonneren, vun der Schoulpolitik.

Et ass net erstaunlech, dass d'DP, an der Persoun vun hirem Fraktiounspräsident, hei nu wierklech alles a Bewegung gesat huet, fir déi blo Schoulloft offensiv ze justifiéieren an ze soen, dass ouni d'Demokratesch Partei d'Schoul zu Lëtzebuerg d'Baach ofgoe géif. Dobäi

kënnt dann esou eng cocasse Ausso eraus, wéi se gëschter hei ze héiere war beim Här Rippinger, wéi mer e wéineg nogebuert hunn: D'Sozialisten hunn nach net héieren, dass a 14 Klassen an der Stad en neie System ugewannt gëtt. Deen neie System a 14 Klassen ass also d'Symbol vun der Schoullofensiv vun der Demokratescher Partei. Dat charakteriséiert am allerbeschten déi ganz Hëlleflosegkeet vun der Demokratescher Partei.

Ech weess net méi genee ob d'CSV an der Persoun vum Här Weiler gesot huet: Mir brauchen oder mir wëlle keng Offensiv. Wann een also keng Offensiv an der Schoulpolitik wëllt, da setzt ee jo op d'Defensiv. Dat heescht d'CSV verteidegt, dat ass och logesch, de Status quo, wat ee muss verstoen, wéi ech gesot hunn, well et ass jo d'CSV, déi an deene leschten 20 Joer eis Schoulpolitik opgebaut huet.

Elo soll also aus der DP-Offensiv an der CSV-Defensiv eng nei Schoulpolitik erauskommen am Interesse vun de Kanner a vun de jonke Leit zu Lëtzebuerg. Aarmt Land, kënnt een do soen, wat esou eng onkonsequent Bildungspolitik néideg huet.

Well dat esou flagrant ass, wéi dës Regierung sech produzéiert a Saache Schoulpolitik, wëll ech nach e wéineg nohaken.

Fänke mer emol u mat enger Feststellung aus dem viregte Joerhonnert, enger Feststellung, déi d'Mme Polfer am Mee 1999 hei op der Chambertribün gemaach huet. Si sot: Fir d'DP ass d'Bildungspolitik absolut Prioritéit, an dofir wëlle mer eng Bildungs-offensiv aleeden. Dat war d'Wuert, wat jo alles déterminéiert huet, wat herno an der Bildungspolitik geschitt ass.

D'Mme Polfer polemiséiert dann am Mee 1999 an allen Téin – dat kann een noliesen – iwwert dee lamentablen Zoustand vun der Lëtzebuerger Schoul a kënnt zur Konklusioun: D'DP fuerdert een Observatoire statistique de l'éducation nationale, fir dann an aller Transparenz – wéi soss och bei der d'Demokratescher Partei – d'Erfolleg an d'Mësserfolleg vun der Schoul ze miessen, beziehungsweise fir eng méi effizient Schoulplanung – esou nach ëmmer d'Mme Polfer – wéi bis elo ze garantéieren a méi schnell op d'Eraus-fuerderunge kënnen ze reagieren.

Nu vun deem Observatoire, deen an aller Transparenz d'Erfolleg an d'Mësserfolleg an der Lëtzebuerger Schoul moosse soll, huet een nach net ganz vill Konkretes héieren. Et soll awer, wéi ech mir soe gelooss hunn, ee Beamte Statistike maachen. Dat ass also de statisteschen Hochsitz an der Schoul. 2 1/2 Joer sinn zënter dem August 1999 erëm, wou ass dëst Material, froen ech hei, opgrond vun deem ee Konklusiounen zéie kann, fir op d'Erausfuerderung vun der Lëtzebuerger Schoul ze reagieren.

Wann zum Beispill an enger Klass vum Schoulgebaai X duebel esou vill Echece si wéi an därselwechter Klass vum Schoulgebaai Y, gëtt da reagéiert? Dat ass meng Fro. Mä elo brauche mir jo keen Observatoire méi mat DP-Transparenz, PISA läit vir mat wierklecher Transparenz. Lëtzebuerg, eent vun de räichste Länner vun der Welt, läit am leschte Wagon vun dësem Test.

2 1/2 Joer CSV-DP-Regierung, 2 1/2 DP-Educatiouns-ministère. Bei allem Respekt virun der Mme Brasseur, dat soen ech hei, hei ass näischt Erfreelechtes ze verzechnen, och wann een hir selbstverständlech als Persoun elo net kann d'Responsabilitéit vun de Resultater ukräiden. „Eine Bildungsoffensive für Luxemburg“, sot d'DP 1999. A well et esou schéin ass, wëll ech et nach eng Kéier zitieren: „Seit rund 20 Jahren wird die Unterrichtspolitik in Luxemburg maßgeblich von der CSV bestimmt. Die Bilanz dieser Politik ist angesichts der erschreckenden Zahlen und zahlreichen Missständen als katastrophal zu bezeichnen und das Resultat ist eine Schule des Misserfolgs.“ Dat souz. „Wir brauchen eine Schule des Erfolgs. Die Programme straffen nach dem Motto: Weniger ist mehr“, an esou weider.

Nun, ech froe mech, wéi d'Schüler an d'Kanner zu Lëtzebuerg reagieren, wa se héieren, dass déi gréissten an éischte Suerg, nodeem dass d'PISA-Studië bekannt ginn ass, vun deene Schwaarzen a vun deene Bloen déi ass, fir emol een deem aneren d'Schold dohinner ze geheien.

D'DP seet iwwert hir Jeunesse Démocratique, dass d'Etüd op 2000 zrëckgeet a folglech d'Mme Brasseur nach am Stage am Ministère war, also eleng déi Schwaarz responsabel musse sinn.

D'CSV seet iwwert d'CSJ an och dem LCGB – dat däerf een net vergiessen –, dass d'Mme Brasseur zënter 2 1/2 Joer vill Damp produzéiere géif, mä um Fong kläglech verseet. D'Mme Brasseur seet: Keng Panik, wann ech glift, nom bekannte Sprachwuert vum Konfuzius: Esou laang mer falen, si mer nach net ënnen ukomm.

(Hilarité)

Mat onendlechen Diskussiounen iwwert d'Schoul-fräizäit oder esou raffinéierte Proposé wéi de Reliounsunterricht nees als Promotiounsfach anze-féieren – an dat, Här President, ass vun engem CSV-Minister mat Numm Dupong zënter 1968 eigentlich keen Thema méi am Sënn vun enger méi offener öffentlecher Schoul –, oder mat Slogane wéi „back to basics“, „liese, schreiwen, rechnen“, an ëmgedréint, mat esou Approchen ass keng Offensiv an eisem Schoulssystem ze maachen.

D'Educatiounsministesch, d'Mme Brasseur, speziell wa se seet, et soll een net polemiséieren iwwert d'PISA-Studië an hir Suiten, déi spillt awer do ganz konsequent mam Kuerzzäitgedächtnis vun de Lëtzebuerger. D'DP

huet d'Wahlen 1999 zum Deel gewonnen – esou soen d'Analysten et wéinegstens –, well se verstanen hat, d'Thema Schoul zu Lëtzebuerg héich ze puschen, d'Schoul als katastrophal ze bezechnen, a se domat Stëmme gefaangen huet bei guttgleewege Leit.

Elo kann d'Demokratesch Partei, wou PISA virläit, net op eemol vun engem gesamte Gesellschaftsproblem schwätzen oder vun enger Ierfschaft, déi net richteg ze paken ass.

De Wieler huet niewent sengem Kuerzzäitgedächtnis och e Laangzäitgedächtnis. Hie weess, dass wann d'DP elo a Saache Schoulpolitik wéi d'Kaz um Schläifstee sëtzt, se dann de Mond ze voll geholl hat an dass se amgaang ass, sech ze verhiewen.

Mat enger neier Fibel, mat neien Diskussiounsrinnen, mat neie Vokabelen oder méi Vokabele léieren oder och mat méi Wäert op d'Hausaufgabe leeën ass de Problem net ze léisen. Als LSAP, soen ech, hëllef mer gären, och an der Oppositoun, fir d'Kar aus dem Dreck ze zéien, wann eng kloer Linn an d'Bildungspolitik kënnt a kloer Ziler definéiert ginn, déi unzestriewe sinn.

Mir hoffen – an da kucken ech e wéineg op déi riets Säit –, awer och, dass déi grouss a mächtég CSV genuch Demut opbréngt an och genuch Bescheidenheet opbréngt, wéi d'Mme Stein et elo grad gesot huet, fir sech an de Spigel ze kucken an dës Placéierung a Saache Lëtzeburger Schoul als Resultat vun 20 Joer CSV-Politik an deem Beräich richteg anzeschätze weess.

Leider huet de Robert Krieps 1979 seng Reformvirstellungen net weiderféiere kënnen, wéi déi an der sozial-liberaler Koalitioun vun 1974-1979 an d'Wee geleet gi waren. Stelle mer eis nëmmen eng Minutt, vläicht souguer nëmmen eng Sekund vir, d'PISA-Studië géif virleien an d'Responsabilitéit vun där Studië léich net bei der CSV, mä bei enger anerer Partei, da géif et nëmmen am Land esou bottere vu swaarze Kanounen.

Mä ech woen, ouni elo hei selbstverständlech Professor wëllen ze spillen, der CSV un d'Häerz ze leeën op engem anere Gebitt, wou se zënter zwielef Joer elo d'Soen huet, nämlech der Justiz, sech ze froen, ob do net ähnlech Katastrophales sech erausstellt, sollt de Fonctionnement vun der Justiz eng Kéier analyséiert ginn.

De leschte Freideg hu mer de Statsminister Jean-Claude Juncker a senger typescher an üblecher Roll als Atlas vun der Lëtzeburger Politik erlieft a Besuch op d'Telefonsaffär. Ech wëll zwou Remarken dozou maachen:

Éischtens zu deem, wat e gesot huet zur Persoun vum Michel Wolter. Wann een noliest, wat den Här Juncker am Joer 2000, dat ass jo nach net ganz laang hier, hei an der Chamber op darselwechter Plaz gesot huet am Kontext vum Här Wolter, an ech zitieren den Här

Juncker Wuert fir Wuert: „A wann de Minister Wolter der Meenung ass, e bräicht sech net vun all Mënsch hei am Land onwiddersprach soen ze loosse, en hätt seng Steieren net bezuelt oder Steieren hannerzunn, an e sech dogéint gerichtelech wiert, well politesch kann e sech, contrairement zu deem, wat hei gesot ginn ass, net dergéint wieren, dann ass dat säi gutt Recht.“ Huet den Här Juncker gesot a Saache Gerichtsaffär vum Här Wolter. Originaltoun vum 11.10.2000 hei an der Chamber.

Originaltoun elo vum 7.12. 2001 an der Press. Ech weess et net Wuert fir Wuert, mä esou hunn ech et verstanen, sot den Här Statsminister Juncker dem Här Wolter ënnert véier Aen wéi ënnert 150 Ae: „... dass een als Minister ni ee Prozess géint keen, och net géint ee Journalist féiere soll, mä ech kann der Privatpersoun Wolter hei näischt virschreien“.

Den aarmen Här Wolter. Bei esou engem Chef, wou soll een do nach wëssen, wat en däerf oder wat ee maache soll. Mä dat ass ebe statsministerlech.

Allerdings kann ee sech eeschtlech d'Fro stellen, ob den Här Statsminister Juncker d'Privatpersoun Wolter an der Regierung huet oder de Minister Wolter. A wann et de Minister Wolter sollt sinn, dann huet eise Grand-Duc ee Problem mat senger Regierung, well d'Solidaritéit ënnert de Ministeren an hirer politescher Démarche ass do net méi ginn. Och doriwwer sollt den Här Juncker sech Gedanke maachen an eng Kéier mat eisem Grand-Duc sech doriwwer de Kapp zerbréchen.

Wat de Fong ugeet. D'Lëtzeburger Politik brauch an eisen Aen net d'„états d'âme“ vum Jean-Claude Juncker als Citoyen. Si brauch déi guer net gewuer ze ginn, fir dass se virukënnt, mä zolidd Aarbecht ass gefrot vun der Regierung no der Debatt a Saachen Telefonsaffär vum Oktober 2000. De Pegel vun där Aarbecht, dat konnte mer d'lescht Woch hei feststellen, ass null um wesentleche Punkt vun de Retracementer.

Net d'Riichter hu vun de Politiker gesot ze kréien, wéi si d'Gesetzer uwenne sollen, uwenden däerfen oder uwenne mussen, mä de Législateur muss Gesetzer maachen, déi ganz klor d'Kompetenze vun de Riichter definéieren am Interesse vun enger gudder Justiz. Esou fonctionnéiert, Här President, e Rechtsstat, an net mat „coups d'éclat“ oder mat „états d'âme“ vun engem Regierungsmember.

D'Meenung vun der Privatpersoun Jean-Claude Juncker a Saachen Appréciation vun der Aarbecht vum Untersuchungsriichter ass theatralesch.

D'Meenung vun der Privatpersoun Jean-Claude Juncker a Saachen Appréciation vun der Aarbecht vun Untersuchungsriichter ass theatralesch flott ze inszenéieren op der Televisioun. Dat bréngt d'Land kee Jota weider. Wat d'Chamber verlaangt hat, war näischt Onméiglech. Et war e Gesetz maachen an enger Zäit vu 14

Méint, dat d'Retracementer vun Telefone bei banalen Infraktiounen astellt, net nëmmen an eiser Fraktioun, mä iwwerall am Land, well all Mënsch, Här President, d'lescht Joer wéi och dëst Joer, grad wéi och de Citoyen Jean-Claude Juncker, sech eens war, dass ze reagéieren ass um legislative Plang.

14 Méint laang gëtt ganz vill China-Politik, Vietnam-Politik an CDU-Politik gemaach, mä am Statsministère gëtt eigentlech keng Lëtzebuurger Politik gemaach, fir zu Lëtzebuerg déi elementar Grondfräiheeten, wéi fräi kënnen ze telefonéieren, eeschtlech ofzesécheren.

Här President, ech hunn net ganz vill Zäit, dofir kommen ech zur Konklusioun.

Dëse Budget 2002 ass en Zuelespill, opgestallt vun den CSV- an DP-Gréissten, fir dem Land virzegaukelen, dass dës Regierung déi mëtschgeiwegst wier zënter dass eist Land besteet. Dobäi ass dës Regierung an eisen An näischt anescht wéi e Pouhunn, dee vu lauter Houfert net méi weess, wou en hierkënt a wou en hi wëllt.

D'Joren 1999-2004, sollt et esou laang goen an der Lëtzebuurger Politik, wäerten an d'Geschicht agoen als Jore vun der verkappter a mësslongener Offensiv a vun der offener konsequenter schwaarzer Defensiv, eng Zäit, déi trotz deem ville Geld am Statsbeidel eng fad Zäit an eiser Politik war, eng langweileg, wou eng réckstänneg Politik produzéiert gouf.

Mir wëllen eis net un deem Misär bedeelegen. Dofir stëmme mer mat grousser Iwwerzeegung géint dëse Budget.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Weiler freet d'Wuert fir dem Här Asselborn eng Fro ze stellen.

M. Lucien Weiler (CSV)- Här President, den Här Asselborn huet elo just a senger Interventioun gesot, datt d'Politiker net d'Recht hätten, de Riichter ze soen, wéi se d'Gesetzer sollen applizéieren.

Ech froen dann den Här Asselborn, wéi en déi Interventioun, déi säi Fraktiounschef d'lescht Woch hei op der Chambertribün gemaach huet, wou e gesot huet, dat wat den Untersuchungsriichter an där Affär géif maachen, wier disproportionéiert par rapport zu deem, wat den Enjeu vun der Affär wär, apprécieiert.

M. Jean Asselborn (LSAP)- Här President, ech huele jo un, dass den Här Weiler bei der Saach war, wéi ech hei geschwat hunn. Ech hu vum Statsminister geschwat an ech hu vun deem „état d'âme" geschwat, deen en zum Beschte ginn huet, wou hie sech opgereecht huet iwwert d'Virgehensweis vun der Justiz.

Ech soen dat an allem Eescht hei, an dat ass guer net a Kontradiktioun mat deem, wat den Här Krecké d'lescht Woch hei gesot huet. Et ass net un eis Politiker de Riichter ze soen, wéi se solle virgoen. Et ass un eis

Politiker, fir Konditiounen ze schafen, dass d'Riichter ganz kloer wëssen, wou hir Kompetenze sinn a wou se net sinn.

Dat ass de Punkt, Här President, an ech mengen, domat war ech kloer.

M. Lucien Weiler (CSV)- Här President, den Här Asselborn äntwert einfach net op d'Fro. Den Här Juncker huet hoergenee datselwecht gesot iwwert d'Riichter, wéi dat wat den Här Krecké hei op der Chambertribün gesot huet. Den Här Asselborn kritiséiert dat, wat den Här Juncker gesot huet, also misst en en bonne logique och dat kritiséieren wat den Här Krecké hei op der Tribün gesot huet.

M. Lucien Clement (CSV)- Dann hat en dem Här Krecké net nogelauschtert!

M. Jeannot Krecké (LSAP)- Här Weiler, wann Dir elo probéiert, deeselwechte Wee ze goen, deen eenzel Leit scho probéiert hunn, fir eis ausenaner ze dividéieren, dann iert Der lech.

M. Lucien Weiler (CSV)- De Problem ass just, Här President, den Här Krecké an den Här Asselborn äntweren net op déi onkamoud Froen.

M. Jean Asselborn (LSAP)- Här President, ech wollt just dem Här Weiler soen, dass ech e fir esou intelligent halen, dass en en Ennerscheid mécht tëschent deem, wat ech elo hei gesot hunn, an deem, wat den Här Juncker gesot huet de leschte Freideg par rapport zu der Justiz. Wann en dat net fäerdeg bréngt, dann hate mer Pech.

M. le Président.- D'Mme Agny Durdu huet elo d'Wuert.

Mme Agny Durdu (DP)- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert net iwwert d'Justiz schwätzen, mä iwwert d'Educatiounspolitik.

D'Educatiounspolitik ass eng Politik, déi hei am Land extrem vill Leit interesséiert, an ech mengen, et ass och eng Politik, déi grad esou wichteg ass. Eis Regierung ass sech däärs voll bewusst, eleng wann ee gesäit, mat wéivill finanziellem Opwand dës Ministère sech am Budget nidderschléit: 636 Milliounen Euro.

D'Mëttel fir Educatiounspolitik ze maache sinn also do, mä ech wëllt awer ganz kloer heibannen eppes gesot hunn: D'Suen eleng ginn an dësem Beräich bei wäitem net duer, well et ass ewell ganz laang gewosst, datt Lëtzebuerg e Schoulsystem huet, deen zu deenen allerdeierste gehéiert an deen net déi Resultater opzeweisen huet, déi mer eis am Fong, wann een déi finanziell Ausgabe gesäit, kënnnten erwaarden. Ech mengen, d'PISA-Etüd ass deen allerbeschte Bewäis dofir.

Et muss ee sech froen, wéi sinn dann elo eigentlech alleguer déi Suen, déi an deene leschte Jore verschafft gi sinn, ugewannt ginn. Ech mengen, d'PISA-Etüd ass ganz

kloer en Opruff un d'Politik, fir ze kucken, datt déi Suen, déi mer elo an deenen nächste Jore wäerte virgesinn, effikass an effizient agesat ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëschter an de Moien ass ganz vill iwwer Educationspolitik geschwat ginn. Déi eng maache Polemik pur. Dat si mer vun deene gewinnt. D'LSAP mengt soen ze missen, d'Schoulpolitik vun der Regierung wier e Fléckwierk, ouni awer ze soen, wat si da selwer u konkrete Mesurë géing virgesinn an ouni sech drun ze erënneren, datt si emol eng Kéier 15 Joer an der Regierung wor an als Regierungspartner och hire Beitrag an der Schoulpolitik ze droe gehat hätt.

Dann hu mer nach eng aner Partei, déi fir d'éischt ganz besuergt gefrot huet, wou ass dann Är Schoulpolitik, fir elo dëst Joer zur Konklusioun ze kommen, datt eng Bildungsoffensiv net dierft sinn, well si jo net am Accord de coalition virgesinn ass.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir schwätzt jo vun der CSV!

Mme Agny Durdu (DP).- Jo, jo, stellt lech emol vir!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn dëse Gespréicher mat ganz vill Interesse nogelauschtert an ech soen lech, datt mir wäerten an deem dote Beräich rouegt Blut behalen a mir wäerten eis Bildungsoffensiv nawell duerchsetzen.

(Interruptions diverses)

Bildungsoffensiv huet fir eis nach ni geheescht, och wann d'Leit dat vläicht gemengt haten, datt wa mir géifen an d'Regierung kommen, da géife mir vun haut op muer alles zur Dier eraus puchen. Dat wor ni dat, wat mir gesot hunn.

Spéitstens als Regierungspartei gëtt jidderee sech bewosst, datt d'Schoul e Betrib ass, dee kontinuierlech leeft.

(Interruptions diverses)

Wann een dann eng Offensiv wëllt, da kann een net e Betrib vun haut op muer total ëmkrempelen, respektiv esouguer soen, elo maache mer emol während engem Joer d'Dieren zou. Also muss een déi Reformen, déi ee wëllt, och kontinuierlech afléisse loossen. Vläch si se dann net jidderengem genehm, well se méi kleng sinn a vläch heiansdo och e bësse méi bescheiden ausgesinn.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Oder vläch net ze gesi sinn!

Mme Agny Durdu (DP).- Mä dofir si se awer bestëmmt villméi effikass wéi grouss Theorië vu sech ze ginn.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir huet dat kubanescht Spréchwuert jo eescht: Wien nuets schléift, huet am Dag och e bëssen Usproch op Rou? Ech hunn d'Impressioun, datt Dir dat ganz eescht huet an der Bildungspolitik.

M. le Président.- Ech géing lech bieden, d'Riednerin net dauernd ze ënnerbriechen. Loosst se dach hir Iddien an hir Gedanken hei richteg entwéckelen. An, Mme Durdu, loosst lech och net provozéieren an aus dem Konzept bréngen. Schwätzt schéi propper weider.

Mme Agny Durdu (DP).- Merci, Här President, fir Är Ënnerstëtzung. Ech hat jo gesot, ech géif meng Rou behalen. Da probéieren ech deem och nozekommen.

Här Krecké, ech sinn iwwerzeegt, datt mir eis Iddi wäerten op laang Siicht duerchsetzen, mä datt mer se garantéiert net op Null-Komma-Nix duerchsetzen, well et huet jo schliesslech laang gebraucht, fir eisen Educationssystem dohinner ze kréien, wou mer en haut hunn. Da musst Der eis e bëssen Zäit ginn, fir en erëm dohinner ze kréien, wou en higehéiert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Gitt lech fir d'éischt mat der CSV eens!

Mme Agny Durdu (DP).- Ech ginn och ganz gutt eens mat lech!

D'PISA-Etüd huet eis alleguer gerëselt, mä et wier awer falsch, wann elo d'Bildungsministesch géif a Panik verfallen. Well wat géif et eis notzen an dëser Situatioun a Panik ze geroode? D'Situatioun ass do, mir musse mat hir eens ginn an draus erauskommen. Ech hoffe just, datt elo jiddereen definitiv begraff huet, datt mer musse Reforme maachen an datt et heiansdo méi wichteg ass kleng konkret Schrëtt ze maachen, wéi sech jorelaang an intellektuelle Philosophien erëm ze klappen a sech ze verléieren.

Ech hoffen, datt wa mer elo déi PISA-Etüd, esougutt am Ministère wéi och an der Chamber, wäerte méi genau analyséieren, wéi mer se an der Kommissioun virgestallt kruten, datt dann och jidderee vun deene Beträffenen, deen ewell an der Schoul ass, sech selwer a Fro stellt a freet: Wat hu mer ze maachen?

M. Jos Scheuer (LSAP).- Gleeft Dir dann dorunner?

Mme Agny Durdu (DP).- Ech gleewen dorunner!

M. Jos Scheuer (LSAP).- Seriö?

Mme Agny Durdu (DP).- Vu datt mer jo hei zum Budget schwätzen, wollt ech elo méi konkret zur Analys vum Budget kommen a kucken, wou dann d'Bildungsoffensiv sech an dësem Budget erëmispigelt.

Insgesamt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, chiffriert sech de Budget fir 2002 am Beräich vum Enseignement secondaire op 105 Milliounen Euro. Dat mécht eng Augmentatioun vun 9%.

Am Enseignement secondaire technique hu mer eng Augmentatioun vun 13% par rapport zum leschte Joer.

Dëst ass zu engem ganz groussen Deel op de Renforcement vum Léierpersonal zréckzeféieren, dat mer brauchen an deenen eenzelne Secteuren. Dës Regierung huet decidéiert, fir d'Hänn net an de Schouss ze leeën.

Am Joer 2000/2001 goufen 127 Stagiären age stellt, am Joer 2001/2002 woren et der 165 a fir d'nächst Joer sinn 170 Poste virgesinn.

Ähnlech Augmentatioune stelle mer am Primär fest, well vu datt d'Kannerzuel eropgeet, ginn natierlech d'Besoine fir Léierpersonal ze engagéieren ëmmer méi grouss.

Här President, gëschter an och nach de Moien ass ganz vill vu Schoulinfrastrukture geschwat ginn. De Claude Wiseler, deen iwwregens en excellente Rapport gemaach huet, huet ganz prezis opgestallt, datt mer 8,5 Joer brauchen fir e Lycée ze bauen. Jiddereen heibannen ass jo der Meinung, dat wier vill zevill laang.

Abee, d'Mme Minister vun der Education nationale mécht ab 2002 hiren Apport dozou, fir ze kucken, wéi mer méi effikass kënnen schaffen. Et ass e Kredit virgesi vu 70.000 Euro, fir eng Etüd ze maachen iwwert d'Konzeptioun vum Espace scolaire. Dat heescht, dës Etüd soll d'Konstruktiounsprogrammer vun deene sechs neie Lycéeën standardiséieren.

An da kréie mer virgeworf: Wou bleiwen dann Är Lycéesgebaier? Och do wëll ech soen, datt konkret Schrëtt ënnerholl gi sinn, a quitte, datt et elo net de Ministère vun der Education nationale betrëfft, esou dierf ech awer soen, datt dës Regierung absolut Neel mat Käpp mécht.

De Projet de loi vum Lycée vu Péiteng ass den 3. Dezember deponéiert ginn. An der Educationskommissioun huet d'Mme Brasseur eis matgedeelt, datt deen Dikrecher Projet drop an drun ass fir deponéiert ze ginn an ech freeë mech drop, fir am neie Joer eng Commission jointe ze maache mat der Bautekommissioun, wou mer déi zwee Projetë wäerten analyséieren.

Mir hunn nach dräi aner Lycéeën, déi am Raum stinn. Fir deen zu Réide sinn d'Terrainen opkaaft. Zu Jonglënster sinn Arrangementen mat der Gemeng geholl ginn an zu Ierpeldeng/Ettelbréck sinn Négociatiounen amgaang tëschent dem Ministère de l'Intérieur an deene betraffene Gemengen. Ech mengen, besser kënnt een awer net beweisen, datt dës Regierung an deem Beräich ganz gutt schafft an absolut wakreg drop lass geet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an der Aarbechtswelt ass vun extrem grousser Wichtigkeet. Dat wor nach ëmmer eis Iwwerzeugung. D'Reform vum Apprentissage ass och amgaang. De Comité consultatif à la formation professionnelle et à caractère tripartite huet sech zum Beispill op d'Artikulation tëschent Apprentissage am Enseignement secondaire technique an der Relatioun tëschent den eenzelne Formatiounsniveaue konzentriert. Wann hie seng Recherchen ofgeschloss huet, wäert de Projet de loi deponéiert ginn. Doru gesäit een,

datt d'Ministesch mat System schafft, mä doriwwer eraus huet se awer och ganz konkret Mesurë geholl, well et ass elo ewell schonn den CATP fir den Assistant en pharmacie an den CATP fir den Informaticien qualifizéiert gefouert ginn, eng Mëschung also tëschent Système à moyen et à long terme a ganz konkrete Mesuren.

Markant ass awer och, wann een dëse Budget liest, d'Hausse vun de Kreditter am Kader vun der Formation professionnelle. De Budget 2002 weist hei eng Progressioun vun iwwer 52% op.

D'Kreditter fir d'Indemnisation vun den Apprentis-adultes erhéije sech zum Beispill ëm 969.000 Euro an déi fir d'Participatioun un de Fräe vun der Formation continue vun den Entreprises ëm ronn sechs Milliounen Euro.

Den INFPC, dee sech ëm d'Gestioun vun den Dossiere vun den Entreprises bekëmmert, kritt am Budget 2002 eng Augmentatioun vun 142%.

Fir d'DP geet et also ganz kloer ëm eng Symbios an eng Zesummenaarbecht tëschent Aarbechtswelt a Schoul.

D'Formation des adultes huet dëst Joer eng Augmentatioun am Budget zegutt vu 25,36%. Do ass de Centre des Langues mat virop, wouriwwer mer eis natierlech alleguer freeën.

Här President, eng Educationspolitik, esou wéi mir eis se virgestallt hunn, probéiert natierlech op d'Besoine vun deem eenzelne Kand anzegoen. Am Budget 2002 konnte mer liesen, datt zum Beispill an der Education différenciée d'Indemnitéiten, déi am Kader vun de schouleschen Integratiounsmesurë gebraucht ginn, ëm iwwer 42% klammen. Gläichzäiteg ginn d'Kreditter, déi de Fonctionnement vun den eenzelne Centres d'éducation différenciée sollen assuréieren, der Evolutioun vun de Schülerzuelen ugepasst.

D'Pédagogie de la deuxième chance huet hiren Nidderschlag fonnt am Budget. A bei der Integratioun vun net-Lëtzebuerger Kanner stelle mer fest, datt véier Médiateurs interculturels age stellt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Schoulpolitik, déi sech kompetent wëllt, brauch natierlech och prezis Zuelen. Ech stelle mat Genuech-tung fest, datt den Développement vum informatiséierte Gestiounssystem vun de Schüler gemaach ass. No enger Testphas an zwee Lycéeën ass dëse System elo schaffbereet an operationell fir d'Rentrée.

Ausserdeem huet eis Regierung, fir d'Organisatioun am Primär besser ze gëreieren, regional Zentren virgesinn, wou d'Inspektorat kann drop zréckgräifen, wou et all Informatiounen fënnt an didaktesch Mëttel, wéi een d'Affektatioun vun de Suppléanten am Primär kann organiséieren. Hei ass eng Dépense virgesi vun 2.133.000 Euro.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu probéiert op eenzelne Punkten, eleng wann ech elo de Budget analyséieren, drop hinzeweisen, wou d'Bildungsoffensiv sech am Budget ëmschléit. Et ass e Budget mat Profil, och am Educatiounsberäich, an et ass e Profil, deen néideg ass fir eis Kanner, déi muer sollen op de Marché du travail lassgelooss ginn.

Mä Suen, an ech soen dat nach eng Kéier hei mat aller Nodrëcklechkeet, ginn an dësem Beräich net duer. Hei mussen all Schoulpartner: Enseignanten, Schüler, Elteren a Ministère, hir Responsabilitéit iwwerhuelen an hir Efforte bündelen. Suen eleng ginn net duer. D'Défië si gestallt. D'DP als Regierungspartei huet deen Défi opgeholl an ech kann hir nëmmen eis vollsten Ënnerstützung ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Colombera.

M. Jean Colombera (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank vu menger Interventioun wëllt ech e puer Iwwerleeungen iwwert d'Éierlechkeet vun der Politik am Allgemengen a vum Politiker individuell virbréngen.

Ech stelle mir oft d'Fro, ob e Politiker, dee mat gudden Intentiounen seng Carrière ugefaangen huet, am Laf vun der Zäit nach éierlech ka sinn oder därerf sinn, well e jo lues a lues an de perfide Mechanismus vun engem onperséinleche Machtapparat verfält, wou et him zu gudder Lescht net méi méiglech ass ze ënnerscheeden, wat gutt oder schlecht ass, an hien domat zum Sklav vun engem knallhaarde System gëtt.

Leschte Mëttwoch hu mir hei am Parlament erëm eng Kéier bewise kritt, wéi onéierlech Politik ka sinn. Jiddereen heibanne war dofir, fir de Chargé-de-coursen ze hëllefen, a wéi et drëms gaangen ass, fir konstruktiv zesummen ze schaffen, do ass dat agetratt, wat äusserst lamentabel war, nämlech d'Regierungsparteien hunn d'Iddië vun den Oppositounsparteien, déi a Form vu Motiounen vum Här Fayot engersäits a vu mengem Fraktiounskolleeg Jacques-Yves Henckes anerersäits abruecht gi waren – Motiounen, déi ganz gutt woren, dat muss ech hei betounen –, einfach net zur Ofstëmmung komme gelooss, an dat an enger Demokratie.

Kee Wonner, Dir Dammen an Dir Hären, dass bei esou Machenshafte vill Leit, an op kee Fall déi Jonk, sech wäerte fir d'Politik interesséieren. Dat do ass net éierlech. Et ass onéierlech an onwürdeg fir eng sou genannt ziviliséiert Gesellschaft.

De Budget 2002 verfollegt politesch Richtlinien, déi d'Regierung sech gesat huet, huet awer fir de Bierger e schlechten Arrière-goût. Mäi Fraktiounskolleeg Gast Gibéryen huet mat Recht gëschter op verschidden Diskrepanzen higewisen. Wann eng Famill 5 Milliounen

pro Joer verdingt, da kritt se dem neie Steiergesetz no eng Tut – ech zitieren – mat 327.000 Frang guttgeschriwwen. Wann eng Famill 1,2 Milliounen pro Joer verdingt, da kritt se eng Tut Loft. Dat ass en Ënnerschied vun 327.000 Eenheeten. Gott sei Dank, dass elo den Euro kennt, da gëtt den Ënnerschied optesch méi kleng. Déi Famill mat 5 Milliounen kritt 8.100 Euro an déi mat 1,2 Milliounen kritt null Euro. Et bleift nach ëmmer een Ënnerschied vun 8.100 Eenheeten. Et gesäit sech just besser un.

Wann ech bedenken, dass herno d'Majoritéitsparteien alleguer sech eens sinn – an ech kenne verschidde Leit vun de Majoritéitsparteien, déi mam Kapp wénke mussen –, fir dëse Budget ze stëmmen. Dat nennen ech eng onéierlech Politik. Ech sinn der Meenung, dass wann hei keng Parteipolitik géif gemaach ginn an et wäere 60 Deputéierten, déi ouni Partei kënten handelen, dëse Budget net gestëmmt géif ginn.

(Interruptions diverses)

Des voix.- Haalt op mat stëppelen.

M. le Président.- Här Colombera, et ass net un lech, fir hei Schoulmeeschter ze spillen, hei huet all Deputéierten d'Recht seng Meenung ze soen. Wann d'Diskussioun eriwwe ass, da gëtt ofgestëmmt an d'Majoritéit decidéiert. Dat ass d'Gesetz vun der Demokratie hei zu Lëtzebuerg an an allen demokratesche Länner. Et ass net, fir hei Schoulmeeschter ze spillen an deenen aneren ze soen, wat se ze maachen hunn.

M. Jean Colombera (ADR). - Här President, ech hu gesot, wann hei keng Parteie wieren.

Gëschter hu mer gesinn, wéi onéierlech d'Politiker sinn. Den Här Weiler huet op eng blamabel Aart a Weis d'Educatiounsministesch hei blaméiert. Amplaz ze soen, Mme Minister, mir bauen lech op, wat huet den Här Weiler gemaach? En huet se einfach ofgeschriwwen.

Mme Nicklaus-Faber, Dir sidd d'Presidentin vun der Commission de l'Egalité des chances. Ech protestéieren offiziell. Sot Ärem Kolleeg Weiler, dass hien hei fir d'éischt Gentleman muss sinn.

M. le Président.- Här Colombera, Dir wend lech hei un d'Chamber an u soss keen. Et ass net, fir hei „bonnes-notes“ auszedeele un deen een an un deen aneren. Dat ass jiddefalls net üblech. Et soll ee grondsätzlech zu deem schwätzen, wat virläit. Wat de Moment virläit, dat ass de Budget fir d'nächst Joer, an Dir sollt zu deem Stellung huelen.

M. Jean Colombera (ADR). - Merci, Här President.

(Hilarité)

De Rapporteur vum Budget, den Här Wiseler, huet am Ufank vu senger Interventioun gesot, et wär him eng Eier, fir de Budgetsrapport ze presentéieren. Nodeems den Här Wiseler de Rapport hei op der Tribün virgedroen

hat, hat ech d'Impressioun, dass hien e Stéck vu senger Perséinlechkeet opginn hat. Hien huet sech net a senger Roll als Budgetsrapporteur wuel gefillt an ech sinn d'Gefill net lass ginn, dass den Här Wiseler sech wëllt fir déi knallhaart Finanzpolitik vun der Regierung entschëllegen.

Sechs oder siwe Mol huet en auslännesch Schrëftsteller a Politiker zitéiert, fir d'Lëtzebuurger Finanzpolitik ze rechtfertegen. Mir als ADR kënnen net mat verschiddenen Akzenter, déi den Här Wiseler gesat huet, esou d'accord sinn, obschonns mir him fir säi Rapport félicitéieren.

(Hilarité)

(Interruptions diverses)

Une voix.- Dir heescht net Colombera mä Girardelli!

Une autre voix.- Dir verléiert véier Punkten am Führerschäin.

M. Jean Colombera (ADR).- Mir hunn héieren, wéi den Här Wiseler sech mat der Rechenkonscht auserneegesat huet, wéivill Euro a Fongen an der Erzéiungspolitik, an der Familljepolitik zousätzlech géifen investéiert ginn, eng Rechenkonscht, déi haaptsächlech derzou geféiert huet, dass eng ganz Rei vun Deputéierten a Ministeren heibannen an een Dämmerschlof verfall sinn an net méi richtig nogelauschtert hunn, an dunn huet den Här Wiseler d'Kaz aus dem Sak gelooss.

Et ass ugaange mam Zitat: „Ce qui est simple est faux“. Dat heescht, wat einfach ass, ass falsch, also wat schwéier ass, ass richtig.

Elo versti mir, firwat dass hei am Land eng Schoul aacht bis zéng Joer brauch, bis dass se gebaut ass.

Elo versti mir, firwat dass nach kee Rehazenter gebaut ginn ass.

Elo versti mir, firwat dass Leit zwee Joer mussen waarden, bis dass se d'TVA zrëckkréien.

Elo versti mir, firwat dass Leit, déi Avancé maachen, keng Zësen op hir Avancé kréien, wa se zevill bezuelt hunn.

D'Regierung ass géint den einfache Wee a jiddferen heibannen huet matkritt, wéi den Här Wiseler dës Situatioun zur gläicher Zäit justifizéiert a bedauert huet. Zitat: „D'Gesellschaft huet Blocagen, leider dauert et bei eis ëmmer e bësse méi laang“.

Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn déi berühmt 180°-Kéieren, déi mir esou oft hei scho gesinn hunn.

Ech fuere weider mat Zitater: „Lëtzebuerg muss sech Reserven alleeën, et kann och méi lues goen“.

M. Lucien Clement (CSV).- Wiem sot Dir et?

(Hilarité)

M. Jean Colombera (ADR).- „Mir mussen prett sinn, wann et méi lues geet“.

Ech froen den Här Rapporteur, wien hie mat dem Begrëff „mir“ wuel gemengt huet?

M. Lucien Clement (CSV).- Et ass gutt, dass Dir selwer laacht.

M. Jean Colombera (ADR).- Wien ass gemengt, wann hie vu „mir mussen“ schwätzt?

Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mir d'Méi gemaach, fir de Fënnfjoresplang vun der Regierung nozekucken, dee vun 2001 bis 2005 geet, fir erauszefannen, wou dann déi Reserven ugeluegt sinn. Do gesi mer, dass d'Transportpolitik gefördert gëtt mat enger Erweiterung vum Schinnennetz. Dat ass ganz gutt. Dass dem Ennvironnement méi Rechnung gedroe gëtt. Dat ass och ganz gutt. All déi aner Ressorte bleiwe plus a minus stabill, ausser engem, an dat ass de Ressort vun den Affaires étrangères. Hei fält op, dass de Fong vun der militärescher Ausrüstung am Joer 2002 mat 100 Milliounen gespeist gëtt an dass d'Joren 2003, 2004 an 2005 mat 900 Milliounen bis 1 Milliard pro Joer programmiert sinn.

D'Regierung wëllt déi militäresch Ausgaben drastesch erhéijen, vun 0,92% vum PIB bis op 2,2% vum PIB, an dat an engem Zäitraum vu fënnf Joer. Et soll an d'Ausrüstung vun de Lëtzebuurger Zaldoten an a lichte Panzeren investéiert ginn, mä och an ee Militärfliiger an an een Deel vun engem Militärtransportschëff.

Sollen eis Reserven esou ugeluegt ginn?

De Risiko besteet jo awer, dass wann ee gutt ausgerüst ass, dann och d'Probabilitéit méi grouss ass, fir an engem Krich matzewierken, haaptsächlech nom 11. September, wou jo alles méiglech ass.

Kéint een dës Reserven net fir aner Zwecker gebrauchen?

Mir dierfen net vergiessen, dass den heitege Räichtum vun eisen Elteren a Grousselteren erwirtschaft ginn ass. Dës Persounen sinn haut eeler Leit a wëlle gären e schéine Liewensowend genéissen. Wann ech bedenken, dass laang Waardelësche bestinn, fir an een Altersheim ze kommen, a wann ech bedenken, dass d'Generalsekretärin vun der Amiperas, d'Mme Mangers, all Joer erëm op en Neits drop hiweist, dass de Budget fir de Service „Vun Dier zu Dier“ net ordentlich garantéiert ka ginn, well net genuch am Budget fir d'Amiperas virgesinn ass, dann ass dat an eisen Aen e Verrot un deene Leit, déi hir ganz Liewensenergie geaffert hunn, fir aus Lëtzebuerg dat ze maachen, wat et haut ass. Ouni eis eeler Generatiounen wär haut keng Prosperitéit zu Lëtzebuerg, an als Dank dofir kréien déi eeler Leit emol keen uerdentleche Subsid.

Un Hand vun dësem Beispill gesäit een de Geescht vun dësem Budget a mir protestéiere mat Vehemenz

dergéint. Dat muss an Zukunft änneren. Ech weess net, wie fir dee Ressort responsabel ass, mä kuckt, dass d'Amiperas méi Sue kritt, wann ech glift.

(Interruptions diverses)

Weider mat den Zitater vum Här Wiseler: „Mir si vläicht e räicht Land. Mir müssen de Wuesstum beherrschen. Lëtzebuerg muss eng eegen Dynamik hunn“.

Lëtzebuerg huet effektiv eng eegen Dynamik. Et leien 200 Milliarden, déi fir d'Pensiounswiese bestëmmt sinn, op de Banken. Wann haut kee méi géif abezuelen, dat heescht keng Cotisatiounen méi géife bezuelt ginn, da kënnte mer dervun nach 2,8 Joren eis Pensiounen bezuelt kréien. De Stat kritt fir dës 200 Milliarden nëmmen 3,5% Zënse, well de Placement vun engem Deel vun dëser Zomm vu 7 op 7 Deeg erneiert gëtt. Wann de Stat dës Sue laangfristeg géif placéieren, a mir hunn do mat engem PDG vun der HypoVereinsbank geschwat ...

(Hilarité)

... da géife mer bis 12% Zënse kréien, Här Frieden.

(Interruptions diverses)

Dat si jiddefalls eng etlech Milliarden, déi an dësem Fall de Banke geschenkt ginn. D'Banke beräichere sech um Bockel vum Otto Normalverbraucher, dem klengen Mann op der Strooss, dee permanent e schlecht Gewëssen huet, wann e gesot kritt, mir musse spueren. Bei dësem Denken, dat vun eiser Regierung matgedroe gëtt, ass dee klengen condemnéiert fir deem Grouss säi Profit ze garantéieren.

Op eng aner Bemierkung vum Här Wiseler wëll ech nach Stellung huelen. Hien huet gesot, mat ville Leit a Kontakt komm ze sinn. Hien huet gesot, déi Lëtzeburger Finanzpolitik ass gesond, mä, mä, mä!

Hien huet sech net ausgeschwat an dofir wëll ech fir hie weiderschwätzen.

M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.- Dir musst ëmmer alles liesen. Dir bréngt ëmmer nëmmen hallef Zitater. Bréngt emol eng Keier déi komplett Zitater.

M. Jean Colombero (ADR).- Et gëtt ëmmer méi Leit, déi sech bei dësem System net wuelfillen, déi net mat dësem System wëlle matfillen, matdenken an dermat liewen. Den Här Wiseler huet richteg gesot: „D'Geld ass net alles“. Awer dat ass einfach gesot fir een, dee vill Geld huet. Bei engem, deen de Mindestloun verdingt, dierft Der awer net esou schwätzen.

Nodeems den Här Rapporteur mat senger Ried fäerdeg war, war et um Tour vum Här Budgetsminister, dem Här Luc Frieden, fir unisono an déiselwecht Richtung ze posaunen. Wéivill Wuesstum wëlle mir? Wéivill Wuesstum brauche mir? Mir wëllen ee gemässegte Wuesstum. Kënne mer de Wuesstum steieren?

Mir hunn eng Budgetsreserv vun 20 Milliarden. Tip Top, Här Frieden! An dunn huet de Minister ee Saz gesot, op

deen d'ganz Lëtzeburger Land mat Sehnsucht gewaart huet: „D'Liewensqualitéit gëtt an de Mëttelpunkt gestallt“.

Heescht dat, Här Frieden, dass mir bis elo keng Qualitéit haten an dass mir an Zukunft méi Qualitéit wäerte kréien? Awer um Terrain an net nëmmen um Pabeier? Mä, Här Frieden, wéi wëllt Dir Liewensqualitéit erreechen ouni parallel fir Quantitéit ze suergen?

Mir brauche méi Schoulpersonal, méi Polizisten. Dir hutt zwar gesot, Dir géift 60 nei Polizisten astellen, mä wéi Dir dës Budget deponéiert hutt, Här Frieden, hutt Dir nach vun 100 Polizisten geschwat an elo sinn et der scho 40 manner.

Mir brauche méi Infirmiëren, méi Generalisten. Am Budget goufe Restriktiounen gemaach mat zum Beispill dem Noutdängscht vun de Generalisten an der Stad Lëtzebuerg, wou elo keen Noutdängscht méi leeft. Wann Der elo e Bobo hutt, da gitt Der an d'Klinik, déi Dängscht huet, an do musst Dir elo schonn an de Spëttestonne fënnf bis siwe Stonnen waarden, ier Der bäikommt.

Här Frieden, setzt déi 200 Milliarde vun der Reserv fir déi Leit zur Verfügung, déi et brauchen. Suergt derfir, dass d'Sozialgefall net méi grouss gëtt. Suergt derfir, dass de Gruet tëscht de Leit net nach méi breet gëtt. Dës Budget hëlleft de Mënschen hei heem net an ass fir deen Eenzelen och net esou zukunftsorientéiert, wéi Dir dat gesot hutt.

Mat eppes, wat Dir gesot hutt, sinn ech d'accord: „D'Zukunft vum Land ass vun enger gudder Erzéiung ofhängeg“.

Abee, Här Frieden, do hutt Dir eng Wouerecht gesot. Ech wëllt lech awer un d'PISA-Etüd erënneren, wou Lëtzebuerg dat Drëttlescht ginn ass.

M. Ady Jung (CSV).- Ech si Member an der Association contre le bruit.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Huet emol eng Schlupp.

M. Jean Colombero (ADR).- Ech kommen zum leschten Deel vu menger Interventioun. Do wëll ech hefteg protestéieren. De Mueren hunn ech héieren, wéi den Här Bisdorff hei gesot huet, Lëtzebuerg war dat Drëttlescht mat Länner wéi Brasilien, wéi Mexiko, Russland, Polen, Portugal a Griichenland, Schold war, well déi Länner e kathoulesche System hätten, dat heescht, well d'Relioun do maassgebend wier, do manner Wëssenschaft géif propagéiert ginn.

Éischtens wëll ech dem Här Bisdorff soen – Här Bisdorff, lauschtert mer emol gutt no –, wann d'Wëssenschaftler e bësse méi Häerz hätte wéi Verstand, da géife mer haut net diskutéieren iwwer Genmanipulationen an och net iwwert d'Klone vu Mënschen.

Zweetens, an ech zitieren hei den Här Statsminister. Mir als ADR sinn net ëmmer fir dem Här Statsminister seng

Politik, mä trotzdeem, wann en eppes Guddes gemaach huet, musse mer dat ernimmen. Den Här Statsminister, a jiddfereen ass sécher hei d'accord, dee ka liesen, dee ka schreiwen an dee ka rechnen. A wa meng Informatioun richteg ass, da war dee bei de Pateren an der Schoul.

(Hilarité)

Drëttens, ech waarden op d'Interpellatioun iwwert d'Trennung vu Kierch a Stat. Wien dat hei bréngt, ech sinn derbäi, mä dot lech déi Kéier awer waarm un. Ech soen lech et!

(Hilarité)

Elo kommen ech nach zum Zitat vum Här Minister Grethen. Ech weess net, wou en elo ass, en ass net méi do. Egal, mä sot him, wat ech elo soen. Den Här Grethen wëllt gären d'Paschteier mat an d'Politik abannen. Här Grethen, loosst wann ech glift d'Paschteier am Beichtstull. Gitt hinnen d'Méiglechkeet, fir méi Relioun ze maachen, well wat méi Relioun am Land ass, wat et dem Land besser geet. Dat ass meng Aart a Weis vun Denken.

Ech wëll lech nach eng kleng Geschicht zielen an dann halen ech op. Dir Dammen an Dir Hären, ech war viru kuerzem vun engem Pompjeescorps invitéiert ginn. En neie Pompjeeswon ass ageweit ginn. De Paschtouer huet eng offiziell Mass gehale mat enger Priedegt, mat der Kommunion. Während der Priedegt huet en d'Gleichnis vum gudde Samariter bruecht. Jiddferee weess hei, wat d'Gleichnis vum gudde Samariter ass.

Des voix.- Neen.

M. Jean Colombero (ADR). - Ech zielen lech dat herno.

Dono ass de Pompjeescorps komm an huet eng Szeen an der Kierch gespilt: Vill Musek war ze héieren, Autoen, déi gebremst hunn, Kanner sinn erakomm mat enger Drobier. An zu mengem Entsetzen, ech wollt et net gleewen, ech hu geduecht, et wär eng Fata Morgana, kouw net e jonke Kärele mat engem Velo an d'Kierch era spazéiert.

Dir Dammen an Dir Hären: O Zäiten, o Sitten; O tempora o mores; wann dat d'Educatioun ass? Abee, hei ass alles erlaabt!

Här Frieden, mat esou enger Erzéiung si mir net d'accord a mat Ärem Budget leider och net.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Marco Schank.

M. Marco Schank (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass natierlech schwéier, no esou enger Interventioun dee richtegen Toun ze fannen.

(Hilarité)

Ech entschëllege mech derfir, dass ech mech drop beschränken, fir ganz sachlech zum Budget ze

schwätzen, an ech entschëllege mech och derfir, dass ech dat an engem ganz normalen Toun wäert maachen.

Ech wëll fir unzefänken dem Rapporteur Claude Wiseler, dee relativ vill vun deem leschten Orateur kritiséiert gouf, fir deen excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport félicitéieren. Dat war eng besonnesch Fläissaarbecht an et ass net fir näischt, dass hie vun alle Virriedner, ausser deem leschte Riedner, gelueft ginn ass.

Am Moment profitéiert Lëtzebuerg vun enger gudder wirtschaftlecher Situatioun. Dat ass des Öftere gesot ginn. Wann och déi ekonomesch Eckwäerter net esou spektakulär si wéi nach vläicht virun zwee Joer, esou bedeit eng gutt Economie dach Wuelstand a Wuelstand zitt Leit un.

An deene leschte Joren ass d'Bevölkerungszuel vu Lëtzebuerg relativ staark geklomm an et kann een dervun ausgoen, dass dat an deenen nächste Joren esou wäert weidergoen. Déi lescht Méint ass vill an dacks an hott an haer iwwert d'Bevölkerungszuelen diskutéiert ginn a Relatioun mat deem sou genannte 700.000-Awunner-Stat.

Ob mir dës Zuel eng Kéier erreeche wäerten, dat sief emol dohi gestallt, mä wa mer an deenen nächsten 30, 50 Joer och nëmmen op 500.000 oder 600.000 Leit kommen, brauch Lëtzebuerg onweigerlech nei Konzepter an Infrastrukturen: méi Wunnraum, nei Schoulen, méi Spideeler, nei Transportkonzepter. Dës Lëscht kënnt ee beliebig weiterféieren. Et muss een awer schonn haut dësem Émstand vun Demographie Rechnung droen an d'Weiche fir d'Zukunft an déi richteg Richtung stellen. Dofir wollt ech a menger Interventioun fir d'éischt op d'Fro vun der Zukunftsgestaltung agoen. Ech hätt och léiwer, wann d'Diskussioun an Zukunft esou géif genannt ginn amplaz deen ominösen Ausdrock vun de 700.000 Awunner. Dono wëll ech op e ganz konkreten Aspekt vun där Problematik agoen, an zwar op d'Politik vun dem Aménagement du territoire, déi och scho vun engem, respektiv zwee Virriedner gestréift ginn ass. An dësem Kader wollt ech opweisen, a wéiwäit de Budget 2002 d'Weiche stellt a Richtung vun enger seriöser Landesplanung.

Wat elo d'Debatt vun der Zukunftsgestaltung ubelaangt, musse mir, an dovu sinn ech fest iwwerzeegt, op eng zillorientéiert Strukturéierung vun der Debatt hischaffen. Dat ass richtig, souwuel wat d'Form wéi den Inhalt, de Fong ubelaangt.

Wat d'Form ugeet, mussen déi Gespräicher, déi de Moment op verschiddenen Niveaue gefouert ginn, elo usazweis an de Chamberkommissiounen vun der Émwelt, der Immigratioun, awer och am Kader vum Programme directeur geféiert ginn, dat heescht, mir brauchen do eng absolut strukturéiert Debatt. D'Gespräicher mussen onbedéngt ofgestëmmt ginn an d'Verantwortlechkeete

mussen och daitlech benannt ginn. Eng klor, eng och no baussen hin novollzéibar Strukturéierung vun der Gesamtdebatt iwwert d'Zukunftsgestaltung vun eisem Land ass noutwendeg. Et wier sënnavoll, sech en entspreichenden Zäitplang ze fixéieren.

Ech sinn der Meenung, dass d'Federféierung fir esou eng Debatt bei der Chamber misst leien. Et därf awer och net nëmmen ee Leitmotiv, dee vun der Immigration, eng Roll spillen, well dat ass nëmmen een Deelaspekt vun der Gesamtproblematik. Et gëllt verstärkt, an dat huet de Mouvement écologique och daitlech a gutt gesot, op de Sachverstand vun der Wëssenschaft an op d'Hëllef vun der Zivilgesellschaft zréckzegräifen.

Fir ze verhënneren, dass d'Diskussionen zevill laienhaft gefouert ginn, solle mir, wéi et och am Ausland de Fall ass, op de Rot vun onofhängegen Instituter an Expären zréckgräifen, esou dass een e wëssenschaftleche Fong fir déi Diskussionen erreecht, well d'Gesprécher tëschent de Chamberkommissionen an de Verrieder vun der Zivilgesellschaft, esou wéi se entaméiert goufen, si gutt gemengt a sënnavoll, kënnen awer am Endeffekt net eng strukturéiert a fachlech fondéiert Debatt, déi och nach verschidden Zukunftsszenarioë virgesäit, ersetzen. Et wär gutt, wa regelrecht Forumen iwwer Schwéierpunkter géifen organiséiert ginn, wou souwuel d'Forces vives wéi och neutral Expären agraifen. Dat zur Form.

Wat den Inhalt vun esou enger Debatt ugeet, misst e Plang fir eng nohalteg Entwécklung, dee vum Regierungsrot ugeholl gi wär, de Kader bei den Diskussionen iwwert d'Bevölkerungsentwécklung setzen.

Et geet drëm, fir niewent deene méi ekonomeschen Indicateuren och déi sozial, déi ekologesch Feiler festzesetzen. Hei misst ee bestëmmten Ziler daitlech an deene verschiddene Beräicher fixéieren.

Ech soen et nach eng Kéier: Onerlässlech ass d'Versachlechung an d'Objektivéierung vun der Debatt. Zu deem Zweck wäert fir d'éischt och Zentralfrostellungen noutwendeg, dat heescht zum Beispill d'Fro, wat déi zentral Politikfelder sinn, wou Handlungsbedarf besteet. Dono misst een objektiv Faktematerial zesummendroen an Entwéicklungsszenarioë missten ënner anerem an der Problematik Verkéier erstallt ginn.

Ech sinn awer och der Meenung, dass d'Diskussion iwwert déi 700.000 Awunner eng Rei vu Chance beinhalt. Dofir soll ee se jo och féieren, awer nëmmen, wann een an der Diskussion probéiert nei Weeër ze goen, et keng Tabuë gëtt an een d'Geleeënheet notzt, fir grondsätzlech an deene verschiddene Beräicher ze diskutéieren iwwert Themen, déi gesellschaftlech relevant sinn.

Froen zum Beispill wéi: Wat fir ee wirtschaftleche Wuesstum wëlle mer prioritär a wat fir enge Beräicher a mat wat fir engen Zilsetzungen?

Et muss ee sech och därfe froen, ob op een exklusiv quantitative Wuesstum gesat gëtt am Sënn vun der Nohaltegkeet, an ob esou e Wuesstum à la longue effektiv eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit, déi jo esouvill beschwuer gëtt, mat sech bréngt.

Wichtig ass awer, dass d'Politik haut déi Handlungsfäegkeet ënner Beweis stellt an och schonns haut hire Gestaltungswëlle beweist, wat déi aktuell Problemer ugeet, an dass een eben och bei deenen Décisionen, déi een haut trëfft, dem Wuesstum vun der Bevölkerung Rechnung dréit.

Wéi schonns eng Rei vu menge Virriedner gesot hunn, ass de Budget 2002 e Budget, deen och am Kontext Landesplanung an d'Zukunft kuckt. Ech wëll dat kuerz erläutern.

Den Aménagement du territoire ass deemno e ganz wesentlech Element bei der Virbereedung vun der direkter Zukunft vun eisem Land. Et geet drëm, fir déi wirtschaftlech Leeschtungsfäegkeet an de Kontext vun der Nohaltegkeet ze setzen. Dat heescht, d'Konkretiséierung vun der Nohaltegkeet zu Lëtzebuerg ass wärscheinlech eng vun de gréissten Erausforderungen an deenen nächste Joren a Jorzéngten.

A wann ech elo de Budget ënnert d'Lupp huelen, kommen ech zur Konklusion, dass a puncto Landesplanung déi richteg Jalone gesat ginn. Beispill: Fir d'Landesplanung gesäit de Budget fir d'Joer 2002 net manner wéi 1 Millioun Euro vir, reng wat Etüden ubelaangt, ënner anerem de Plan sectoriel, d'Ëmsetze vun Deeler vum Programme directeur. Am Joer 2001 waren dat nëmme ronn 300.000 Euro. Dee Posten ass also ëm 300% an d'Luucht gaangen.

Ech wollt nach ee Saz zum Programme directeur soen, dee fir mech en Haaptinstrument an der Landesplanungspolitik ass. Am Gesetz vum 21. Mee 1999, wat e ganz wichtegt Gesetz ass – et gëtt leider net genuch dervu profitéiert –, steet: „Le programme directeur arrête les orientations générales et les objectifs prioritaires du Gouvernement en ce qui concerne le développement durable du cadre de vie de la population, la valorisation des ressources humaines et naturelles et le développement des activités économiques.“ De Projet vum Programme directeur ass 1999 publizéiert ginn, an dëst Dokument gesäit an der Konsultationsprozedur véier Etappe vir, wou der de Moment zwou dervun duerchlaf sinn. D'Avisé vun de Gemenge leie vir an den Avis vum Conseil supérieur de l'Aménagement du territoire wäert an deem nächste Mount definitiv um Dësch leien.

Scho virun zwee Joer, am Abrëll, sinn d'Gemenge gefrot ginn. Den Innenminister hat eng ganz Partie Versammlung fir ze konsultéieren an deene sechs potenziell neie Regione vum Land organiséiert an d'Resultater koumen duerno bei de Conseil supérieur.

De Budgetsprojéit gesäit och fir 2002 déi noutwendeg Mëttele vir, fir d'Kommunikatioun vun deem Dokument no baussen ze droen. Ech mengen, et ass ganz wichteg, dass och eng vulgariséiert Faassung vun deem Dokument, déi fir de „grand public“ méi lichter verständlech ass, op den Dësch kënnt.

D'Strategie, wéi se am Programme directeur virgesinn ass, gëtt an deene sektorielle Beräicher traitéiert. Dat ass immens wichteg. D'Instrumenter vun der interministerieller Kooperatioun sinn déi scho vill zitéiert Plans sectoriels.

Den Innenminister huet hei eng Koordinatiounsmissioun. Zweek Plans sectoriels sinn am Entstoen: dee vun de Lycéeën, dee vum Transport. Dee vum Logement kënnt direkt hannendrun.

Wat de Plan sectoriel Lycées ubelaangt, sinn d'Aarbechte gutt virukomm. 1999 am November ass deen Aarbechtsgrupp geschafe ginn. E Rapport intermédiaire ass opgestallt ginn an et wäert deen éischte Plan sectoriel sinn, dee fäerdeg gëtt. Dëse Rapport enthält eng Partie Analysen am Kontext Demographie, am Kontext Schouloffer, Schülertransport, a mécht Virschléi, wat déi sou genannt Pôles scolaires ubelaangt, respektiv déi zukünfteg Implantatioun vu Lycéeën a vun neie Gebaier.

De Plan sectoriel Transport ass eng wichteg Démarche, déi de Moment ugelaft ass. Hei wënsche mir eis all, dass en op engem globale Mobilitéitskonzept baséiert an en zesummenhängend Konzept erauskënnt. De Moment gëtt e vu véier Ministère: Transport, Bauten, Ëmwelt, Intérieur an Zesummenaarbecht mat de CFL an de Ponts et Chaussées realiséiert. Een éischten Entwurf wäert dëse Mount fäerdeg gi mat den Données de base vum Ministère des Transports. Wat d'Charge budgétaire ubelaangt, sinn déi verschidde Montanten op déi verschidde Ministère verdeelt ginn.

De Regierungsaccord vun 1999 gesäit vir, dass den Innenminister seng Aufgab am Beräich Landesplanung op dräi Achse baséiert. Dat eent ass d'Promotioun vun der Dezentraliséierung, also eng Déconcentratioun. Dat zweet ass d'Verstäerkung vun der regionaler Kooperatioun an den drëtten Volet betrëfft d'Verdeiwung vun der iwwerregionaler, der grenzüwwerschreitender Kooperatioun.

Ech wëll kuerz op déi dräi Punkten agoen. Wat d'Déconcentratioun ubelaangt, gëtt op de System vun de Centres de développement et d'attraction, déi berühmt CDA, zréckgegraff, wouvun elo am Süden, respektiv am Norde Rieds geet.

Wat déi regional Koordinatioun ubelaangt, esou si mer hei um Niveau vun de Plans directeurs régionaux. Ech géif mengen, dass déi e ganz wichtegt Element si vun enger effikasser Nohaltegekeetspolitik, well déi verstärkt Zesummenaarbecht tëschent dem Stat, de

Gemengen, respektiv de regionale Gemengesyndikater wäert nëmmen op déi Manéier kënne strukturéiert ginn.

Am Süde vum Land sinn d'Aarbechte vun engem Plan régional Sud scho relativ wäit fortgeschritt. 12 Gemengen hu sech do zesumme gedinn. E regionale Gemengesyndikat ass entstanen, de PROSUD. Wann ech richteg informéiert sinn, si se amgaang d'Statuten ze finaliséieren. Deemnächst wäert dee Syndikat dann och op d'Bee kommen.

(Interruption)

Iergendwann ass och e Pingpongsmatch eriwwer.

Mir fannen um Niveau vun deem Syndikat ganz däitlech Schwéierpunkter bei der Siedlungspolitik: Wunnen, Verkéier, Ëmwelt, mä och Kultur, Tourismus, Noerhuelung. E ganz wichtege Begrëff ass dee vun der regionaler Identitéit. Och fir dee Regionalplang Süden ze konkretiséieren, sinn entspriechend Moyenen am Budget virgesinn.

Ech wollt och e Wuert zu der Rekonversioun vun den Industriebroochen soen, well nach ni an der Geschicht vun eisem Land sinn esou grouss Surfacté fräi gi mat deem Historik, deem Patrimoine, dee mer kennen. Déi mussen nei erschloss ginn. Dat ass ouni Zweifel eng grouss Erausforderung. Enorm Perspektive si méiglech, wirtschaftlecher an touristescher Natur, och sozio-kulturell, a ganz nei Impulser kënne vun der Valorisation vun deene Fichen ausgoen. Et ass eng eemoleg Chance, déi genotzt gi muss.

Et gesäit een am Budget, dass d'Rekonversioun vun den Industriefichen am Süden e ganz wichtege Punkt an der Landesplanungspolitik ausmécht, an dat fir déi nächst 15 Joer. Deementspriechend musse grouss Moyenen am Budget virgesi ginn. A court et à moyen terme geet et natierlech drëm, fir de Masterplang Belval-West ëmzesetzen, respektiv de Volet vun der Cité des sciences. Ech géif soen, dass d'Zesummenaarbecht vun de concernéierte Gemenge mat der AGORA ganz wichteg ass.

Ech wëll nach drop hiweisen, dass nach an aneren Deeler vum Land, notament am Norden, et och Industriefriche gëtt. D'Maartelenger Leegrouwen, fir se net ze nennen, an dass och do et sennvoll wier, fir dee Patrimoine, deen dat bedeit huet an haut nach bedeit, ze valoriséieren, well wann een dat verschléift, gëtt et op eemol näischt méi ze valoriséieren oder et gëtt vill méi schwéier.

Ech si souguer där Meenung, wann ee Site wéi d'Maartelenger Leegrouwe géif valoriséiert ginn, d'Galerien zougängig wäeren, dat immens vill Touriste kënnt unzéien.

Wat d'Plans régionaux ubelaangt, wollt ech soen, dass eng ganz Rei Gemengen am Land, also net nëmmen am Süden, hire Wëlle geäussert hunn, fir konkret zesummen ze schaffen a sech vis-à-vis vum Stat ze positionéieren, ze strukturéieren. Zum Beispill weess ech, dass

d'Stad Lëtzebuerg sech gemellt huet mat verschiddenen Urainergemengen, fir ee vun den nächste Plans régionaux, dann de Nordwesten. Virun allem am Norden gëtt haart driwwer nogeduecht, fir eng Bereetschaft ze dokumentéieren, fir regional zesummen ze schaffen.

D'Iddi vun der Nordstad gëtt weidergeféiert. Och dat kann een am Budget noliessen. Dëse Projet läit un éischter Plaz an an exakter Linn mam Programme directeur, wat déi regional Entwécklungsprojeten ubelaangt. Den Innenminister co-finanzéiert de Moment eng Etüd iwwert d'Nordstad, déi sech esou no an no ka konkretiséieren. Net méi spéit wéi virun zwou, dräi Wochen hunn d'Gemenge vun Ettelbréck, Dikrech an Ierpeldeng hir Bereetschaft zum Ausdrock bruecht, fir de Projet vun der Nordstad ze relancéieren. Et kann ee soen, dass positiverweis d'Denkfabrik Nordstad schonn éischt Impulser do ginn huet. Eng Rei Leit, déi aus der Zivilgesellschaft kommen, hunn déi éischt Jalonen an deem Kontext gesat.

Och geet et um Niveau vun den Naturparke positiv weider. Nodeems virun zwee Joer deen éischten a bis elo eenzegten Naturpark un der Öwersauer gegrennt gouf, sinn nächst Parken en vue: Den Naturpark Our. Och op der Musel gëtt vun engem Naturpark geschwat. Den Naturpark Dräilännereck, wou éischt Schrëtt amgaang sinn. Vill Leit mengen, et kënn een den Dräilännereck méi grouss gesinn, en op d'Musel ausdeen. Jiddefalls muss een do soen, dass de grenziwwerschreitende Charakter ganz sënnavoll ass. Datselwecht gëllt fir den Naturpark Mëllerdall, dee lues a lues an d'Gespréich kënn.

De Budget fir d'Ëmsetzung vun deene Naturparken gesäit ausser enger ganzer Rei vu Suen, wat d'Expären an d'Etüden ubelaangt, och Mëttel fir fir d'Hardware an d'Software an iwwerhëlt ëmmerhi praktesch 80% vun de Paien, respektiv 50% vun dem Fonctionnement vun engem Naturpark. Et ass schonn eng sënnavoll Saach, wann ee sech an esou enger flotter Formule als Gemengen zesummefënnt.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Wéi ass et da mam Dossier ORENO am Norden, Här Schank?

M. Marco Schank (CSV).- Ech hu mer net méi spéit wéi de Mëtteg soe gelooss, dass do elo en neie Wee ageschloe gëtt a probéiert gëtt déi zwee Leit, déi virun allem concernéiert sinn, déi bis elo zu Munze souzen, an Zukunft iwwert de Ministère ze bezuelen, esou dass d'Gemengen och dervu kënne profitéieren. Déi Informatioun ass net méi wéi dräi Stonnen al.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dat ass vill méi eng gönschteg Solutioun wéi bei Eaux-Sud, do dréit de Stat d'Halschent an d'Gemengen droen déi aner Halschent.

M. Marco Schank (CSV).- Ech huelen un, dass eis Gemengen och net ouni hiren Obulus bäizesteiere wäerten dervu kommen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech wëll soen, dass ech näischt dergéint gehat hätt, dass dat bei lech esou gewiescht wär, well dat en Argument gewiescht wär, fir dat och esou bei eis ze maachen.

M. Marco Schank (CSV).- D'Gemenge musse jo och e bëssen zesummenhalen.

Da wollt ech nach kuerz op déi drëtt prioritär Achs vun der Landesplanung agoen, eng ganz wichteg, an zwar d'Verdéiung vun der grenziwwerschreitender Koordination a Kooperatioun. Den ideale Kader ass ganz klor d'Groussregioun.

Dir wësst, dass virun e puer Woche Lëtzebuerg de Sommet organiséiert hat vun de Partner an der Groussregioun. Hei ass dee Grondsteen, wat d'Zesummenaarbecht ubelaangt, deen eng Kéier geluegt gi war, ausgebaut ginn.

Wat dee rengen Aménagement communal ugeet, sinn an der Vergaangenheet eng ganz Partie Initiativë geholl ginn, fir déi Matière ze reforméieren a qualitativ ze verbessern. Dir wësst, dass ee Projet de loi virläit, deen an deem Moment nach duerch e puer ganz wichteg Voleten – och am Kontext Avis vum Statsrot – complétiert gëtt, virun allem am Zesummenhank mat méi enger effikasser Siedlungspolitik an am Sënn vu méi Nohaltegkeet.

Zum Schluss wëll ech soen, dass opgrond vun deem, wat ech elo skizzéiert hunn, menger Meinung no déi richteg Jalonen a Richtung vun enger strukturierter Landesplanung gesat si ginn. Ech sinn awer och der Meinung, an dat zesumme mam Mouvement écologique, dass den Débat iwwert d'Zukunftsgestaltung zu Lëtzebuerg objektivéiert an entsprechend breet ugeluegt muss ginn, dat heescht mat alle politeschen Acteuren zesummen an allen interesséierte Milieuen.

Et gesäit een, wann ee sech e bëssen dobaussen ëmhéiert, dass den Intérêt vun de Leit un esou engem Débat ganz grouss ass. Et soll ee probéieren, an ech weess, dass dat net ganz einfach ass, d'Öffentlecheit un deem Débat participéieren ze loossen, zum Beispill iwwert déi modern Technologien, an et soll een nach méi konsequent op déi aktuell Problemer lassgoen, wéi Mobilitéit, Landesplanung a virun allem d'Erhale vun eise Landschaften.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, obschonn ech mam Här Garcia sengen Aussoe vun de Mueren d'accord sinn, dass de Budget eigentlech näischt mat der PISA-Etüd ze dinn huet, wëll ech awer zur PISA-Etüd schwätzen, a wann et nëmmen ass, well esou vill Leit d'Lecture vun dëser Etüd hei an op anere Plaze virgedroen hunn, dass ech fannen, eis Lecture dozou dierft net feelen.

Well ech awer an der Schoul geléiert hunn, dass wann een zu engem Thema schwätzt an et wëllt een awer eppes anescht soen, een ëmmer muss e Lien zum Haaptthema hunn, wëll ech mam Budget vum Ministère vun der Education nationale ufänken, deen e bësse manner wéi 11% vum Gesamtbudget ausmécht. D'Ministesch huet eis ganz stolz an der Kommissioun gesot, dass dëst Joer eng Progressioun vun 13% an deem Budget ze verzeechne wär. Gëschter hunn ech de Fraktiounschef vun der DP hei héieren och ganz houfreg de Conseil d'Etat zitieren, dee gesot huet, dass de Ministère de l'Education nationale „un des plus nantis“ wär.

Esou wäit meng Erënnerung geet, ass dat och net nei, well de Ministère vun der Education nationale hat ëmmer deen zweetdeckste Budget vun allen Departementer. De Budgetsminister wénkt mam Kapp, esou dass ech unhuelen, dass dat richteg ass. Manifestement awer ass en décke Budget keng Garantie fir eng effikass Politik.

Obscho mer deen deierste Schoulsystem vun Europa hunn, hu mer an der PISA-Etüd e katastrophaalt Resultat. En anert Wuert kann een dofir net huelen. Mir hunn déi schlechste Moyenne, dat heescht, mir bilden eis normal Schüler schlecht aus. Mir kënnen keng gutt Schüler fördern, well mer nëmmen 1,7% op der héchster Kompetenzstuf hunn. Mir hunn erschreckend vill Kanner op der niddregster Kompetenzstuf, a souguer bal 1/3 vun de Kanner op där allerniddregster vun där niddregster Kompetenzstuf.

Eis Schoul ass net performant, wann et drëm geet, Kanner mat Sproochproblemer oder Kanner aus engem defavoriséierte sozio-kulturelle Milieu ze integréieren. Eis Kanner lesen net. D'Eltere kommunizéieren net genuch mat de Kanner. Och d'Enseignanten. Och wa se sech individuell ëm Schüler bekëmmern, brénge se et awer net fäerdeg, dat a positiv Resultater ëmzewandelen.

Alles dat kann een an der PISA-Etüd lesen. Da kann een natierlech och dës Evaluatioun nuancéieren. Éischtens hunn d'Kanner déi Tester net an hirer Mammesprooch gemaach an zweetens si vläicht d'Konditiounen, an deenen déi Tester gemaach gi sinn, net déi optimaalst gewiescht mat iwwerfëllte Säll, an esou weider.

Déi Explikatiounen hëllefen net e Constat d'échec ze verstoppen. Als Boutade kann ee soen: Wat gutt ass, mir kënnen net nach eng Plaz verléieren, et kann nëmme besser goen. Jiddefalls wat Europa ugeet.

Vläicht muss ee soen, dass een aus der PISA-Etüd am Fong net soll Saachen erausliesen, déi d'PISA-Etüd och net ka soen. Dee Genre vun Test, dee gemaach ginn ass, dee moosst natierlech nëmmen eng bestëmmte Kompetenz. Déi Kompetenze ginn an eise Unterrichtssystem jiddefalls net als wichteg, och net als aller-

wichtig ugesinn. Allerdéngs, wann d'ganz Welt d'Kanner no deem do Genre vun Tester evaluéiert, da kënnen mir zu Lëtzebuerg net soen, bei eis sinn aner Saache wichteg. Da mengen ech éischter, dass mir eise System iwwerdenke missten, wéi dass mer dervun ausginn, dass d'Welt sech géif op eise System aspillen. Et ass jo net esou, dass mer net virdru schonn Indizien gehat hätten, dass eise Schoulsystem net gutt wär.

(Interruption)

Zwee op d'mannst. Éischtens déi kleng Zuel vu Studenten, déi op eng Universitét ginn. Deen zweeten Indicateur: déi vill Kanner, déi am postprimären Unterricht, eventuell och am Primaire, jiddefalls am Postprimaire, net an eise System kënnen integréiert ginn an déi an d'Ausland mussen an eng Schoul goen.

Meng Theorie ass, dass mer e strukturelle Problem am Denken iwwert d'Schoul hunn. Mir gesinn d'Schoul nach haut wéi eng Institutioun, wéi se deemools, wéi den obligatoresche Schoulsystem agefouert ginn ass – dat war zu Lëtzebuerg 1912 –, fonctionnéiert huet.

D'Schoul war opgebaut op eng Relatioun tëschent engem Schoulmeeschter oder engem Professor, deen de Monopol vum Wëssen huet, oder op d'mannst beuspracht, dass en de Monopol vum Wëssen huet, a Schüler, déi jo och keng kleng Mënsche sinn, mä wat d'Material ass, zwar Edelmateriel, mä et ass wéi e Buch, an dat ee méiglechst vill Wësse muss eran impriméieren.

Grondsätzlech gëtt d'Schoul haut nach ëmmer ugesinn als haaptsächlech eng Wëssensverméttlung. Et geet drëm, méiglechst vill Wëssen an der Schoul un d'Kanner weiderzeginn. Wichteg ass e Programm, an e Programm ass gutt, wa vill Contenu dran ass an de Contenu och nach usprachsvoll ass. E gudd Schoulmeeschter, e gudd Proff ass deen, deen de Programm an der virgeschriwwener Zäit duerchknat, deen d'Kanner préift, ob se dat och auswenneg geléiert hunn. A wien als Schüler am Genauesten den Inhalt erëmgeet, dee gëtt dann deen Éischten an da kënnen mer bei deen nächste Programmpunkt iwwergoen. An der Limite kann de Schüler alles vergiessen, wat e fir déi lescht Prüfung geléiert huet, well bei där nächster Prüfung gëtt jo eppes anescht gepréift.

Eis Kanner ginn zu enger passiver Haltung incitéiert. Et gëtt net vun hinne gefrot, aktiv ze denken, Iddien weider ze entwéckelen, Analysen ze maachen, eng Reflexioun iwwer Inhalter ze féieren, Texter ze bewäerten, déi Kompetenzen, déi ebe just an der PISA-Etüd getest gi sinn.

Elo si mer duerch d'Ausland drop higewise ginn, dass bei eis eppes schlecht ass. Wéi a villen aneren Dossiere kennt den Impuls vu baussen an ech mengen, dass dat och eppes Positives ka sinn. Allerdéngs, obschonn d'lescht Joer, wéi och de Muere rappeliert ginn ass, fënnf Interpellatiounen iwwert d'Schoul an der

Chamber waren an en Débat zu dësem Thema, leien awer nach keng Propositionen, fir iergendeppes ze änneren, um Dësch.

Ech héieren eng Ministesch, déi seet, elo sëtze mir eis all zesummen a mer diskutéieren, an d'Leit mussen alleguer de gudden Wille weisen. Et ass net fir een deem aneren d'Schold ze ginn an a Panik ze falen. Mir mussen eppes Positives maachen. Mat där Ausso sinn ech och nach d'accord.

An da kommen déi zwee Slogane, déi an deene leschte Méint hei getrommelt gi sinn, an déi ginn elo weider déclinéiert. Deen éischten ass: „Back to basics“. An deen zweeten ass: „D'Kanner mussen méi Efforte maachen. Et mussen méi Hausaufgabe ginn an d'Eltere mussen hir Verantwortung iwwerhuelen.“ Ech wëll kuerz op déi zwee Slogane agoen.

Eng Parenthèse: Et ka sinn, datt d'Ministesch sech méi nuancéiert ausgedréckt huet, mä an deem Fall huet se natierlech e Kommunikationsproblem, well dat do ass dee Message, deen an de breede Publikum eriwwekkomm ass.

„Back to basics“, dat heescht liesen, schreiwen a rechnen. Selbstverständlech mussen d'Kanner an der Schoul liesen, schreiwen a rechnen léieren. Dat ass einfach de Schlëssel, deen hinnen d'Welt opmécht. D'Welt vum Wëssen, d'Welt vum der Informatioun, zur Kommunikatioun an zum Verstoen. Ech ginn eng Wett mat lech an, wa mer d'Kanner neng Joer laang liesen, schreiwen a rechnen léieren, da si mer beim nächsten Test nach net besser. Dat Wuert „back“ heescht jo, wéi wa mer kënnten zréckschrauwen an an d'Schoul vläicht vun den 1950er, den 1920er Joren zréckgoen. Ech si précisement awer iwwerzeegt, dass et dat Almoudescht un eiser Schoul ass, wat och d'Schwächt vun eiser Schoul ass.

„Back“ léisst den Enseignant gleewen, dass d'Schoul erëm kënnt ginn, wéi se fréier war. Ech mengen, dass dat e falscht Signal a Richtung vun den Enseignanten a vu jiddferengem hei am Land ass. Eis Gesellschaft huet sech geännert. D'Exigenzen un d'Mënschen hu sech geännert. Ech héieren hei dauernd, dass déi jonk an déi manner jonk Leit mussen Entrepreneursgeescht weisen. Si mussen selbstänneg sinn. Si mussen eegen Entreprise kreéieren. Si mussen authentesch sinn. Da kënne mer awer net d'Kanner passiv halen an d'Schoul net änneren, andeem mer d'Leit gleewen dinn, dass mer mussen zréckgoen. Ech mengen au contraire, dass mer resolut mussen d'Lerninhalter iwwerpräiwen, d'Kompetenzen definéieren, déi ee Kand muss op all Niveau vu senger Schoulentwécklung hunn.

An da mussen mer d'Enseignanten dorop virbereeden, souwuel an der Formation initiale wéi och an der Formation continue. Ech géif emol haaptsächlech soen, a Richtung Formation continue muss et obligatoresch

ginn. Et ass net fir d'Leit ze invitéieren, fräiwëlleg an déi Coursen ze goen oder an déi ze goen, wou se Loscht hunn.

Ech erënneren drun, dass an deem Dokument, dat dee virviregten Unterrichtsminister ausgeschafft hat: „Demain l'école“, scho gesot ginn ass, dass d'Kanner misste geléiert gi léieren. Et geet net duer eppes op de Pabeier ze schreiwen, fir dass et dann och an der Realitéit ëmgesat gëtt.

Den zweete Slogan, an do muss ech soen, dee läit mir nach méi um Häerz, dat ass dee vun den Hausaufgaben a vun den Efforten, déi d'Elteren do misste maachen an d'Kanner ronderëm d'Schoul.

Ech wëll emol virausschécken, dass ech perséinlech allergesch op Hausaufgabe si fir Kanner an der Primärschoul. Dat ass déi gréisste Kujenat, déi een den Elteren an de Kanner kann undoen. Wann d'Kanner aus der Schoul heemkommen, da solle se kënne ofschalten an eppes anescht maachen. Mir maachen dat och a mir si frou, dat ze maachen. Si sollen net de Frust an de Stress vun der Schoul nach weider ruminéieren.

Bis haut huet nach keen e Beweis bruecht, dass Kanner, déi eng Matière net an der Schoul verstanen hunn, déi eleng doheem op eemol kënnte léieren. Dat heescht, dass ee vun den Eltere verlaangt, dass déi missten d'Roll vum Pedagog iwwerhuelen. Do wou de Schoulmeeschter oder de Proff näischt un d'Kand bruecht huet, muss dann d'Mamm oder de Papp asprangen. Meeschtens d'Mammen.

(M. Jean Asselborn prend la Présidence)

Elo ass et vläicht méiglech, dass a protégéierte Milieuen d'Elteren Zäit hunn, fir sech ëm hir Kanner ze këmmere, fir sech mat hinnen dohinner ze setzen, dass se e kulturelle Background hunn, fir emol ze wëssen, wat d'Schoul iwwerhaapt vun hinne gären hätt, an dass se dann och nach dat pedagogesch Talent hunn, fir de Kanner dat bäizebréngen. Mä et sinn awer net d'Elteren, déi an d'Schoul ginn. Et ass net den Elteren hir Leeschtung, déi soll bewäert ginn.

Jiddefalls, wann dat do d'Philosophie vun eiser Schoul ass, da muss ee sech net wonneren, wann an der PISA-Etüd festgestallt gëtt, dass eis Schoul et net fäerdeg bréngt, d'Defiziter vum Familljemilieu ze korrigéieren, well déi Philosophie do, wa mer un där festhalen, da ginn d'Désavantagé vun de Familljen nach méi grouss gemaach. Wann d'Léiere vun der Schoul op d'Elterehaus verlagert gëtt, dann ass et normal, dass d'Kanner, wou d'Elteren e Sproochesystem net beherrschen, déi net déi néideg Grondausbildung hunn oder keng Zäit hunn, an der Schoul net weiderkommen.

Dat ass eng Aufgab, déi d'Schoul muss iwwerhuelen. A wann d'Schoul et net fäerdeg bréngt, fir an deenen normalen Zäiten déi Kompetenzen un d'Kanner ze

verméttelen, da komme mer op eisen éischte Punkt zréck a mer müssen eis emol iwwerleeën, wat mer an der Schoul maache müssen. Mä wa se dat net fäerdegréngt, dann ass et, dass den Encadrement, d'Hausaufgabenhëllef vun der Schoul muss geleescht ginn. An der Schoul a vun der Schoul.

Den Encadrement, dee gëtt oft esou dohinner gestallt, wéi wann deen hautdésdags noutwendeg wär, well d'Mamme géife schaffe goen a keng Zäit hätten, fir sech ëm hir Kanner ze këmmen. Oft ënnerschwellig – ech muss éierlech soen, ech sinn extra sensibel dorop – och mat dem Reproche, dass d'Fraen hautdésdags esou egoistesche sinn. Si géifen nëmmen un hir Carrière denken an am Fong wär et jo hir natierlech biologesch Aufgab, fir mat de Kanner Schoulaufgaben doheem ze maachen. Mä wa mer awer feststellen, dass d'Schoul hiert Objektiv vun der Chancegläichheet net erfëllt, a wa mer gären hätten, dass se dat soll erfëllen, an ech ginn dervun aus, dass mer hei am Haus alleguer där Meenung sinn, dass e Kand, wat begaabt ass, egal aus wéi engem Milieu et kënnt, muss geförderet ginn an der Schoul, da muss d'Schoul déi Defiziter korrigéieren an et kann net sinn, dass een Deel Responsabilitéit op d'Elterenhaus geet. Da muss flächendeckend am Land en Angebot garantéiert ginn, dass déi Betreuung besteet, an da geet et net, esou wéi ech verschidden DP-Riedner hei gehéiert hunn, dass si net wëllen dirigistesche virgoen, mä dass ee muss d'Gemengen incitéieren, ouni dass een de Gemengen eppes virschreift, an ouni dass ee Regeln do opstellt, wéi dat soll finanzéiert ginn. Dat gehéiert derzou.

Menger Meenung no brauche mer nach 20 Joer, bis déi do Aufgab vun der Schoul erfëllt gëtt. A wa mer eis eescht huele mat eisen alarmisteschen Téin iwwert d'PISA-Etüd, dann ass dat eng vun den Aufgaben, wou een direkt kann ufänken.

Da wëll ech nach ee Beispill zitieren. Ech war op enger Konferenz iwwer Kanner, déi Opmierksamkeetsdefiziter hunn. Dat ass eng Krankheet, déi heescht ADS. Ech hu mer dat missen opschreiwen, well ech hunn, éierlech gesot, näischt dervu kennt. Dat si Kanner, déi eng normal Intelligenz hunn, mä déi Opmierksamkeetschwieregkeeten hunn. Dat heescht, entweder dreeme se an der Schoul oder si sinn hyperaktiv. Déi zwou Saache sinn an eiser Schoul net gefrot.

(Interruption)

Anscheinend hëlt et mam Alter of.

Jiddefalls kënnen déi Kanner net an deem imposéierte Rhythmus an der Schoul schaffen. Si maachen den Enseignante vill Suergen. Si ginn entweder als liddreg oder als frech dohinner gestallt.

Wann déi Statistike richteg sinn, déi iwwerall an der Welt erhuewe gi sinn, misste mir zu Lëtzebuerg 2 Kanner pro Klass hunn, déi déi dote Symptomer hunn.

Dat ass also net eppes ganz Exceptionnelles. Mä wéi ech awer dunn den Elteren nogelasschert hunn, déi Verzweiflung an déi Hëlleflosigkeit, déi se manifestéiert hunn, well se kee fannen, deen hëlleft. Si gi vun engem zum anere geschéckt. Et gëtt keng Institutioun, déi hinnen hëlleft, bis se dann zoufällig bei déi richteg Persoun kommen.

A wann ech dann héieren, dass déi Kanner gerode kréien an d'Ausland an d'Schoul ze goen, da soen ech, dat ass e formidablen Echec an et ass symptomatesch fir eis Schoul a fir eise Schoulsystem. Et ass net de Reproche un een eenzelnen, mä et gëtt héich Zäit, dass mer d'Kand an de Mëttelpunkt setzen, net de Schüler, dee genormt muss sinn, mä e Kand, eng kleng Persoun mat senger Perséinlechkeet, mat senger Stärken, mat senger Schwächen, an eng Schoul, déi net dem Diktat vun de Programmer ënnerläit, ouni dass d'Resultat vum Kand berücksichtegt gëtt, mä wou d'Leeschungsfäegkeet vum eenzelne Kand geförderet gëtt. Individuell an net als Kollektiv.

Esou eng Reform bedéngt natierlech e Paradigmawissel an e Mentalitéitswissel. Ech resüméieren: Definéiere vun neie Kompetenzen, eng Duerchfuerschung vu Programmer, eng nei Ausbildung fir Enseignanten, eng Weiterbildung fir d'Enseignanten, obligatoresch, eng Evaluatioun vun där Onmass vu Pilotprojeten, déi dorëmmer lafen, a wou ni ee sech d'Méi gëtt ze kucken, ob se dann derwäert sinn, fir verallgemengert ze ginn, d'Definitioun vun de Responsabilitéite vu jiddferengem op all Niveau.

Ech wëll net iwwert den Débat Reform vum Schoulgesetz vun 1912, Inspekteren, Schoulkommissioun, agoen.

Elteren als Partner vun der Schoul, mä déi awer wëssen, wat hir Rechter sinn an och wat hir Flichte sinn. Ech wësst gären als Elterendeel, wat muss ech da maachen, fir dass mäi Kand an der Schoul gutt gesinn ass oder dass et iwwerhaupt eng Chance huet, fir weiderzekommen.

Eng Charta ausschaffen, fir déi Programmer duerchzeféieren? Ob dat elo eng Offensiv ass oder net, wëll ech hei net diskutieren. Éierlech gesot, ass d'Terminologie mer zimlech egal. Mir brauchen awer dann d'Efforte vun alle Schoulpartner. Mir brauche selbstverständlech och Suen, fir dat ze maachen, mä ech mengen awer, dass mer och eng Ministesch géife brauchen, déi sech géif un d'Spëtzt setzen. Et geet leider an där Situatioun net duer mat Slogane.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Niki Bettendorf.

Dir sidd ageschriwwen, Här Bettendorf, fir acht Minutten.

M. Niki Bettendorf (DP). - Här President, ech si frou, lech am Réck ze hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kommissioun vun der Santé an der Sécurité sociale huet dës zwee Beräicher aus dem Budget 2002 mat dem Minister analyséiert, huet e Rapport gemaach an aus dem Rapport vum 27. November wëll ech e puer Punkten ervirhiewen. Fir d'alleréischts am Beräich vun der Santé.

Wat de Budget Santé ubelaangt, do ass de Budgetartikel ze erwähnen, wou et ëm de Contrôle sanitaire vum Fleesch an ëm d'Hygiène vun den agréierten Etablissementer geet. Hei gëtt de Budget par rapport zum leschte Joer ëm 44,23% erhéicht. Heimat bestätegt d'Regierung de feste Wëllen, alles ze ënnerhuelen, fir dass dat, wat mer kafe fir op den Dësch, vun einwandfreier Qualitéit ass.

En neie Kredit vun 1,620 Milliounen Euro ass virgesi fir de Service médical d'urgence vun de Médecins généralistes. Dat hei ass net de SAMU, mä den Nuetsdénge vum de Generalisten. De Kredit ass fir d'Fonctionnementskäschten a fir d'Indemnitéiten vun den Dokter. Et ass kloer, dass dat huet misse kommen. En Dokter kann net d'ganz Nuecht ënnerwee sinn an dann um 7, 8 Auer moies seng Praxis opmaachen. D'Land gëtt an dräi Secteuren agedeelt mat jeweils zwou medezineschen Equipé fir de Süden an den Norden, an dräi Equipé fir den Zentrum, déi dann och den Oste vum Land mat ofdecken. All Generalisten ënner 55 Joer sollen un dës Servicer deelhuele. Den Dokter gëtt vun engem Chauffeur begleet. Dës kënn bestëmmt onse weibelechen Dokter zum Gudden, déi sech esou nuets da kënnen méi sécher fillen.

Den Dokter kritt zousätzlech zu sengen Honorairen eng Nuetsindemnitéit vu 15.000 Frang.

D'Santékommissioun huet mat Satisfaktioun festgestallt, dass substantiell méi Sue virgesi gi fir Analysen am Kader vun der Ëmweltmedezin, wou eng Rei Analysen an Auslandslaboë gemaach musse ginn.

Wat d'Preventivmedezin ubelaangt, gouf en Impfprogramm géint d'Gripp vum Ministère opgestallt an zesummenaarbecht mat der Union des Caisses de Maladies. Dës si gutt ugeluegte Suen.

En neie Kredit gëtt et dann och fir e Pilotprojet, wat d'Mammographien ubelaangt. Et soll eng Unité mobile de dépistage vum Broschkriibs realiséiert ginn. De Mammographie-Programm couvréiert momentan all Frae vu 50 bis 69 Joer. Vum Pilotprojet wäerten eng ronn 15.000 Frae vu 45 bis 49 Joer profitéieren. Den neie Kredit erméiglecht en optimiséierten Dépistage iwwer eng Spëtzenttechnologie.

D'Fraen tëschent 45 an 49 Joer kréien eng perséinlech Invitatioun, fir sech bei der mobiler Installatioun op verschidde Plazen am Land ënnersichen ze loossen. Dat hei ass eng luewenswäert Initiativ, mä et bleift ofzewearden, wéi se vun de betraffene Frae wäert ugeholl ginn.

Seriö gehéicht goufen och d'Kreditter am Beräich vun der Santé mentale an de Maladies de la dépendance. Bei der Santé mentale ginn elo vun der Santé d'Fonctionnementskäschte fir de Projet Logement vum Réseau Psy, Psychesch Hëllef dobaussen iwwerholl. Datselwecht spillt fir den therapeuteschen Atelier Ditzesbaach.

Bei de Maladies de la dépendance gëtt de Kredit esouguer ëm 34,78% erhéicht, an dat am Sënn vun der Regierungserklärung. Hei gi besonnesch ënnerstëtzt déi agréiert Lokaler, wou ënnert Kontroll Droge geholl kënnen ginn an awer och de ganzen Drogesubstitutionsprogramm duerchgeföhrt gëtt.

Wat nach muss erwähnt ginn, dat ass, dass de Spezialfong fir d'Spideeler 37 Milliounen Euro kritt, wat eng Augmentatioun vu 5,71% par rapport zum leschte Joer duerstellt. A Lëtzebuerger Frange sinn dat 1,480 Milliarden. An dass dës Suen net vu Muttwëll parat gestallt ginn, weess haut all Deputéierten. Am Finanzéierungsgesetz vum 6. Juni 1999 feelt et vir an hannen u Kreditter. Dat gëtt am Däitlechsten duergestallt mam Beispill vun der Kannerklinik, wou am Finanzéierungsgesetz 300 Milliounen virgesi goufen a wou haut 1,3 Milliarde gebraucht ginn. Hei waren d'Besoinen ëm 1 Milliard ënnerschat ginn.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här Bettendorf, wéini kënnst dann dat neit Finanzéierungsgesetz?

M. Niki Bettendorf (DP). - Dat ass an der Maach.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Dovu weess awer de Finanzminister nach näischt.

Här Minister Frieden, ass dat esou, dass et an der Maach ass?

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Et ass um Gesondheitsminister, fir dat ze preparéieren.

M. le Président. - Ech mengen, mir mussen eis elo eng kleng Disziplin operleeën. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (DP). - Ech hunn all Joer drop gepocht, dass mir eisen neie Statslabo an e Rehazenter dringend brauchen. Wat de Statslabo ubelaangt, ass den Emplacement zu Diddeleng elo definitiv, Här Mars Di Bartolomeo, zréckbehale ginn an et lafe Réuniounen mat dem Ministère vun den Travaux publics fir d'Ausaarbechtung vum Projet.

Wat de Rehazenter um Kierchbiereg ubelaangt, do leeft d'Prozedur vum Reklassement vun den zréckbehalenene Terrainen bei der Gemeng Lëtzebuerg a gëtt do nach elo am Dezember behandelt.

Hei goufe mir vum Ministère informéiert, dass déi ganz Prozedur, wat d'Adjudicatioun vun den Aarbechten ubelaangt, nei muss gemaach ginn ab initio, well esou wéi et gelaf war iwwert de Wee vum Marché négocié, dat war net conforme zu de reglementareschen a legalen Dispositiounen.

Wat de Volet Sécurité sociale ubelaangt weise mir am Rapport drop hin, dass dëse Budget och gezechent ass vun de Mesuren, déi um Rentendesch geholl gi sinn, och wann de Betrag, deem am Budget ageschriwwen ass, net de jährleche Käschtepunkt vun de Mesuren duerstellt, déi décidéiert goufen.

Wat d'Pensiounsversécherungen ubelaangt, do weise mir drop hin, dass Mesurë wéi d'Majoratiounen, proportional a forfaitaire, d'Unhiewe vun der Mindes-trent, de Complément de fin d'année an d'Lockerung vun den Antikumulbestëmmunge fir d'Survivanten, d'Participatioun vum Stat bei der Pensiounsver-sécherung net modifizéiert.

Anescht ass et mat de Mesurë bei de Babyjoren, wou elo och déi Kanner gezielt ginn, déi virun 1988 gebuer goufen. De Budget vum Stat gëtt och belaascht mat dem Erzéiungsforfait fir déi Elteren, déi hir Kanner erzunn hunn a kee Recht op eng eege Pensioun hunn.

Ech wëll den Diskussioun beim Projet de loi, dee geschwë wäert op den Instanzewee goen, net virgräifen, ech ka mer awer gutt virstellen, dass mer net däerfen ondifferenziéiert un dës Problematik erugeen.

Ech war a sinn nach ëmmer der Meenung, dass de Rentendesch Recht hat, wann en eng kloer Trennung gemaach huet tëschent rentepoliteschen a famillje-politesche Moosnamen. Rente si baséiert op Cotisa-tiounen a mussen dat och bleiwen. Familljepolitesch Moosname sinn do, fir der Famill ze hëllefen, do wou et noutwendeg ass.

An hei leie mir munchmol niewent dem Dill, well ganz ondifferenziéiert Sue verdeelt ginn.

M. le Président. - Här Bettendorf, op Wonsch vun Ärem Fraktiounspresident, wëll ech lech just soen, dass Är aacht Minutten, déi indikativ ugi waren, eriwwe sinn.

M. Niki Bettendorf (DP). - Ech wëll lech soen, Här President, dass meng Fraktioun nach Zäit iwwreg huet vun där, déi eis zur Verfügung steet. Wann ech e puer Minutten iwwerzéien, spillt dat um Enn guer keng Roll.

(Interruptions diverses)

Mäi soziaalt Gerechtegkeetsgefill stéiert et zum Beispill, wann eng Mamm, déi Kanner huet, déi net geschafft huet, also net cotiséiert huet, keng eege Rent huet, mä awer aner Revenuen huet a vläicht souguer 400.000 Frang de Mount heem bréngt, dass déi nach zousätzlech 3.000 Frang de Mount pro Kand soll kréien.

Et ass richtig, dass e Kand e Kand ass, mä, an do si mer erëm eng Kéier bei der PISA-Etüd, déi gewisen huet, dass et net egal ass, a wat fir engem Haus een op d'Welt kënnt.

Zum Schluss, Här President, wëll ech nach e puer Wuert zu de staarke Verbesserunge soen, déi um Rentendesch

verhandelt goufen an déi an e puer Méint zum Droe wäerte kommen.

Ech wëll ervirsträichen, dass ech perséinlech iwwerrascht war vun der verstänneger a responsabler Haltung vun de Gewerkschaften, déi um Dësch souzen an déi méi verstänneg ware wéi mindestens eng politesch Partei, déi net gezéckt hat, Fuerderungen ze stellen, wou d'Pensiounskeesen an e puer Joer ausgeraibert gi wäeren.

Zweetens wëll ech ervirsträichen, dass de Minister Carlo Wagner sech net beaflosse gelooss huet an d'Verhandlungen zu engem gudden Enn gefouert huet. Dat, wat erreecht gouf, ass en aussergewöhnlech gutt Resultat. De Verdéngscht gehéiert wahrscheinlech all deenen, déi ronderëm deem Dësch souzen, mä besonnesch awer dem Minister, deem d'Verhandlungen an engem allgemenge Konsens gutt iwwert d'Ronne bruecht huet.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Här President, et sinn zéng Minutten.

M. le Président. - Merci, Här Bettendorf, fir Äre Beitrag. Den nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes. Ech wëll soen, dass den ADR nach véier Minutten huet plus 35 Minutte fir d'Motiounen. Wann Dir, Här Henckes, elo iwwer véier Minutte gitt, da gëtt dat vun Ärer Zäit ofgezielt, déi Dir fir d'Motiounen zegutt hutt.

Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, ech wäert versichen, fir esou kuerz wéi méiglech ze sinn. Ech wëll awer och e puer Motiounen déposéieren, esou dass ech déi néideg Zäit zur Verfügung hunn, fir mech kennen auszedrécken.

Ech wollt fir d'éischt e Punkt ugoen, deem ech zënter Joren regelméisseg an der Chamber virbréngen an deem zënter Joren net geléist gëtt, wat awer en eminent budgetäre Problem ass: Dee vun den illegale Paie beim Stat, déi an techneschen Termen „avances sur traitement irrégulières“ genannt ginn.

Wéi ech am Mäerz vun dësem Joer eng Fro gestallt hat op der Basis vun de Konte vun 1998, firwat d'Situatioun nach net geregelt gi wär, hutt Dir, Här Budgetsminister, mer geäntwert, dass d'Prozeduren amgaang wieren. Esou wéi d'Budgetgesetz et virgesäit, ginn ëmmer bei de Budgetsdebatten och d'Konten vun der Cour des Comptes mat presentéiert an do gesäit een, dass dee Problem vun den „avances sur traitement irrégulières“ och fir 1999 nach net geléist ass.

Fir 1999 schwätze mer hei, esou seet de Rapport vun der Cour des Comptes, vun engem Total vu ronn zwou Milliarde Frang, zwou Milliarden, déi aus de Statskeesen erausgaange sinn an déi awer net als Dépense kënne verbucht ginn, well se contestéiert sinn, esou dass déi Réserve budgétaire vun 20 Milliarden, vun där mer elo

hei schwätzen, en fait sech nëmmen op 18 Milliarde beleeft. Dat ass insofern déi Situatioun net geregelt ass.

Mir wëssen alleguer, dass bei deene Montanten, déi contestéiert sinn, dat ganz Gehalt meeschtens contestéiert gëtt, obwuel vläicht nëmmen en Deel vun deem Gehalt als solches contestéiert ass, mä et bleift awer nach e Problem.

Mir wëssen och, dass d'Cour administrative eng etlech Décisions de principe geholl huet, an dass d'Regierung awer näischt mécht, fir sech deenen Décisionen ze conforméieren. Et geet monter esou virun.

Wat ech och gewuer gi sinn op Basis vun enger Question parlementaire, dat ass, dass déi Leit, déi vill ze vill an der Pai kritt haten, méi wéi d'Gesetz et virgesinn huet, well se ganz no bei de Sphäre vum Pouvoir sinn, duerch eng Mesure gracieuse par décision du Gouvernement en conseil, déi Paien, déi ze vill bezuelt woren, konnte behalen. Véier Leit konnten deen Abléck eng fënnef Milliounen esou aus vergaangene Joren, déi se ze vill kritt haten, behalen. Aner Leit, déi och Urecht gehat hätten, wann déiselwecht Kritären ugepasst gi wiere bei der Fonction publique, wéi bei deenen, déi Faveure gemaach kritt hunn, déi kruten natierlech näischt nobezuelt.

Dës Situatioun, Här Budgetsminister, ass eng Ierfschaft, déi Dir kritt hutt, mä wou Dir awer als zoustännege Minister zesumme mam Finanzministère misst derfir suergen, dass déi Situatioun endlech géif geregelt ginn. Et kann net méi esou weidergoen, dass mer hei permanent mat deem Problem konfrontéiert sinn. Ech wär frou, Här Minister, wann Dir ons kéint soen, wéi Dir de Problem gedenkt ze léisen.

Eng zweet Saach ass, dass ech och wollt d'Fro stellen, firwat ons Spuerkeess – no mengen Informatiounen – keng Dividenden un de Stat bezillt. Normalerweis missten hei eng 300 Milliounen minimum all Joer erakommen, awer ech konstatéieren, dass d'Spuerkeess keng Dividenden ze bezuele brauch.

Dofir wollt ech d'Regierung froen, ob dat eng Décisioun ass, déi volontaire ass, wéi se begrënnt ass, a wat d'Motivatioun vun esou enger Attitüd ass, well ech mengen – och am Ausland ass dat esou –, dass vun alleguer deenen anere Gesellschaften, wou mer Participatiounen hunn an déi Benefisser maachen, de Stat natierlech Dividenden ausbezuelt kritt. Firwat hei net, esou wéi mäin Informatiounsstand de Moment ass?

Da wollt ech nach en anere Problem opwerfen iwwert eng Décisioun, déi de Regierungsrat geholl huet.

M. le Président. - Här Henckes, ech wollt lech just soen, dass Är Riedezäit eriwuer ass, elo geet d'Zäit vun de Motiounen un.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - D'accord, Här President.

De 27. September huet de Groupement des Transports matgedeelt kritt, well d'Präisser vum Diesel géifen esou héich klammen, se an de Joren 2000 an 2001 géingen 10% Subsid kréien als Kompensatioun, wa se géingen nei Camione kafen. Dorophon hunn eng etlech Transporteuren esou en Achat gemaach. Op eemol kréie se vum Ministère des Classes moyennes matgedeelt: Oh, mir haten ons e bësse geiert. D'Commission européenne ass net gewëllt, fir déi Subsiden als regulär unzeerkennen.

Ech ka mech just wonneren, Här Minister, wann esou Versprieche de Betriber gemaach ginn, déi sech engagéieren an hinnen im Nachhinein da gesot gëtt, dass dat vun der Kommissioun aus net an der Rei wier.

Dofir wollt ech lech froen: Wéi ass dee Stand elo? Huet d'Kommissioun eng definitiv Attitüd geholl a wéi gedenkt Der dee Problem ze léisen, fir dass déi Betriber, déi schonn Engagementer agaange sinn, grouss Finanzéierung geplangt hunn, deene kënnen nokommen? Et si keng kleng Montanten, et geet ëm Milliounebeträg. Wéi wëllt Der dat deene Betriber kompenséieren?

Da ginn ech nach dräi Motiounen eran am Numm vum Grupp ADR, wou ech an där éischter Motioun verlaangen, dass fir déi Leit, déi Betriber schafe wëllen oder iwwerhuelen – a wéi mer wëssen, ass den Accès zum Kredit schwéier –, mer net e Wee fanne missten, dass d'SNCI sous forme de prêts de fonds propres deene Leit géing entgéintkommen.

Motion 4

La Chambre des Députés

considérant que bon nombre de créations et reprises d'entreprises ne se réalisent pas du fait que l'accès au crédit reste difficile,

considérant qu'afin de faciliter l'accès à des prêts supplémentaires auprès d'institutions tierces, il faut pouvoir accorder un prêt de fonds propres aux créateurs ou aux repreneurs d'entreprise sans que ceux-ci doivent fournir une garantie ou sûreté réelle,

invite le Gouvernement

à créer un nouvel instrument au sein de la SNCI qui prendra la forme d'un prêt de fonds propres à destination des jeunes créateurs ou repreneurs d'entreprise.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Robert Mehlen.

Eng zweet Motioun geet dorop eraus, fir ze kucken, wéi een deene Leit, déi wëllen hei zu Lëtzebuerg Betriber schafen, kënnent entgéintkommen.

Eng vun de Méiglechkeeten ass déi, déi verschidde Gemengen elo scho geholl hunn, fir Pépinières

d'entreprises oder Bâtiments-relais an hire Gemengen ze schafen. Et wier gutt, wann d'Regierung och do géing higoen an dat sous forme vun enger Recommandatioun oder enger Circulaire un d'Gemenge weiderginn, fir dass esou Initiative méi generaliséiert géinge ginn.

(Interruption)

Dann hu verschidde Gemengen et vläicht net mat kritt. Ech si frou, mä ech gesinn, dass d'Berufschamberen an deem selwechte Sënn intervenéiert sinn. Déi hunn et héchstwahrscheinlech bis elo nach net mat kritt.

Motion 6

La Chambre des Députés

considérant

la nécessité d'une politique de soutien à la création d'entreprise,

le manque actuel de sites d'exploitations,

qu'un créateur d'entreprise artisanale a au début de son activité des besoins de locaux de production et de stockage de taille réduite,

que souvent il est forcé de commencer son activité dans un local, soit inadapté à ses besoins, soit situé dans un lieu inapproprié à une activité économique,

invite le Gouvernement

à promouvoir auprès des communes la création de surfaces destinées aux jeunes PME sous la forme d'installations appelées pépinières d'entreprises ou bâtiments-relais.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Robert Mehlen.

Eng drëtt Motioun geet och am Sënn vun de klengen a mëttlere Betriber, an zwar, dass alleguer déi Betriber, déi an der Produktioun, an der Transformatioun vu Produits alimentaires schaffen, och sollte kënne vun deene Mesures de soutien profitéieren, déi ënnert der Egide vum Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural virgesi sinn a ginn.

Motion 5

La Chambre des Députés

considérant

la nécessité d'une politique de commercialisation et de promotion en faveur des PME,

que toute commercialisation et promotion de produits alimentaires en provenance du marché national doit inclure tous les acteurs économiques liés au niveau des différents stades de production, de transformation, de préparation et de vente,

invite le Gouvernement

d'accorder au secteur de l'alimentation et plus particulièrement aux patrons pâtisseries-confiseurs et glaciers, boulangers-pâtisseries, meuniers, traiteurs et

bouchers-charcutiers l'accès aux mesures de soutien prévues sous l'égide du Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Robert Mehlen.

Dat sinn déi Motiounen, déi mer hei wëllen debattéieren an der Hoffnung, dass dee Slogan, deen hei vun der Regierung ganz oft gebraucht gëtt, dass misst eppes gemaach gi fir déi kleng a mëttelstänneg Betriber, duerch e positive Vote zu deene Motiounen kann ënnermauert ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Fred Sunnen, dee fir 20 Minutten agedroen ass.

M. Fred Sunnen (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass schonn e puermol de Mëtteg an och de Mueren hei ugekleng, dass eist Land sech vun enger Industriegesellschaft zu enger Dëngschtleeschungs-gesellschaft hin entwéckelt. Lëtzebuerg steet ëmmer méi virun de Constrainten vun der Informatiouns-gesellschaft. Et ginn dofir och nei Formatiounen um Aarbechtsmaart verlaangt, déi dës Entwécklung solle Rechnung droen.

Lëtzebuerg huet sech och staark um demographesche Plang entwéckelt, wat sech an den nächste Jore fortsetze wäert. Ängschten an däischer Previsiounen iwwert d'Zukunft vun eisem Land ginn an enger Partie Artikelen an der Lëtzebuerger Press eropbeschwuert. Et gëtt ganz sécher Facetten an der Entwécklung vun eisem Land, wou d'Politik Konzepter entwéckele muss, déi sech de spezifischen Erausforderungen a Froe stellen.

D'Educationspolitik mécht do keng Ausnahm. Au contraire. Mir debattéieren haut iwwert e Budget, dee sech d'Zil gesat huet, eist Land wettbewerbs- an zukunftsfaeg ze gestalten a prett ze maache fir déi nächst Jorzéngten, déi op eis duerkommen. Der Educationspolitik fält dobäi eng Schlësselroll zou, well d'Stäerkt vun engem Land definéiert sech net nëmmen iwwer seng materiell Ressourcen, mä och iwwer säi Savoir-faire, seng Matière grise, déi e fundamentale Bestanddeel vun der Compétitivitéit vun engem Land duerstellen.

Et ass fir Lëtzebuerg vun imminenter Wichtigkeet, dass mer eis Matière grise weider ausbauen an ënnerstëtzen, eise Schüler an eisem Léierpersonal déi Aarbechtskonditiounen schafen, déi fir eng modern Education onerlässlech sinn. De Budget 2002 ass deemno e wichtige Schrëtt an dës Politik.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

D'Investitiounsfrage sinn an de leschte Jore stänneg an d'Luucht gaangen. Mat engem Saz vun 12% fir de kommenden Exercice 2002 sinn déi öffentlech

Investitiounen déi héchst, déi bis elo getäteg gi sinn. Eist Land krankt chronesch un engem Mangel un Infrastrukturen. Dëst ass besonnesch akut, wat eis Schoulen a Lycéeën betrëfft, an dofir musse substanzuell Investitiounen speziell an deem Beräich gemaach ginn.

Wéi schonn agangs ugedeit, wäert sech eist Land an deenen nächste Joren och um Niveau vun der Bevëlkerung weiterentwëckelen. An den 80er Joren huet d'Populatioun stagnéiert. An den 90er Joren awer huet eist Land e substanzuellen demographeschen Zouwuess kannt, an et war nëmmen eng Fro vun der Zäit, dass eis schoulesch Infrastrukturen net méi déi néideg Kapazitéiten haten, fir all dës Schüler ënnerdaach ze kréien. Esou komme beispillsweis an den nächste Joren am Postprimaire ronn 11.000 Schüler dobäi. Dëst bedéngt net nëmmen nei Gebaier, mä och eng nei regional Organisatioun vun der Offre scolaire. Niewent de reng Schoul- a Lycéesgebaier kommen nach déi Infrastrukturen, déi d'Schüler vum Préscolaire a vum Primaire encadréiere sollen, wéi zum Beispill Structures d'accueil.

Am Kontext vun der demographescher Progressioun, den Entwécklung vum eiser Gesellschaft a vum Aarbechtsmaart, sinn d'Gemenge gefuerdert, Structures parascolaires ze schafen. D'Regierung huet hire Wëlle bekräftegt, 50% vun de Frais de fonctionnement ze iwwerhuelen. Bis haut huet de Stat nach keng Iwwerweisung gemaach. Dohier bréngen ech meng Hoffnung zum Ausdrock, dass de Stat an deenen nächste Woche sengem Versprechen nokënnt. D'Mme Familljeminister huet scho signaliséiert, dass d'Regierung deemnächst op deem Terrain agéiere wëllt.

Wat elo de Bau vun neie Schoulinfrastrukturen ugeet, esou trëtt d'Regierung dësen Erausforderungen entgéint. E Bléck op d'Evolutioun vum Investitiounsfong fir d'Schoule fir dat kommend Joer mécht daitlech, dass d'Regierung drëm beméit ass, déi noutwendeg finanziell Moyenen zur Verfügung ze stellen an de Retard opzehuelen. De Fonds scolaire huet an deene leschte Joren eng ähnlech substanzuell Progressioun kannt wéi déi öffentlech Fongen insgesamt. Esou stinn um Enn vun deem Joer nach 191,2 Milliounen Euro am Fong. De Budget 2002 dotéiert de Fong mat engem Montant vun 62 Milliounen Euro. Op där anerer Säit sinn Dépense vun 103 Milliounen Euro ze verzechnen. Am Zäitraum vun 2002 bis 2005 gëtt de Fonds d'investissement public scolaire mat engem Gesamtmontant vun 317 Milliounen Euro alimentéiert.

Et ass awer ze bemierken, dass engersäits zwar de Schoulfong substantiell an d'Luucht geet, d'Dépenses awer an de Joren 2002-2005 méi séier klammen. An Zuelen ausgedréckt steet den 317 Milliounen Euro e Montant fir d'Dépense vu ronn 540 Milliounen Euro géinteniwwer. Am Verglach mat de Gesamtdépense vun den Investitiounsfongen, stellen haut d'Ausgabe vum Fonds scolaire net manner wéi 13,1% duer. D'Uersaach läit doranner, an d'Finanzkommissioun huet et an hirem

Rapport bekräftegt, dass Lëtzebuerg keng Alternativ zu der ageschloener Politik huet, an dass déi géigewäerteg an déi kommend Regierungen obligéiert sinn, déi ambitiéis Projeten konsequent ëmzesetzen, wa mer net wëllen, dass weider Retarden op eis duerkommen.

Wat d'Entwécklung no 2005 ugeet, esou musse mer dovun ausgoen, dass sech d'Ausgaben an enger selwechter Gréissenuerdnung bewegen. De Plan sectoriel Lycées, dat heescht de Bau vu weidere postprimaire Schoulen, genéisst an den nächste Joren eng absolut Prioritéit an der Lëtzebuerger Investitiounspolitik. Géigewäerteg gëtt vu sechs Lycéeën geschwat, déi onbedingt gebraucht ginn. D'Bauaarbechte fir de Lycée zu Mamer si wäit fortgeschratt. De Lycée zu Réiden fënnt sech an der finanzieller Planifikatioun vun 2002 ërëm. Dono sinn zwee aner Lycéeën un der Rei: een zu Jonglënster an een aneren an den Industriebrooche vun Esch/Belval.

Hei wëll ech bemierken, dass ufanks Dezember dräi Projete vun international unerkannten Architektbüroen priméiert gi sinn, déi beim Concours matgemaach hunn, fir d'Friches Belval ze aménagéieren. Déi Architekten sinn opgefuerdert ginn, hir Virstellungen nach eng Kéier ze iwwerdenken an ze iwwerschaffen a sech zesummesetzen, fir gemeinsam déi beschtméiglech Pläng ze presentéieren. Et kann een awer elo scho soen, dass d'Vue fir de Bau vu Schoukomplexer, ob dat d'Uni, den Institut supérieur de Technologie oder deen neie Lycée ass, op qualitätsbezunnen a wirtschaftlech Realisatiounen hincillen. De Jury wäert sech am Januar 2002 nach eng Kéier zesummesetzen, fir dann eng definitiv Entscheedung ze huelen, fir schnellstméiglech eng optimal Léisung ze kréien.

Ech ënnersträichen nach eng Kéier, dass eist Land keng Alternativ zu der ageschloener Politik huet, fir déi grouss Retarden um Niveau vun den Infrastrukturen wettzemaachen. Compte tenu vun den enormen Dépenses, déi op de Fonds d'investissement scolaire duerkommen, muss awer drop opmierksam gemaach ginn, dass weider Gelder opbruecht musse ginn. Am Rapport vun der Finanzkommissioun ass nozeliesen, dass, wa mer eis Investitiounsfonge weider an deem Rhythmus alimentéieren an eis Dépenses an de Joren 2002 bis 2005 weider klammen, d'Investitiounsfongen an en Defizit geroden. An d'Rechnung weist, dass déi aktuell Reserven eis keng Garantie gi fir d'Realisatioun vun den Investitiounen. Et ass dofir onerlässlech, dass, mer d'Fonge mat budgetäre Plus-valuë weider alimentéieren, wa mer den ageschloene Wee weidergoe wëllen.

Här Präsident,

Och dëst Joer ass de Budget fir d'Education nach eng Kéier e gudde Krack an d'Luucht gaangen. An d'Madame Educationsinistesch huet an der parlamentarescher Kommissioun Opschluss ginn iwwer déi eenzel Budgetartikelen. Mat enger Progressioun vun 13,6% par rapport zum leschte Joer beleeft sech de

Budget fir 2002 op eng Gesamtzomm vu 636 Milliounen Euro. Et gouf ënnert anerem neit Léierpersonal am Primaire an am Postprimaire age stellt, verschidde Formations continues fir d'Léierpersonal an Entreprises ugebueden a Fonctionnementskreditter fir de Lycée Aline Mayrisch bewëllegt.

Wat d'Ausgaben am Budget 2002 ugeet, esou gëtt et eng ganz Rei nei Kreditter fir beispillsweis d'Etüd an d'Konzeptioun vun neie Schoulraimlechkeeten, fir d'Kontroll vun der Hygiène an der Liewensmëttel-sécherheet an de Kantinen, oder fir d'Ausschaffe vun engem neie Plan d'étude fir d'Education différenciée. Dës budgetär Adaptatiounen si sécher net vu Muttwëll, wa mer eis Bildung adequat wëllen encadréieren.

Speziell am Kader vun der Liewensmëttelsécherheet an de Schoulen muss d'Regierung konkret Äntwerte ginn. Virun e puer Wochen hate mer an dësem Haus eng wichteg Debatt iwwert d'Restauration collective. Meng Fraktiounskollege Marco Schank an Nico Loes hunn d'Proposition de loi 4865 ayant pour objet d'assurer la qualité de l'alimentation dans la restauration collective deponéiert an op den Instanzewee bruecht, Proposition de loi, déi fraktiounsiwwergräifend begreist ginn ass. Ech hoffen, dass d'Regierung sech deemnächst zu dëser Proposition de loi ausléisst, dass de Statsrot geschwë säin Avis gëtt, fir dass séier légiféiert ka ginn.

D'Formatioun fir déi Erwuessen ass en anere wichtige Beräich, wou den Educationministère weider Gelder zur Verfügung stellt. Goufen et zum Beispill an de Joren 1996/1997 nach 7.400 Inscriptiounen am Centre de Langues, sou läit déi Zuel fir d'Schouljoer 2001/2002 bei ongeféier 12.500; en Zeeche vum Succès a vun der Noutwendegkeet am Kontext vum Lëtzebuurger Aarbechtsmaart.

Am Service vun der Formation professionnelle gi sechs Milliounen Euro fir d'Formation continue an den Entreprises zur Verfügung gestallt. Déi finanziell Zouwendung fir den INFPC, dee mat der Gestiou vun den Dossiere chargéiert ass, huet eng Progressioun vun 142% geholl. D'Formation continue muss an den nächste Joren eng Prioritéit an der Lëtzebuurger Bildungspolitik bleiwen.

Dës Kreditter, déi zweifelouni zu enger Verbesserung vun de Konditiounen fir eis Schüler bäidroen wäerten, kënnen awer net driwwer ewechtäuschen, dass Lëtzebuerg an der Education dem Ausland ënnerleeën ass. Ech wëll och vun der berühmter PISA-Etüd schwätzen, déi elo schonn e puermol ugeschnidde ginn ass.

Déi vun der OECD initiéiert PISA-Etüd huet Lëtzebuerg aus sengem Dornröscheschlof gerappt an an d'Realitéit zréckgehol. D'Tragweid vun dësem Resultat ass grouss. Et ass fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg keng gutt Reklamm, wann d'Etüd beleet, dass seng Matière grise net iwwer elementar Kapazitéite verfügt.

Ech hu meng Zweifel, ob et eng Fro vu budgetäre Moyenen ass, oder besser gesot, ob d'Äntwerten op déi kommend Aufgabe reng budgetärer Natur kënnen sinn. Villméi schéngt mer, dass et um Niveau vun der Konzeptioun an der Lëtzebuurger Bildungspolitik eng etlech Retarden, Versäumnisse a Feelentwécklung ginn, déi schwéierwiegend Konsequenzen op de Bildungsniveau vun eise Schüler mat sech bruecht hunn. Et gëtt behaupt, dass an de leschte Jore vill experimentéiert ginn ass. Villes dovun war gutt, anerem manner gutt oder net effektiv. Mir haten d'Tendenz, nei Weeër an der Educationspolitik anzuschloen, fir si vläicht awer erëm séier opzeginn. D'Léierpersonal ass generell an der Rei a mécht gutt Aarbecht. Eis Enseignante si leider villfach mat Schüler konfrontéiert, déi komplett demotivéiert sinn. Hei muss mer d'Ursaache sichen.

Noweisbar hu sech eng ganz Rei vu Schüler während de PISA-Epreuve fouteiert an dat Ganzt vill ze vill op eng liicht Schëller geholl.

An der Etüd geet net esou Rieds iwwert den eigentleche Wëssensstand vun de Schüler. Et geet hei ëm d'Aart a Weis an ëm d'Kapazitéit vun de Schüler en Text ze liesen, ze assimiléieren an ze verstoen. Et geet drëm, op e Schüler Prozesser beherrscht an novollzéie kann, Konzepter versteet a fächeriwwergräifend Zesammenhäng gesäit. D'Quantitéit vun der Matière ass sécher an der Vergaangenheet op Käschte vun der Qualitéit gaang.

En anere wichtige Facteur, deen d'Politik opgräife muss, ass déi sozio-ökonomesch Diskrepanz um Niveau vum Bildungsniveau vun eise Schüler. Kanner aus mannerbemëttelte Familljen hu schlecht oder méi schlecht ofgeschnidden, wéi déi aus gutt situéiertem Ëmfeld. Dës ass keng nei Erkenntnis, mä reit sech an déi Villzuel vu Facteuren an, déi zum schlechte Resultat vun der PISA-Etüd gefouert hunn. Bildung ass e Grondrecht fir jiddereen, an dofir muss eis Bildungspolitik all Ustrengungen ënnerhuelen, fir qualitativ héich Ausbildungen a Formatiounen fir d'Schüler aus alle Schichten vun eiser Gesellschaft unzibidden.

Ganz sécher muss mer nach méi Ustrengunge maachen, fir speziell déi schwach Schüler ze ënnerstëtzen. Den Här Krecké huet – an den Här Asselborn huet dat och haut e bëssen d'selwecht gesot – geschter behaupt, et wier nëmmen een an dësem Parlament, deen iwwert de Préparatoire géif schwätzen a sech Gedanken iwwer dës Zort Schüler maachen, an zwar den Här Zanussi. Dat ass ganz richtig. Mä den Här Krecké misst vläicht besser nolauschten an de Beitrag och vun deenen, déi net an der LSAP sinn, nolauschten, da géif e mierken, dass do nach méi Leit sinn, déi sech Gedanken maachen, wéi et besser goe soll.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - ... déi ginn awer net gehéiert.

M. Fred Sunnen (CSV). - Ech hat a menger Budgetsried vum leschte Joer an a mengem Beitrag iwwert d'Lag vun der Natioun dëse Problem schonn ugeschnidden. An ech widderhuelen et zum x-te Mol: D'Schüler, déi mat massive Problemer de Primaire verloossen, hunn heefeg keng Chance méi, dat Verluerent opzehuelen an e gudde Start am Postprimaire hinzeleeën. Do muss den Hiewel ugesat a Methode fonnt ginn, déi fir d'Kanner mat spezifesch Problemer am Primaire selwer eng Hëllef duerstellen. Oft musse ganz schwach Schüler Formatiounen am Ausland an Usproch huelen. Et muss dofir an Zukunft méiglech sinn, datt dës Schüler bei eis Hëllef kréien.

Et ass geféierlech, an ech stëmmen der Madame Educationnsminister do zou, a Panik ze verfallen an ze generaliséieren. Et ass falsch, arbiträr Scholdzuweisungen ze maachen. Lëtzebuerg hält, ofgesinn vun enger Etüd an den achtzeger Joer iwwert d'Mathé, fir d'éischt un esou enger grousser internationaler Etüd deel, déi an alle Länner an der Mammesprooch vun de Kanner ofgehele ginn ass. Zu Lëtzebuerg war dat net méiglech ...

(Interruption)

Lauschtert nach e bëssen no, Här Mehlen!

Duerfir hunn eis Schüler tëschent Däitsch a Franséisch wile mussen. Dat war e groussen Nodeel fir eis Schüler. Mir mussen och eis Methode fir ze enseignéieren sou ëmstellen, datt mer besser op d'Fro vu den nächsten Etüde virbereet sinn. Eist Léierpersonal – ech hunn dat scho gesot – mécht seng Aarbecht gutt a korrekt a gewëssenhaft, an eis Schüler sinn net esou schlecht, wéi d'Resultat vun der PISA-Etüd dat gleewen deet.

Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Mir kënnen de Schüler d'Froen an Zukunft jo am Viraus ginn.

M. Fred Sunnen (CSV). - Et ass falsch, elo alles a Fro ze stellen – an den Här Di Bartolomeo soll sech net doriwwer lëschtteg maachen –, well et gëtt och vill Succèsen an der Lëtzeburger Education, un deene mer eis orientéiere mussen.

M. Robert Mehlen (ADR). - Dir hutt déi lescht Jore soss näischt gemaach, wéi d'Lat erofsetzen.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Fred Sunnen (CSV). - Dir hat bis ewell nach keng Chance – an ech hoffen, dass Der se och net kritt –, fir doranner ze piddelen, mä sidd emol eng Kéier korrekt a sot mol eppes Positives, well ëmmer nëmmen negativ Saachen, dat bréngt eis kee Jota weider, Här Mehlen.

Et geet drëm d'Grondastellung zur Education ze iwwerdenken. Et geet drëm elo Lacunen auszemaachen an do unzesetze fir Verbesserungen erbäizeféieren. Et geet hei ëm e Prozess, dee sech iwwert déi nächst Joren erstrecke wäert a muss. Well d'Resultat, dat aus der

OECD-PISA-Etüd ervirgeet, mécht eis eppes kloer: Et gëtt net nëmmen eng Ursaach fir dës schwach Resultater, et gëtt net nëmmen een, deen dëst verschold huet an et gëtt keen Acteur an der Bildungspolitik, deen elo séier Wonnerléisunge virschoen an ëmsetze kann, fir datt Lëtzebuerg erëm an der ieweschter Divisioun vun der Bildungspolitik matspille kann. Villméi mussen all d'Acteuren hir Käpp zesummestrecken an nei Konzepter entwéckelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat muss dann elo gemaach ginn?

Wat ka gemaach ginn?

Mir brauche emol eng prezis Bestandsopnahm, wou all Acteuren implizéiert sinn. Besonnen, mä décidéiert, muss gekuckt ginn, wou et an der Education net méi geet. Mir invitéieren duerfir d'Ministesch, eng wierklech Offensiv elo konsequent duerchzezéien a mat konkreten Inhalten ze fëllen. Et ass un der Politik Impulser a Richtlinnen an der Education ze ginn, nodeems kloergestallt ass, wat fir Facteuren determinant sinn. Eist Léierpersonal muss motivéiert ginn, besonnesch no der PISA-Etüd, datt si grad elo d'Défien an der Education opgräifen, an un engem Strang mat der Regierung zéien, fir datt an dëser Mammutaarbecht Progrèsen erzielt ginn. D'Madame Delvaux huet elo grad ugeprangert, dass Elteren och nach géifen opgefuerdert ginn, hir Kanner doheem ze éduquéieren. Ech muss awer soen, dass ech dat net als Education gesinn, mä datt dat u sech éischter en Iwwerpräiwen ass. Ech sinn der Meinung, dass d'Elteren an d'Elterevereenegungen awer och hir Responsabilitéiten huele mussen, an de Schüler – hire Kanner – méi bäistoe mussen. D'Eltere mussen Suerg duerfir droen, datt d'Aufgabe widderholl an nogekuckt ginn, well Dir wësst jo och, Madame Delvaux, dass mer elo an engem Schoulsystem sinn, dee freides ophéiert a méindes erëm ufänkt, an an deenen Deeg, déi dotëscht sinn, fanne vill Schüler hire Schoulsak net méi erëm, well se op x Plaze waren. Do hunn d'Elteren nach ëmmer net agegraff a sech virgeholl, dass och en Deel Responsabilitéit bei hinne läit. Mir mussen also, an d'Eltere virun allem, op d'Recommandatiounen an d'Warnunge vum Léierpersonal séier an adequat reagéieren, fir datt hir Kanner net nach méi Buedem verléieren.

Et ass also wichteg – an d'Madame Delvaux als fréier Enseignante an als Mamm weess dat och –, ...

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP). - Ech hunn op alle Fall Hausaufgabe ginn.

M. Fred Sunnen (CSV). - ... wann eng grouss Lacune opkënnt a besonnesch bei deene Kanner vu fofzéng Joer, déi dann net fäeg sinn, herno dat ze reproduzéieren, dass doheem widderholl an aktiv geschafft gi muss, da geet dat och vill, vill besser. Ech sinn do mat lech d'accord.

D'Educationnsministesch huet leschten Donneschdeg an der Froestonn gesot, datt d'Educationnskommissioun sech kooperativ gewisen huet, fir bei de kommenden Erausforderungen aktiv matzeschaffen. Meng Fraktioun schléisst sech deem un, well et wichteg ass, datt mer elo partei-iwwergräifend agéieren an eis Kräften zesummendinn, amplaz dauernd an hefteg ze kritizéieren.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ass dat un d'Adress vun der DP?

M. Fred Sunnen (CSV).- Dat ass fir jiddereen heibannen, dee mengt, en hätt eppes domat ze dinn.

Une voix.- Très bien!

M. Fred Sunnen (CSV).- Ech hat am Ufank d'Entwécklungen um Niveau vun der Informatiounsgesellschaft ugeschnidden. Mat deem ambitiëse Projet e-Lëtzebuerg huet d'Regierung sech en Aktiounsplang op de Leescht geholl, deen eist Land fir déi nei Informationtechnologie fit maache wëll.

Et ass besonnesch an der Education wichteg, eis Schüler fir nei Informationtechnologien ze sensibiliséieren, an de Computer sënnvoll am Unterrecht anzesetzen. Et gouf no der PISA-Etüd öfters bemierkt, datt et fir d'éischt drëm goe géif, richtig liesen a schreiwen ze léieren, a sech dono eréischt virun de Computer ze setzen. Dat ass sécherlech wouer. Trotzdeem dierf Lëtzebuerg den Uschloss an deem Beräich net verléieren. D'Begeescherung fir nei Technologien ass am Schüleralter am ausgeprägtesten. Nei Technologie sinn en nützlechen Outil am Enseignement, wann eist Léierpersonal domadder ëmgoe kann. Lëtzebuerg verfugt iwwert en zolitten a performanten Informatikpark am Déngscht vun eise Schoulen a Lycéeën. Zu Lëtzebuerg kommen op dräi Schüler ee Computer, eng Internetconnexioun op fënnf Schüler. Wann um Niveau vun aneren EU-Memberstaaten nach eng etlech Efforte gemaach gi mussen, sou läit Lëtzebuerg weinstens do, an deem Domän, un éischer Plaz.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dat ass e schwaachen Trouscht!

M. Fred Sunnen (CSV).- Bis den 10. Oktober huet d'Commission nationale de la Société de l'Information ongefëier 50 Projeten vun e-Lëtzebuerg approvëiert, mat engem globale Budget vun 38,1 Milliounen Euro. 30% vun där Zomm, d.h. 11,6 Milliounen sinn eleng fir Projete virgesinn, déi nei Informationtechnologien an der Education an an der Recherche asetzen.

D'CSV-Fraktioun ënnerstëtzt den Aktiounsplang, mä dem finanziellen Audit moosse mer eng grouss Prioritéit bäi. D'Evaluatioun vun där Projeten um Niveau vun der Konzeptioun, der Ëmsetzung an de Resultater muss eng grouss Prioritéit genéissen. Et ass wichteg ze kucken, wéi déi Projeten evoluéieren. Et ass wichteg ze analyséieren,

op sech dës Investitiounen lounen, an d'Initiativen op Erfolleger hin ze iwwerpräiwen. Et si vill Suen en jeu, déi sënnvoll a gezielt agesat musse ginn.

D'Educationnspolitik ass un engem entscheidende Punkt ukomm. A vläicht solle mer déi géigewäerteg Kris als Ulass huelen, grad elo besonnesch aktiv ze ginn. Ech wollt a menger Interventioun nëmmen e puer Volete vun de gewaltegen Défien opgräifen, wou d'Regierung méi wéi jee opgefuerdert ass, elo mat Besonnenheet, awer décidéiert ze handeln. Op deem stengege Wee ass de Budget 2002, deen op eng excellent Mannéier vu mengem Fraktiounskolleg Claude Wiseler presentéiert gouf, en éischte Schrëtt. D'CSV-Fraktioun ass décidéiert, konstruktiv matzeschaffen, fir datt eis Jugendlech déi beschtméiglech Formatiounen kréien an datt mer eis an Zukunft ouni Problemer niewent deenen anere Länner behaapte kënnen.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Thema vum Verkéier ass, denken ech, fir jiddereen, deen hei zu Lëtzebuerg Politik mécht, eng vun deene gréissten Erausforderungen, déi vun de Responsablen hei am Land am Laf vun deenen nächste Jore bewältegt muss ginn. Wann ee kuckt, wéi de Verkéier evoluéiert, a wéi d'Situatioun sech an dem dagdeegleche Stau entwéckelt mat der Zuel vun Accidenter, ass een opgefuerdert, eng Rei Initiativen ze ergräifen.

Op dës Erausforderung gëtt et, eiser Meenung no, nëmmen ee globaalt Konzept fir de Verkéier insgesamt ze regelen, e globaalt Konzept, wat alleguerten d'Verkéispartner – Buss, Zuch a Bunn – op ee gemeinsamen Nenner bréngt. Puncto Verkéisssécherheet féiert dës Regierung mat grousser Wahrscheinlechkeet deemnächst ee repressive Punkteführerschäin an, mat deem eiser Aschätzung no eng Rei vu fundamentale Rechtsprinzipien iwwer Bord geheet ginn. Mir hunn als sozialistesche Fraktioun eis Aarbecht gemaach an en alternative Virschlag ausgeschafft, et gesäit allerdéngs no deenen éischten Diskussiounen an der Kommissioun esou aus, wéi wann d'Majoritéit bei hirem ursprüngeleche Projet bleiwe géif an eis Propositionen do op daf Ouere stoussen. Mir wäerten eis awer trotzdeem beméien, weiderhin un deem dote Projet ze schaffen a spëtstens hei am Plenum nach eng Kéier probéieren, d'Chamber vun eise Virschléi ze iwwerzeegen.

Iwwert d'Privatiséierung vum Führerschäiservice huet eise Fraktiounspresident, de Jeannot Krecké, scho geschwat, dorop brauch ech net anzegoen. Ech wëll awer an deem doten Zesammenhang einfach d'Tatsaach erwähnen, dass ee sech Froe stelle muss, wat

d'Administratioun mat der Gestiou vum de Führerschäine scho Problemer huet, wéi se an Zukunft eens gi wëll mat der Gestiou vum deenen nongzengdausend Vergehen, déi an Zukunft gëiert gi mussen, wa Punkten am Punkteführerschäin ofgezu gi mussen. Dës Vergehe sinn am Avis vum Conseil d'Etat festgestallt ginn. An der Sëtzung, déi mer haten, huet de Ministère allerdéngs gemengt, et wäeren der nëmmen aachtausend. Et kann ee sech d'Welt och schéi rieden. Mä och wann et der nëmmen aachtausend sollte sinn - wat ech hei bezweifle wëll - hunn ech gréisser Bedenken doriwwer, wéi dat an Zukunft gëiert soll ginn, an ech stelle mer lo schonn d'Fro, ob net och deen doten Deel dann an Zukunft ausgelagert gëtt a privatiséiert soll ginn.

Wann een de Verkéiersproblem hei zu Lëtzebuerg léise wëll, an domat och d'Verkéierssicherheit, gehéiert sécherlech een Deel Repressioun an een Deel Pädagogie dozou. Mä et gehéiert awer virun allem e leeschungs-fäegen öffentlechen Transport dozou, fir dës Problem definitiv an de Grëff ze kréien. D'Zuele vum deenen hei zu Lëtzebuerg immatrikuléierten Autoe schwätze fir sech, mir si weiderhin an der europäescher Gemeinschaft dat am héichste motoriséiert Land. 1990 hate mer 220.000 immatrikuléiert Autoen, am Joer 2000 hu mer der 321.000, dat sinn innerhalb vum zéng Joer ronn 100.000 Autoe weider. Dobäi kënnt, dass d'Tendenz vum der Steigerung am Laf vum deene leschte Joren an d'Richtung no uewe geet, eleng am Joer 2000 sinn nämlech hei zu Lëtzebuerg 45.000 nei Autoen immatrikuléiert ginn. D'Zuel vum der Frontaliere kennt eng ähnlech Entwécklung: Hate mer 1998 nach 71.000 Frontalieren, hate mer der am Joer 2000 84.000, sou hu mer der am Joer 2001 95.000.

Wann ee gesäit, a wat fir eng Richtung sech d'Verkéiersopkommen entwéckelt an a wat fir eng Richtung dass sech d'Stauen a Richtung Stad entwéckelen, kënnt ee ganz schnell zur Schlussfolgerung, dass déi vum der Regierung lo promovéiert Null-Plus-Léisung a kengster Hinsicht deene Problemer, déi mer kennen, Satisfaktioun gëtt. Wann ee gesäit, dass et 1994 ronn 100.000 Autoe waren, déi all Dag an d'Stad fuere wollten, an dass et am Joer 2000 der 150.000 sinn, wat e Plus vu 50.000 Autoen innerhalb vu sechs Joer ass, da gesäit een, dass do aner Moossnamen ergraff musse ginn. Si alleguerten, déi 150.000, stinn all Dag am Stau, schéin een hannert deem aneren, a quäle sech dräivéierlstonnlaang fir déi puer Kilometer fir an d'Stad Lëtzebuerg ze fueren.

Fir déi 150.000 Leit, déi all Dag am Stau stinn, ass et e Schlag an d'Gesicht, datt den Här Rippinger hei op dëser Tribün gëscht behaupt huet, mir hätten hei zu Lëtzebuerg kee Verkéiersproblem. Den Transportminister vum der Demokratescher Partei geet esouguer nach e Schratt méi wäit an tréischt déi Leit am Stau mat der Ausso, dass déi Zäit, wou een am Stau ass, ee jo Zeitung liesen an domadder d'Zäit erëmkréie kéint.

Dat sinn d'Äntwerte vum der Demokratescher Partei op Verkéiersproblemer, an ech mengen, dass et kenges gréissere Kommentars bedäerf, fir déi doten Aussoen dohinner ze kategoriséieren, wou se hi gehéieren.

Fir de Verkéiersproblem an de Grëff ze kréien, brauch een hei zu Lëtzebuerg e Gesamtverkéierskonzept wéi de BTB-Projet eent duergestallt huet. Et ass a war e Gesamtkonzept, wat gutt iwwerluecht war a wat eng echt Alternativ zu dem Individualverkéier duergestallt huet. Zil vum deem Projekt war an ass, éischstens, d'Leit vum där Uertschaft, wou se wunnen, an den Zentrum vum der Stad ze bréngen, ouni dass se ëmzeklamme brauchen, an an d'Géigend vum hirer Aarbechtsplaz ze féieren. Soulaang mer et net fäerdeg bréngen, de Leit dat müssecht Ëmklammen op der Stater Gare ze erspieren, wou se duerch de Reen an an iwwerfëllte Busse klamme mussen, déi dann am Stau stieche bleiwen, wäert et eis ni geléngen, deen Deel vum der Leit vum Individualverkéier an den öffentlechen Transport ze kréien, dee mer eis wënschen. A wann dovunner geschwat ginn ass, dass dës Regierung et ustriert, an Zukunft e Modellsplitt vu 25%, dat heescht 25% vum der Leit an den öffentlechen Transport ze kréien, deen am Moment tëscht siwen a 14% läit, géif ech wëlle behaupten, dass mat deene Moossnamen, déi elo virgesi sinn, dat doten op kee Fall méiglech si wäert.

Wann der Demokratescher Partei dann d'Argumenter ausginn, fir géint de BTB-Projet ze schwätzen, da ginn einfach d'Wourechten e bësselche verdréit. Dat ass u sech, menger Aschätzung no, ganz schlëmm, wann de Fraktiounspräsident vum der Demokratescher Partei hei einfach virewech behaupt, de BTB-Projet géif eis Problemer hei am Land net léisen, an e berëfft sech dobäi och nach op d'Baseler Etüd, woubäi ee soe muss, dass d'Konklusioun vum der Baseler Etüd, wann de Modell vum héije Wuesstum applizéiert gëtt, dee mer alleguer zu Lëtzebuerg haten an elo och nach hunn, ganz kloer sinn, nämlech dass de Projet vum BTB vis-à-vis vum der Null-Plus-Léisung e lichte Virdeel huet. A wann dann och nach dovunner geschwat gëtt ...

(Interruptions)

E lichte Virdeel, e lichte Virdeel, Här Rippinger! Da musst Der d'Etüd nach eng Kéier kucken.

A da gëtt och nach behaupt, de BTB wier net wirtschaftlich. Sécherlech, wann een d'Einnahmen direkt mat den Ausgabe vergläicht, kéint een där doter Analys zoustëmmen; mä wann een awer de vollekswirtschaftlechen Notzen analyséiert, an déi Eierlechkeet misst een als Politiker jo awer opbréngen, da kritt een nëmmen dat confirméiert, wat d'Lux-Trafic-Etüd och scho gesot huet a wat an der Baseler Etüd nach eng Kéier erauskomme ass, nämlech dass dee vollekswirtschaftlechen Notzen bei deem Projet do absolut positiv ass. Ech denken, dass dat, wat an deenen Etüde confirméiert ginn ass, och richtig ass.

(Interruption)

Ech kommen dorobber nach ze schwätzen, Här Rippinger!

De Fraktiounspräsident Jeannot Krecké ass a senger Interventioun op d'Null-Plus-Léisung agaangen, ech brauch also dozou näischt méi ze soen, well mer och schonn op anere Plaze Geleeënheeten haten, dat doten ze maachen.

Den Här Rippinger huet vläicht an enger Fro Recht, nämlech an där, dass e seet, wann ee géint de BTB-Projet war, huet een d'Wahle gewonnen. Dat ass eppes, wat net ofzestrideen ass, mä ech géif awer hei un d'Adress vun der Demokratescher Partei soen, dass dat eng Kéier gaangen ass, awer dass dat sécherlech keng zweete Kéier méi geet. D'Zoustëmmung zum BTB-Projet ass am Laf vun deene leschte Méint gewuess ...

(Interruption)

... a si wäert och nach an Zukunft wuessen, well d'Verkéisersproblemer zouhuele wäerten an d'Leit zu der Schlussfolgerung komme wäerten, dass dat do ...

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Dat ass awer net wouer, Här Zanussi. Gleeft mer et!

M. Marc Zanussi (LSAP). - Här Henckes, dat sot Dir. Ech respektéieren Är Meenung an ech denken, dass Dir och meng respektéiere sollt. D'Zukunft wäert weisen, wie vun eis zwee Recht behält.

Tatsaach ass awer, dass no an no och d'CSV lues a lues erëm op eng vernünfteg Positioun am Projet BTB zréckkënn. Den honorablen Här Willy Bourg war ëmmer en Unhänger vum BTB-Projet an huet dat och hei op der Tribün gesot. De Marco Schank huet a senge Rieden ebenfalls vum BTB-Projet geschwat an dass deen oder en ähnleche realiséiert gi soll. En huet allerdéngs haut, a senger Budgetried, net dorobber insistéiert, mä en huet et awer hei a Rieden am Zesammenhang mam Klimaschutz, virun net allze vill laanger Zäit, gesot. De Statsminister huet ebenfalls, wann en zum Projet geschwat huet, éischter positiv geschwat. An déi prominentest Verriederin an där heiter Ronn, d'CSV-Präsidentin, schreift neierdéngs och, dass et schued ass, dass de Projet vum BTB sou schnell opginn ass.

Alles dat, Dir Dammen an Dir Hären, misst ee jo zur Schlussfolgerung komme loossen, dass lues a lues d'Regierung asichteg misst sinn an hir Positioun iwwerdenke misst. Deem ass awer net esou. Da muss ee sech froen, wat dann d'Äntwert dorobber ass. D'Äntwert läit, menger Meenung no, ganz kloer op der Hand: Dës Regierung mat hirem Statsminister ass a Froe vun der Transportpolitik de Sklav vum Stater Schäfferot.

(Interruptions)

Dëst ass ganz bedauerlech, wann d'Interesse vum ganze Land dem Elektoralismus vun enger Rei vu Leit geaffert ginn.

Wann dee Quantesprong, Här President, vum BTB net gemaach gëtt, da wësse mer ganz genee, wat d'Konsequenze fir d'Liewensqualitéit an eisen Uertschafte wäerte sinn. Elo scho profitéieren d'Leit dovunner, fir, wann d'Autobunne verstoppt sinn, iwwert d'Schläch-weeër duerch d'Uertschaften ze fueren, Beispiller dovunner gëtt et genuch. Ech zitieren zum Beispill d'Route nationale 13, déi vun Diddeleng iwwer Beete-buerg an d'Stad fiert. Do sinn 1995 8.800 Autoe gefuer.

(Interruptions)

Dir Hären, Dir hätt besser nozelauschteren. 2000 waren et der 11.400. Dat sinn der innerhalb vu fënnf Joer 2.600 méi. D'Konzeptlosegkeet vun der Regierung an deem heite Beräich verstoppt sech am Moment hannert engem regelrechte Wildwuchs vun onkoordinéierten Initiativen ...

(Interruptions)

Här President, wann den Här Schummer eppes ze soen huet, da soll en dat maachen. Dat anert, dat stéiert mech awer hei uewen.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Loosst den Här Zanussi schwätzen! Hien ënnerbrécht och keen. Mir solle lo lauschteren.

M. Marc Zanussi (LSAP). - Ech bleiwen also dobäi, dass déi Konzeptlosegkeet vun der Regierung am Moment verstoppt gëtt duerch e regelrechte Wildwuchs vun onkoordinéierten Initiativen aus de Verwaltungen an de Ministerien. Et gëtt vun neie Pläng am Beräich vum Stroossen- a Schinnebau geschwat. Et erkennt een eng gewëssen Hektik, well d'Regierung gesäit, dass no zweeanenhalleft Joer d'Zäit hir dovunnerleeft a se nëmmen nach d'Zil huet, virun de Wahle méiglechst vill Baggere rullen ze hunn, fir Chantieren entaméieren ze kënnen. Dat geet esouguer esou wäit, dass Gemengen am Süden - wéi zum Beispill d'Gemeng Réiser - bei hirer Stadentwécklung behënnert ginn, wa se zum Beispill op iergendenger Plaz an der Gemeng e Lotissement maache wëllen, kréie se vum Intérieur gesot: Hei dierft Der d'Lotissement net maachen, méiglecherweis gëtt hei d'Autobunn op dräi Spuren ausgebaut. Da gi se hinn an hunn en Interessent fir en Hotel an hirer Gemeng ze bauen, a se kréie gesot: Deen Hotel dierft Der och net bauen, well hei méiglecherweis an Zukunft e Gleis fir d'Eisebunn geluecht gëtt. Dësen onkoordinéierten ...

(Interruptions)

Ech wollt just ...

(Interruptions)

Här Helminger! Hutt e bësse Gedold!

M. Paul Helminger (DP). - Ech wollt just froen: Sidd Der dogéint, dass déi Spuer do verduebelt gëtt?

M. Marc Zanussi (LSAP). - Nee, nee. Ech soen lech ...

M. Paul Helminger (DP).- Wonnerbar, ma da sot keng sou eng Dommheeten!

(Hilarité)

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här Helminger, wien hei Dommheete seet, dat géif ech gär de Leit dobaussen iwwerloossen ze jugéieren.

(Interruption)

Ech géif denken, dass Der lo eng gutt Geleeënheet verpasst huet, fir de Mond ze halen.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Oh! Oh!

M. Marc Zanussi (LSAP).- Ech wëll just soen, dass deem onkoordinéierte Gewurschtels, dat am Moment dobause funktionéiert, e Gesamtkonzept entgéintgesat muss ginn, wat am Landesplanungsgesetz agebett muss sinn. Den Här Rippinger huet virdrun oder gëschter, wéi en hei geschwat huet, gesot, dass de Plan sectoriel Transport komme géif. Wou ass dann de Plan sectoriel Transport? De Minister Wolter huet de 26. Abrëll 2000 un d'Gemeenge geschriwwen, de Plan sectoriel Transport wäert d'Alternativ zum BTB. Mir stellen haut fest, dass mer nach ganz wäit vun deem Plan sectoriel Transport ewech sinn. De Plan sectoriel Transport ass een Element vum Landesplanungsgesetz vun 1999, an dat erëm ass en Element vum Plan directeur régional, an deem erëm ass e Bestanddeel vum Programme directeur. Am Gesetz vu 1999 sinn eng Rei vu Prozeduren enthalen, mat interministerielle Komiteeën, mat Konsultatiounen vum Conseil Supérieur a vun de Gemengen. Alleguer dës Prozeduren – an do ginn ech dem Här Schank a senger Interventioun vu virdrun net Recht – sinn nach net entaméiert. Eng vun den Ursaachen ass déi, dass d'Regierung zum Beispill während engem Joer vergiess hat, de Conseil supérieur, deem an dësem Gesetz virgesinn ass, anzusetzen. Wann een de Budget lo analyséiert, stellt een effektiv fest, dass an der Linn vun der leschter Regierung eng Rei vu Kreditter virgesi sinn am Beräich vun den Infrastrukturen. Et stellt ee fest, dass dovunner geschwat gëtt, d'Gleis Péiteng-Lëtzebuerg ze doubléieren, eng nei Streck tëschent Beetebuerg a Lëtzebuerg geplangt ass an en total neit Gleis an eng direkt Verbindung tëschent Esch an der Stad Lëtzebuerg. Dat sinn Iddien, déi am Wahlprogramm vun der LSAP op der Säit 38 nozeliese sinn. Et kéint ee soen, dat wier Plagiat, dat soe mer awer net, well ech denken, dass déi doten Iddien am Interesse vum Land sinn.

Niewent den Infrastrukturen ...

(Interruptions)

Jo, selbstverständlech deelt Der dat!

M. John Schummer (DP).- Dir schwätzt vun Ärem Wahlprogramm. Sot mir, wat Der déi lescht fofzéng Joer gemaach huet. Dir hat de Bauten- an den Transport-

ministère. Lo zéit Der iwwert dës Regierung hier, well an zwee Joer näischt geschitt ass; en plus hat Der d'Landesplanung! Loosse mer dach mat zwee Been um Buedem stoe bleiwen. Dir erzielt hei Onwouerrechten! Bleift dach mat zwee Féiss um Buedem.

(Interruptions)

Dir hutt fofzéng Joer laang geschlof!

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här Schummer, wann ech alleguerten déi Initiativen opziele misst, déi vun de sozialisteschen Transportministeren am Laf vun deene fofzéng Joer gemaach gi sinn, géif ech leider meng Riedezäit iwwertreffen. Ech sinn awer gäre bereet, déi doten Diskussioun eng Kéier ze féieren. Mir waren an der Regierung an Dir sidd an der Regierung an Dir hutt zwee anenhalleft Joer verschlof an domadder Retarden akkumuléiert. Ech gleewen, dass dat lech net gefält, mä dat ass nun emol esou.

Niewent den Infrastrukturaarbechten, wou ee jo d'Meenung kann hunn, dass déi nun emol Zäit brauche fir realiséiert ze ginn, gëtt et jo nach aner Strukturen, wou ee sech ka froen, wat dann do geschitt ass. Wéi ass et da mat der Mobilitéitszentral? De Mouvement Écologique huet virun enger Rei vu Méint en interessanten Hearing organiséiert, wou doriwwer diskutéiert ginn ass an eng Rei vu Virschléi doriwwer gemaach si ginn, wéi esou eng Mobilitéitszentral funktionéiere kéint. Hei am Land kritt een nach ëmmer keng Informatioun doriwwer, wéi ee sech uleeë muss, wann ee vu Rëmeleng op Élwen fuere an dat mat dem öffentlechen Transport hikréie wëll. Alleguer déi Iddien, déi do diskutéiert gi sinn, waren interessant, an et wier sécherlech méiglech gewiescht, deem een oder deem anere Modell op Lëtzebuerg ze applizéieren. De Minister war leider op deem Hearing net do, a sai Verrieder huet gesot, dass d'Mobilitéitszentral eréischt kënnt, wann och de Verkéiersverbond fäerdeg ass. Mä och vum Verkéiersbond si mer wäit ewech an ech hu keng Kreditter am Budget fonnt, déi di dote Projete méiglech sollte maachen, obwuel et zwee Punkte sinn, déi an der Regierungserklärung erwähnt sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kéint ee sech zum Beispill och virstellen, dass d'Regierung higoe géif an déi Gemengen ënnerstëtze géif, déi am Beräich vum Citybus aktiv ginn. Et kéint ee sech och virstellen, op Grond vun de positiven Erfahrungen, déi mam autofräien Dag gemaach si ginn, wou wierklech e ganze Koup méi Leit vum öffentlechen Transport profitéiert hunn wéi virdrun, eeschthaf driwwer nozedenken, ob een net am Beräich vun der Tarifstruktur eppes sollt änneren oder op Grond vun deenen Erfahrungen den öffentlechen Transport net sollt gratis maachen. Ech wëll och dobäi erwähnen, dass, wat d'Organisatioun

vun deem autofräien Dag ubelaangt, d'Ënnerstëtzung vu Säiten vum Ministère geréng war, fir net ze soe praktesch null.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech agangs vun der Hektik geschwat hunn, déi am Beräich vu Projeten am Schinnebau stattfënnt, dann ass dat datselwecht bei de Projete am Stroossebau. Et geet Rieds vun enger West-Tangent vun der Nordstrooss, et geet Rieds vun neie Contournementen, et geet Rieds, eng zweemol dräispuereg Autobunn vun der belscher bis op déi franséisch Grenz zu Diddeleng ze bauen, et geet dovunner Rieds, eng nei Collectrice du Sud ze bauen, et geet dovunner Rieds, déi Collectrice du Sud, déi mer kennen, als Transitautobunn auszubauen, an ech wëllt hei scho soen, dass mer eis als LSAP massiv dogéint wieren, dass dat dote geschéie soll, well, wann et geschitt, d'Collectrice du Sud net méi dat Zil an deem Zweck huet, fir déi se gebaut ginn ass, nämlech den Trafic aus den Uertschaften ze halen. Wann dat dote geschitt, gëtt d'Collectrice du Sud iwwerlaff an iwwerchargéiert an d'Autoe fueren an Zukunft erëm duerch d'Uertschaften, wat mer op kee Fall wëllen.

Ech hat – an domadder kommen ech zum Schluss vu menger Interventioun – den 21. Juni eng Interpellatioun ugefrot iwwert d'Transportproblemer, speziell am Süden, an allgemeng am ganze Land. Déi Zäit, wou d'Regierung dorobber äntwerte misst, ass lues a lues ofgelaf. Ech weess, dass d'Conférence des Présidents mat grousser Majoritéit deem zougestëmmt hat. Ech wëllt just hei de Wunsch ausdrécken, dass dat, wat deemools an der Kommissioun arrétéiert ginn ass, och nach sollt bäibehale bleiwen. Ech hu kee Problem dermat, wann déi Interpellatioun e bësse méi spéit kënnt.

Zum Schluss géing ech mengen, dass, wann een de Verkéiersproblem am Land eeschtaft léise wëllt, ee wierklech e Gesamtkonzept brauch, Visiounen a politesche Courage. Béides ass bei dëser Regierung net vorhanden. Aus all dëse Grënn an de Grënn, déi d'Virriedner aus eiser Fraktioun virgedroen hunn, ass et am Fong eng Selbstverständlechkeet, dass mer dëse Budget net stëmme kënnen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Marco Schroell.

M. Marco Schroell (DP). Här President, Dir Dammen an dir Hären, ech wëll mat dësem Beitrag speziell e puer Froen a Problemer aus der Gesondheetspolitik beliichten, mat deene mir schonns säit Jore konfrontéiert sinn an déi op eng Äntwert oder weinegstens op den Ufank vun enger Äntwert waarden.

Mä fir d'éischt e Bléck an de Budget 2002. Ech fänken u mat der Präventivmedezin, déi weider ausgebaut gëtt. No der systematescher Impfung géint de Méningocoque C, dee verantwortlech war fir e puer rezent schlëmm

Méningite-Epidemien, gesäit de Budget d'Ënnerstëtzung vun der systematescher Impfung géint d'Gripp vir bei der Risikopopulatioun, dat heescht virun allem bei den eelere Leit.

Ech si frou, dass de Ministère resolut an d'Richtung vun engem Mehrangebot vun Impfméiglechkeete fir d'Populatioun geet a sech net vun den ideologeschen Impfgéigner beandrocke léisst.

Den duerchaus erfollegräichen Dépistage vum Broschkriibs duerch d'Mammographie gëtt op d'Altersgrupp vu 45 bis 49 Joer ausgedehnt. Den Niki Bettendorf huet schonn drop higewisen. Dëse wichtege Präventivprogramm, deem zënter zéng Joer vun der Santé-direktioun organiséiert gëtt, erfaasst haut circa 60% vun der Population cible mat enger Tendenz no uewen. Am Joer 2000 ass bei aacht vun 1.000 ënnersichte Fraen op déi Aart a Weis e Broschkriibs fréizäiteg detektéiert ginn, a bei 73% vun hinne war dorophin nach eng konservativ Chirurgie méiglech.

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Mä, Dir kommt elo esou lues an d'Paragen, fir Problemer ze kréien, Här Huss.

M. Marco Schroell (DP). - Wënscht dem Här Mars Di Bartolomeo net esou schlecht Saachen, Här Huss.

De Mammographie-Programm ass eng Success-Story déi beweist, datt och zu Lëtzebuerg eng excellent Zesummenaarbecht tëschent de Servicer vum Gesondheetministère mat dem gesamte Corps médical am Interesse vun der Bevölkerung méiglech ass.

Nei ass dëst Joer eng originell Sensibiliséierungs-campagne, déi sech op d'Präventioun vum Daarmkriibs bezitt, woubäi déi 50-Jähreg, déi hire Führerschäin erneiere mussen, drop higewise ginn, datt si beim Examen médical och vun dëser Opportunitéit sollte profitéieren. Et ass dat eng gemeinsam Aktioun vun der Santé, dem Transportministère zesumme mat den Dokteren.

De Service vun der Ëmweltmedezin an der Direktioun vun der Santé gëtt ausgebaut, grad esou wéi d'Divisioun vun der Santé au Travail, déi um Terrain dräi Etüden ënnerstëtzt iwwert d'Ergonomie, d'Sécuritéit an d'Präventioun vun de Berufskrankheeten, speziell d'Reckeleiden.

Insgesamt geet de Budget fir d'Präventivmedezin vun engem Joer op dat anert ëm méi ewéi 32%, dat heescht ëm méi wéi 400.000 Euro an d'Luucht.

Och de Budget vun der Médecine sociale geet insgesamt ëm ronn 15% an d'Luucht, fir den impressionante Chiffer vun iwwer 21 Milliounen Euro ze erreechen. Fir nëmmen e puer Beispiller aus dësem vasten, oft flächen-iwwergräifenden Domän ze erwähnen, denken ech:

- un d'Problematik vum Sida, wou jo bekanntlech de Ministère d'Fräe vun den anonymen Analysen iwwerhëlt an d'Forschung ënnerstëtzt;
- un d'Lutte a virun allem den Asaz géint d'Folge vun der Toxicomanie, wou Substitutionstherapien an encadréierte Fixerstoffen ënnerstëtzt ginn, dës en application vum neien Drogengesetz;
- besonnesch ervirhiewe géif ech gären d'Ënnerstëtzung vum Planning familial, deen e spezielle Budget kritt, fir gratis Medikamenter a gewësse Fäll auszedeele;
- am Kader vun den AST, den Actions socio-thérapeutiques, participéiert de Stat un de Fonctionnementskäschte vun de Services extrahospitaliers am Beräich vun der Santé mentale, wou fir d'nächst Joer bal fënnef Milliounen Euro virgesi sinn;
- an dësem Kader vun der AST, dat heescht vun der Médecine sociale, wëll ech op eise Retard an der Kanner- a Jugendpsychiatrie hiweisen. Eis verhalensgestéiert Kanner a Jugendlech mussen am Ausland ënnerbruecht ginn, well hei am Land déi néideg Infrastrukture feelen. Dobäi besti konkret Virstellungen vun de Fachleit, wéi déi néideg Strukturen ausgesimissten: kleng Spidolsunitéite fir déi akut Fäll, Institutions de suite mat Internat a Schoul fir d'Behandlung dono. De Problem ass akut, wann ee bedenkt, datt ronn 70 Kanner a Jugendlech en permanence am Ausland ënnerbruecht sinn.

Am kurative Beräich ass de Ministère konfrontéiert mat Schwieregkeeten um Niveau vun den Garde bei den Dokter. Dat heescht, de Service de remplacement vun de Generalisten an der Nuecht ass net méi garantéiert. Et ass dat eng Folleg ënner anerem vun der Pénurie vun den Dokter, op déi ech elo gläich wäert zrëckkommen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Net ze verwiesselen ass de Service de remplacement mat dem Service de garde an de Spideeler oder mam Service médical d'aide urgente, dem Samu, deen an deenen dräi Régions sanitaires zënter Jore fonctionnéiert dank dem Asaz vun den Dokter, den Infirmiëren, der Protection civile, de Berufspompjeeën vun der Stad Lëtzebuerg, mä och mat der finanzieller Ënnerstëtzung vum Gesondheitsministère.

Iwwregens steet nei am Budget dës Joer de Samu néonatal, dat heescht de Bereetschaftsdingscht vun enger Equipe vu spezialiséierte Kannerdokteren, déi rund um die Uhr asazbereet sinn, fir mat enger Ambulanz e frëgebuerent oder krank neigebuerent Kand an déi verschidde Maternitéiten uechtert d'Land oder souguer heem bei d'Leit sichen ze goen an an d'Kannerklinik ze transportéieren. Dës Service war néideg, well bei der Prise en charge vun enger Frëgebuerent och déi medizinesch Iwwerwaachung a Behandlung während

dem Transport e wichtege Moment ass, deen iwwert d'Liewen an d'Iwwerliewensqualitéit vum Kand mat décidéiert.

Komme mer awer zrëck op de Service de remplacement. De Minister huet reagéiert an ënnerstëtzt d'Generalisten iwwer ee Budgetsposten an hire Beméiungen, fir eng nei Organisatioun op d'Been ze kréien.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech hat gemengt, Här Schroell, dat wier de Statsminister selwer gewiescht, deen dat gemaach hätt.

M. Marco Schroell (DP).- Neen, ech ka confirméieren, dass dee Projet vum Gesondheitsminister élaboréiert gouf.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mä den Här Statsminister hat et awer décidéiert.

M. Marco Schroell (DP).- Dat sot Dir.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Neen, dat sot hien.

M. Marco Schroell (DP).- Ech mengen, fir d'Leit zielt, dass se an Zukunft garantéiert kréien, nuets an iwwert de Weekend ...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mä et sollt awer schonn den 1. Juli vun dësem Joer ulafen, Här Schroell.

M. Marco Schroell (DP).- Ass dat elo meng Schold?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Net Är. Mä ech froen lech firwat?

M. Marco Schroell (DP).- An Zukunft gëtt den Territoire vum Land an dräi Regiounen opgedeelt. Nuets stinn am Norden zwee Doktere mat Auto a Chauffeur zur Verfügung, am Zentrum sinn et hirer dräi an am Süden och zwee, déi vun engem Point fixe aus, dat si gewéinlech déi Haaptspideeler, op en Appel fir en Hausbesuch kënne reagéieren. An der Moyenne ginn am Land pro Nuecht 17 Hausbesich gefrot, niewent de sëllege Réquisitionne vun der Justiz.

Finanziell gesi war an ass dës Dingschtleeschung kee Geschäft, an dofir ass et richteg, dass dës Service iwwert de Budget finanziell ënnerstëtzt gëtt. De Chauffeur ass néideg ënner anerem weinst der Sécherheet, notament well vill Dammendokteren dee Service matmaachen.

Wa sech allerdings a puncto Demographie bei de Generalisten an deenen nächste Joren näischt ännert, wäerte mer mëttelfristeg erliewen, datt dee ganze Service de remplacement an d'Polikliniken vun de Spideeler verluecht muss ginn.

Fir elo nach eng Kéier zrëckzekommen op d'Pénurie vun den Dokter, sou ass et eng Tatsaach, datt mir zu Lëtzebuerg net méi genuch Generalisten a Kannerdokteren zur Verfügung hunn. De Problem weist sech nuets a während dem Weekend, wou de Service de

garde an de Spideeler, zum Beispill an der Pédiatrie, esouguer a gewëssen Haaptspideeler net méi richteg fonctionnéiere kann. Och an der Psychiatrie, der Anästhesie an der Obstetrik kommen net méi genuch Dokteren no.

Hei stellt sech d'Fro, firwat dat esou ass a wat mir kënnen dergéint maachen?

Do ass emol de Problem vun den Ausbildungsplazen op den Universitëiten, déi iwwert den Numerus clausus weëneger Dokteren ausbilden, mat deem politeschen Hannergedanken, déi medizinesch Offer ze reduzéieren an domat och d'Demande.

Da spillen d'Aarbechtsbedingunge vun den Dokteren eng Roll. Dat laangt Studium vun aacht bis zwielef Joer, dee laange Schaffdag vun zéng Stonnen an nach méi, d'Obligatioun vun Nuets- a Sonndesdänscht, de Risque médico-légal, d'Verdéngschtméiglechkeeten, déi am Verglach mat aneren equivalente Berufsgruppe schlecht sinn. Dat alles féiert zu enger Désaffectioun vum Beruff, speziell a gewësse Spezialitéiten.

Ech mengen, et ass d'Flicht vun der Politik, fir hei engem Berufsstand, deen en crise ass, entgéintzekommen. Net zulescht am Intérêt vun der ganzer Gesellschaft.

Nei ze iwwerdenken ass zum Beispill de Conventionnement obligatoire a senger heiteger Form, dee vill Aktivitéiten ausserhalb vun der Nomenclature an ausserhalb vum sou genannten „utile et nécessaire“ verbitt, a wäer si nach esou am Intérêt vum Patient.

D'Dokteschtariffer sinn net indexgebonnen. D'Nuetsaarbecht vun den Doktere gëtt fiskal net berücksichtegt. Vill Doktere géifen haut léiwier am Salariat schaffen, well si am Exercice libéral vun hirem Beruff schlecht ewechkommen.

Mir brauchen eng Reform vum 92er Gesetz iwwert d'Sécurité sociale, woubäi allerdings d'Prinzipie vun der Solidarité nationale, den Accès égalitaire aux soins vun der gesamter Populatioun an de Libre choix du médecin duerch de Patient garantéiert musse bleiwen.

Mir müssen d'Qualitéit an d'Quantitéit vun der medezinescher Prise en charge separéiere vun de Prestations de confort, op déi de Patient och Recht huet a fir déi hie bereet ass bäizedroen. Dat huet näischt mat Zwouklassemédezin ze doen.

De Patient, deen net wëllt waarden, de Patient, dee säin Dokter gären eng hallef Stonn zur Verfügung hätt an net nëmmen zéng Minutten, de Patient, deen nom Samschdesmëtteshopping oder nom Sonndes-Grand-Prix op der Televisioun no sengem Dokter verlaangert, dee muss dach fir dee Service, fir dee Confort kënnen an dierfe selwer opkommen.

Eng aner grouss Erausforderung fir de Gesondheitsminister läit an der Applikatioun vum Spidolsplang,

notamment wat den zukünftege Rôle vun de Spideeler respektiv d'Strukturatioun vun de medezinesche Servicer ubelaangt.

Wat déi nei Infrastrukture fir d'Santé ubelaangt, an ech denken do un de Rehazenter an un de Statslaboratoire, wou déi respektiv Site jo elo definitiv festgesat goufen, respektiv un d'Vergréisserung vum Radiotherapiezentrum an d'Erneuerung vun der Kannerklinik, esou hoffen ech, datt mer an deenen nächste Méint déi néideg Finanzéierungsgesetzer hei an der Chamber votéiere kënnen.

D'Spidol um Kierchbiereg an d'Clinique St-Louis zu Ettelbréck sinn an zwee Joer fäerdeg. D'Moderniséierung an den Ausbau vum Escher Spidol a vum Centre hospitalier dauere viraussichtlech bis 2005.

Här President, ech vertrauen dem Gesondheitsminister, datt mir an e puer Joer de Retard an eiselem Gesondheitswiesen opgeholl hunn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet d'Mme Ferny Nicklaus-Faber.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëllt ech dem Budgetsrapporteur, dem Häre Claude Wiseler merci soen, no all deenen anere Leit, mä et kommen der jo och nach, déi dat wäerte maachen, fir säin excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Als Presidentin vun der Commision Egalité des Chances wëllt ech e puer Wieder zum Budget vum Ministère de la Promotion féminine soen. Ech mengen – den Här Colombero ass elo leider och net méi do – als Presidentin vun där Kommissioun steet et mir doudsécher net zou, Leit Lektionen ze ginn a scho guer net mengem Fraktiounspräsident.

Plusieurs voix. - Ah, Oh!

M. Jean Asselborn (LSAP). - Hie verdréit dat.

(Interruptions)

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV). - Am Budget fir d'Joer 2002 ass e Gesamtkredit vu 6.252.000 Euro virgesinn. Dës Ressourcë sollen dozou déngen, d'Aktiounen vun der Regierung am Intérêt vun de Fraen an der Gläichheet tëscht de Fraen an de Männer ze verstärken. Ech wëllt vun der Geleeënheet profitéieren an der Ministerin an hire Mataarbechterin fir hir wäertvoll Aarbecht an hiert Engagement a mengem perséinlechen Numm an och am Numm vu menger Fraktioun merci soen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, säit Bestoe vum Ministère, deen 1995 an d'Liewe geruff ginn ass, lafen – ofegesi vun de legislative Mesuren – eng ganz Rei vun Initiativen, Aktiounen an och Projeten ënner sengem Impuls. Ouni elo hei déi ganz Lëscht vu

Strategien opzielen ze wëllen, kann een an deem Zesammenhang d'Sensibiliséierungskampagne géint d'Gewalt un de Fraen zit'éieren oder och nach de Projet „Gläichheet deelen“ am Kader vum europäeschen Aktiounsprogramm fir d'Promotioun vun der Gläichheet tëscht de Geschlechter:

All dës Aktiounen hu virun allem déi faktesch Gläichheet tëschent Fraen a Männer als Zil. Déi rechtlech Gläichheet geet bei wäitem net duer. Fir dass d'Gläichheet eng Realitéit gëtt, muss et zu engem Mentalitéitswandel kommen, deen net eleng duerch legislativ Texter oder duerch rechtlech Dispositiounen erzielt ka ginn. An deem Sënn spillen d'Kampagne vum Ministère, déi eng edukativ Botschaft beinhalten, eng ganz wichteg Roll.

D'Etüden, déi realiséiert goufen, an déi entspriechend Kampagnen an Aktiounen, gradesou wéi déi verschidden Texter, stelle wichteg Schrëtter duer, awer si sinn net déi lescht. Et musse Bilanë gezunn a Suivië gemaach ginn, fir méi gezielt Akzenter leeën ze kënnen. Dës Bilanen a Suivien, déi op all Aspekter agoe mussen, si wichteg, well se engem erlaben, do weider unzesetzen, wou positiv Resultater erreecht gi sinn.

An deem Kontext géif ech gären op ee Schwéierpunkt vun der Politik vum Ministère de la Promotion féminine hiweisen: De Budget fir d'Joer 2002 gesäit e Kredit vun 94.200 Euro vir, deen d'„Campagne contre la violence à l'égard des femmes“ finanzéiere soll. D'Fraenhaiser, wou geschloe Fraen Hëllef a Bäistand kréien, ginn och d'nächst Joer staatlech finanzéiert mat engem Betrag vun 3.290.000 Euro. Fir d'konventionéiert Servicer ass e Kredit vun 1.545.000 Euro virgesinn, also zesumme bal 5.000.000 Euro, dat mécht méi oder wéineger 200 Milliounen eiser Frang.

Ech begréissen de Prinzip vu Sensibiliséierungskampagnen, besonnesch um Niveau vun der häuslecher Gewalt. Si kënnen eng Prise de conscience erbäifeieren. Mä duerfir muss d'Kampagne och d'Leit direkt usprechen, mat ofschreckenden, suggestiven, andréngleche Biller an/oder Spréch. Déi lescht Kampagne géint d'Gewalt u Fraen – ech denken do un de Spot publicitaire, deen an de Kinoen an op der Televisioun gelaf ass – ass éischter enttäuschend. Ech si schonn oft op dese Spot ugeschwat ginn. Déi meescht Leit hate Schwieregkeeten, fir de Message vum Spot ze verstoen, wann net zum Schluss eng textuell Erklärung vum Ministère dobäikomm wier. Ech hoffen, dass déi nächst Kampagne méi perkutant si wäert, an domadder méi Leit wierklech uschwätze wäert. Et ass nämlech wichteg, de Leit dobaussen ze vermëttelen, datt de Problem vun der Violence domestique e reellen ass, an datt een d'Gewalt an alle soziale Milieuen erëmfënnt. Ech wëll an deem Kontext nach eng Kéier ... Pardon?

M. Jean Asselborn (LSAP). - Äre Fraktiounspräsident wëll lech eng Fro stellen.

M. Lucien Weiler (CSV). - D'Violence domestique geet jo an déi zwou Richtungen.

(Interruptions)

M. le Président. - Fuert Dir weider, Mme Nicklaus!

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV). - Ech wëll an deem Kontext nach eng Kéier kuerz op e Punkt vun der Debatt iwwert d'Violence domestique, déi mir ufanks vun deem Joer haten, ze schwätze kommen, an zwar dee vun der psychologescher Hëllef an der Betreuung vum Täter. Wann een de Problem vun där Gewalt aus der Welt schafe wëll oder et och nëmme probéiere wëll, geet et net duer, sech nëmme ëm déi geschloe Fraen ze këmmen. Et ass och ganz wichteg, mat den Täter selwer ze schaffen, déi ganz oft an hirer Kandheet Opfer vu Gewalt waren, an et ass nach méi wichteg, sech ëm si wierklech am Fong ze këmmen. Et wier a mengen Ae sënnavoll, all Facettë vun där Problematik unzegoen, an eng adequat Hëllef fir den Täter mat anzebannen am Kampf géint d'Gewalt an de Familljen. Ech denke besonnesch un déi sou genannt „Selbsthilfegruppen“, déi et an anere Länner gëtt.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Nach e Wuert zu deem Thema: Ech stelle mat grousser Zefriddenheet fest, dass de Ministère fir d'nächst Joer virgesäit, esouwuel Membre vun der Police wéi Edukateuren extra ze forméieren. Ech begréissen dës Décisioun ganz staark. Et ass nämlech wichteg, datt Fraen a Kanner, déi geschloe goufen, vun Ufank u richteg a mënschlech encadréiert ginn.

De Ministère de la Promotion féminine gesäit och vir, seng Kampagne fir eng besser Opdeelung vun den Aufgaben a Flichten an de Familljen an alle Beräicher ze verstärken. An deem Kader ass et interessant, nach eng Kéier op verschidde Moosnamen, déi am Kader vum PAN-Gesetz décidéiert goufen, hinzeweisen. Ech denken do besonnesch un d'Formatiounsrecht am Fall vun enger professioneller Reintegration. Vill Fraen, déi am Intérêt vun der Erzéiung vun hire Kanner eng Zäit opgehalen hunn, berufstäteg ze sinn, a spéider gären zrëck an de Beruff kéimen, wëssen oft net, datt si Recht op eng adequat Formatioun hunn. Si sollen d'Chance kréien, professionell erëm an de Rhythmus eranzekommen. Et ass dat eng Fro vu Gläichheet a Gerechtegkeet, an entsprécht dem Wonsch vu ganz ville Fraen.

De Budget vum Ministère gesäit och e Posten ënnert anerem fir Etüde vir. Et wier eng Iddi, am Kader vun der Réinsertion vun de Fraen an de Beruff, eng Etüd realiséieren ze loossen, fir erauszefannen, wéi vill Fraen op hiert Formatiounsrecht zrëckgräifen, wéi d'Reinsertion tatsächlech ausgesäit ...

Här Asselborn, ech hoffen, dass ech lech net stéieren!

M. Jean Asselborn (LSAP). - Dat hunn ech net gär gemaach.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV). - ... an ob een an dësem Beräich verschidde Saache verbessere kéint.

De Ministère gesäit och vir, d'nächst Joer seng Initiativen am Beräich vun der Formatioun vum erzéiereschen a soziale Personal ze verstärken, besonnesch um Niveau vun de „Formateurs à l'égalité“. De Ministère plangt virun allem, seng Aktiounen mam Patronat an de Gewerkschaften auszubauen. Ech denken, datt een iwwert dës Wee versiche kéint, d'Existenz vun de Gläichheitsdelegéierten, déi et laut Gesetz zënter 1998 soll ginn, de Leit bekannt ze maachen. Ech stellen nämlech fest, datt ee vun dësem Instrument wéineg Gebrauch bis elo gemaach huet, wat absolut ze bedauern ass. Et ass eng Funktioun, déi nach dobaussen an de Betriber zimlech onbekannt ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et si grouss Fortschrëtter an deene leschte Joren a puncto Gläichheet tëschent Fraen a Männer gemaach ginn, besonnesch duerch d'Aarbecht vum Ministère. D'Richtung stëmmt an et wier gutt, d'Moyenen hei nach méi gezielt wéi bis elo anzesetzen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Mme Nicklaus! Ech wollt de Kollegeinnen an de Kollege soen, dass mer verstinn, dass et schwéier ass, vu moies bis owes nozelauschteren. Mä wa mer lo nach e klengen Effort maachen – lo kommen nach d'Mme Err an d'Mme Nagel an dono den Här Minister – an andächtig nozelauschteren, da komme mer anstänneg duerch dës Debatten. D'Mme Err huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP). - Der Mme Err lauschtere mer gär no!

Mme Lydie Err (LSAP). - Mat dësem Budget, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, solle jo méiglechst vill Leit zefridde gestallt sinn, well seelen nach virdru sou vill ausgedeelt ginn ass, obschonn den Discours vu Virsicht souwuel grad vum Rapporteur wéi och vum Minister hei ugefouert ginn ass, wat u sech jo e Widdersproch ass, dee bis hei nach net zur Geltung komm ass. Trotzdeem sinn an dësen Debatte mat deem villen Ausdeele verschidden Themen, notament déi vun de Gesellschaftsfroen, ze kuerz komm. An obschonn een nom Etat de la Nation an der Deklaratioun vun eise Premier d'Impressioun bal hätt mussen hunn, wéi wann d'Regierung oder de Premier wierklech festgestallt hätten, dass am Beräich vun de Gesellschaftsfroen den Noutstand zu Lëtzebuerg géif existéieren.

Dofir huet et mech interesséiert ze kucken, wat dann eventuell déi Motivatiounen do gewiescht wieren, a wou déi Projeten, déi do ugekënnegt si ginn, dann elo dru sinn oder wéi se evoluéiert hunn. Ier ech awer zu

deene Saachen do méi am Detail kommen, wëll ech ee Wuert soen, wat am Fong méi reng budgétaire Considératiounen sinn, an zwar sinn ech als Presidentin vun der Petitiounskommissioun ënnert anerem mat der Petitioun befaasst ginn fir de Lycée Mathias-Adam, eng Petitioun géint d'Implantatioun vun dësem Lycée an der Industriezon. Mir hunn eis do notament mat den Untragsteller, der zoustänneger Schoulministerin a mat deene Fonctionnaires aus deene betraffene Ministèrenen ënnerhalen a mir hu festgestallt, dass ausser der Tatsaach, dass de Moment schonn, eleng duerch déi Etüd de faisabilité, Honnerte vu Milliounen vu Surcoûten an deem Projet sinn, et anscheinend net méiglech ass, virum Vote vum Gesetz ze kucken, ob deen Terrain, op deen déi Schoul gebaut soll ginn, kontaminéiert ass oder dekontaminéiert ka ginn, fir dass déi Schoul drop gebaut ka ginn. Mir hate gemengt, et wier gescheit fir ze froen, dass déi Etüd gemaach soll ginn, ier dee Projet an d'Chamber respectif an déi zoustänneg Kommissiounen komme géif a mir hu confirméiert vun e puer Fachleit gesot kritt, déi Etüd kéint een zwar selbstverständlech maachen an et wier eng blendend Iddi fir eng ze maachen, awer eréicht nodeem d'Gesetz gestëmmt wier.

Wann dat mer net zougedroe gi wier vu Leit, déi et wierklech wësse mussen a mir net vu Leit aus verschiddenartege Ministère confirméiert gi wier, dann hätt ech geduecht, dat ass net wouer. Et ass awer anscheinend wouer. An dat hu mer confirméiert kritt, nodeem mer gefrot haten, ob et net méiglech wier, eng Ausnahm ze maachen an dësem Fall, wou schonn Honnerte Milliounen Etüdkäschten investéiert gi sinn, déi lescht determinant Etüd dann och ze finanzéieren, a mir krute gesot, do wier am Budget keng Linn, déi dat erlabe géif, an esou eng Etüd kéint nëmmen am Kader vum gestëmmte Gesetz vun dësem Lycée gemaach ginn.

Wann dat esou ass, an ech huelen un, dass dat stëmmt, da fannen ech, Här Minister, misst Der onbedéngt dofir suergen, dass an Ärem Budget eng Budgetsinn besteet, datt esou Etüden zu engem Moment gemaach kënnen ginn, wou se nach Sënn géife maachen, an net, wa praktesch scho fest ass, dass e Projet, deen een nach studéiere sollt, scho gestëmmt ass.

M. le Président. - Mme Err, den Här Halsdorf wëll lech eng Fro stellen.

Mme Lydie Err (LSAP). - Gären!

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV). - Ech wollt der Mme Err soen, dass an deem Dossier, dee se lo grad ugeschwat huet, scho largement Etüde gemaach si ginn, an zwar net nëmme vu staatlecher Säit aus, mä och vun der Säit vun der Gemeng Péiteng aus. Mir hunn do verschidden Analyse gemaach, an ech stelle ganz kloer d'Faisabilitéit vun deem Projet net a Fro – ech betounen: net a Fro –,

soudass déi Aussoen, déi Dir elo gemaach hutt, wahnsinneg iwwerdrifwen an net realistesch sinn. Et soll een dat an de Kontext setzen, an dee sachleche Kontext, wou dat higehéiert, an net an esou pathetesche Aussoen, wéi Dir se elo gemaach hutt.

Mme Lydie Err (LSAP).- Wat hei pathetesche iwwerdrifwen ass, dat ass de Coût vun de Faisabilitéitskäschten, déi an deem Dossier do schonn investéiert sinn. Ech hunn de Chiffer vergiess, mä bis de Moment huet d'Faisabilitéitsstudie schonn eppes iwwer eng hallef Milliard Fräe kascht. An ech weess, dass och an der Gemeng Fräen...

(Interruptions)

... engagéiert an Etüde gemaach gi sinn.

M. Ady Jung (CSV).- Dat kann dach net sinn!

Une voix.- Wat ass schonn eng hallef Milliard!?

Mme Lydie Err (LSAP).- „Dat kann dach net sinn!“

M. Ady Jung (CSV).- Neen, iwwer eng hallef Milliard!

Mme Lydie Err (LSAP).- An déi lescht Etüd, déi wierklech wichteg wier, fir ze kucken, ob een de Kanner zoumudde kann, ...

(Interruptions diverses)

... op engem kontaminéierten Terrain an d'Schoul ze goen oder ob een den Terrain dekontaminéiere kann, déi kenne mer net ...

Une voix.- Wat Dir hei zielt, kann een de Kanner net zoumudden!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst d'Mme Err schwätzen!

Mme Lydie Err (LSAP).- Dat beweist, wéi abwegend d'Situatioun ass, soss wier d'Opreegung net esou grouss.

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert net. D'Mme Err huet d'Wuert. Wann ech glift, Mme Err, fuert Dir weider.

Mme Lydie Err (LSAP).- Ech hunn awer näischt dogéint, wann den Här Di Bartolomeo mir eng Fro stelle wëll.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Villmools merci, Mme Err!

(Hilarité et interruptions)

Ech wëll just soen, fir déi doten Auseenansetzung ze tranchéieren, datt ech de Mueren e Bréif a mengem Courier, ...

Plusieurs voix.- Oh!

(Interruptions)

... wou alleguer déi Betreffen d'These vun der Mme Err an net déi vum Här Halsdorf bestätegt hunn, dat heescht d'Elteren, d'Léierpersonal an d'Schüler.

Bis elo hunn ech och nach keen aneren Echo aus der Gemeng héieren, ausser dem Här Halsdorf.

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Ech muss Folgendes soen; ech géif awer gär zwee Wieder dozou soen ...

M. le Président.- Wann ech glift, ech géif lech elo bieden, op de Sujet vun eisen Diskussiounen zrëckzekommen. Den Här Halsdorf huet elo nach d'Recht ...

(Interruptions et hilarité)

... op dem Här Di Bartolomeo seng Wieder ze äntwerten, an dann ass et Schluss.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Här Président ff., ech wollt Folgendes soen: Wat den Här Bartolomeo seet, ass net ganz richtig, well d'Elterevereinigung vun de Schüler aus där Schoul, déi existéiert de facto de Moment net, déi huet de Moment keng Positioun an deem Dossier geholl. Deen Eenzege, deen do Positioun geholl huet – dat ass ganz richtig –, dat ass d'Léierpersonal, dat mat Argumenter hantéiert ...

Une voix.- An d'Schüler.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- ... déi ganz relativ sinn an déi a mengen Ae solle sachlech novollzu ginn.

Une voix.- Ah, dee Bréif do.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Ech ginn lech e Beispill. Si soen et war elo en Accident an enger Fabrik, dat war en Incident. Da soe si dat läit direkt derbäi.

Dat ass net wouer. Déi Industrie, wou zum Beispill deen Incident geschitt ass, déi läit Loftlinn ee Kilometer ewech dervun.

Zweetens muss ech lech soen, alles wat déi Contaminatiounen ugeet, si mir amgaang, Etüden ze maachen a Permanenz, wou ee ...

(Interruptions)

... feststelle kann, dass d'Contaminatioun vun der Loft ...

(Interruption)

... an der Gemeng Péiteng largement net schlëmm ass; dass do guer keng ass. Et kann een d'lesswueren iesse wéi soss iwwerall.

(Interruption)

Als drëttens, dee Site läit nëmmen 300 Meter ...

Une voix.- Sinn hei d'Budgetsdebatte vun der Gemeng Péiteng amgaang, oder wou si mer?

M. le Président.- Ech hunn lech d'éinescht gebieden, wann ech glift, nach e puer Minutten auszehalen, mä deen Débat ass elo rëm lancéiert gi vu lénks a vu rechts. Et ass also net fir deem engen oder aneren d'Schold ze ginn.

Ech géif lech elo bieden, d'Mme Err schwätzen ze loossen a se net méi ze ënnerbriechen.

Mme Lydie Err (LSAP).- Also, der langen Rede kurzer Sinn, an ouni elo op déi Fräen anzegoen, déi scho fir Etüden ausgi gi sinn, mengen ech, ass et abwegeg, dass ee muss waarde bis ee Gesetz gestëmmt ass, fir déi lescht Etüd iwwert d'Décontaminatioun vum Terrain, wou eng Schoul soll stoe kommen, ze maachen. A wa mer keng Suen hu fir sou eppes, sinn ech der Meinung, dass ee muss eng Linn erfannen, fir esou Saachen ze finanzéieren.

(Interruption)

Da kommen ech zu deene méi gesellschaftspolitesche Froen.

Plusieurs voix.- Ah!

Une voix.- Très bien.

Mme Lydie Err (LSAP).- Elo gëtt et méi roueg, well do ass den Intérêt jo bedeitend manner grouss!

(Interruptions)

Wéi beim Etat de la Nation op eemol ugeféiert ginn ass, dass den Numm vun de Kanner vu bestuetene Leit misst kënnen den Numm vun der Fra oder vum Mann sinn, dunn ass dann op eemol hei gemengt ginn, mam Premier sengen Aussoe kéint een d'Welt net méi verstoen. Dat mengt een awer nëmmen, wann een engersäits weess, dass de CEDAW, dat heescht déi Konventioun iwwer Net-Diskriminatioun zwësche Männer a Fraen, all puer Joer eng Kontroll um Terrain ze maache kritt; dass den nächsten Examen 2002 usteet, a well „au vu“ vun deene Remarken iwwert déi Onméiglechkeet, den Numm vun de Kanner fräi ze determinéieren, och bei bestuetenen Elteren, wou mer dräimol monéiert gi sinn, musse mer jo wuel fir deen nächsten Examen op deem Punkt eppes maachen, an et ass jo och dofir elo e Projet deponéiert ginn.

Wann een awer dee Projet kuckt – an a priori freet ee sech jo driwwer, wann ee selwer schonn 1994 an deem Sënn eng Initiativ geholl huet wéi dat mäi Fall ass –, dann ass een natierlech enttäuscht – an ech wëll elo net hei an den Detail goen – feststellen, dass an deem neie Projet, wéi en elo virläit, contrairement zu deem, wat an anere Projekte schonn aus Prinzip festgehal ginn ass, nach ëmmer eng Differenz gemaach gëtt zwëschent *Enfant légitime* an *Enfant naturel*, wat ech perséinlech inacceptable fannen.

(Interruption)

Neen, ech wëll, wann ech gelift, elo virumaachen!

(Interruptions)

Ech wëll net gefrot ginn!

M. le Président.- Et ginn elo keng Froe méi zougelooss. D'Mme Err ...

(Interruptions)

Mme Lydie Err (LSAP).- Et ass do wéi bei menger Virriednerin iwwert d'Fraepolitik.

Här Weiler, ech wëll just un Är Ried vu gëschter erënneren, do hate mer fir d'éischt emol eng hallef Stonn Geschicht, ier den éischte Chiffer koum.

M. Lucien Weiler (CSV).- Den Här Asselborn huet mech dat geléiert.

Mme Lydie Err (LSAP).- Bon. Bei deem éischte Punkt „*Enfant légitime*, *Enfant naturel*“ gëtt een Ennerscheed nach gemaach wat d'Inscriptiounen am *Etat civil* ubelaangt. Dat geet net, an den duebele Numm gëtt a priori ausgeschloss. De Choix vum Numm vun de Kanner soll gemaach ginn, net wann d'Kanner op d'Welt kommen, mä am Moment vum *Mariage*.

All dat, dat weist, zesumme mat deem leschte Punkt, an zwar deem vun der *Non-Retroaktivitéit* vun deem *Projet* dee komme soll, dass sech un der Haltung näischt geännert huet, mä dass just d'*Vitrine* geännert gëtt. Ech denken, dass dat dann awer eigentlech e bësse schued ass, bei deene Froen do, fir esou groussen Ukënnegungen esou kleng Exekutiounen da follegen ze loosse.

Well e Gesetz – dat wësse mer jo –, och e Gesetzesprojet besonnesch, ka jo ëmmer ofgeännert ginn, wa festgestallt gëtt, dass d'*Gesellschaftsevolutioun* méi wäit ass wéi eis Gesetzter et ginn. Ech denken dass d'*Evolutioun* vun eiser Gesellschaft méi wäit ass wéi dee *Projet*, deen elo réischt dräi Méint huet, an ech hoffen, dass et méiglech wär, fir déi Saachen ofzeänneren.

Zweeten Thema, d'*Union libre*. Och dat kascht keng Suen, an dofir misst et jo deemno méi einfach sinn. Meng eenzeg *Revendicatioun*, déi eppes mat Budget ze dinn huet, déi éischt ze erfëllen, heescht Suen opzedreiwen, fir Studien dann ze maachen wann se néideg wieren, dat heescht virun dem *Vote* vun engem Gesetz.

Zur *Union libre* si jo och am *Etat de la Nation* vum Premier Minister grouss Saachen ugekënnegt ginn. Am Fong war et schonn am *Koalitiounsprogramm*, a mir haten dorobber hin eng *Interpellatioun* gefrot, déi jo ugekënnegt war fir leschte Summer, déi ofgeblose ginn ass, déi dann ëmgewandelt ginn ass, an do wëllt ech am Fong lo hikommen, op eng *Question avec débat*, wou de *Budgetsminister* dee Moment an enger anerer *Qualitéit* op déi Fro geäntwert huet.

Zum Fong wëll ech eigentlech elo net vill Saache soen, well och zum Fong muss een déi selwecht Remarque maache wéi déi, déi ech elo zum Numm vun de Kanner vu bestuetenen Eltere gemaach hunn, dass méi an der *Vitrine* ass wéi um Fong. Wat mer hei bei der *Question avec débat* zum Fong héieren hunn, dat war am Fong agestoenermoossen de *Projet* vun der Regierung, fir minimal Regelunge fir *patrimonial Effekter* zwëschent Leit, déi zesumme liewen; dat ass net dat, wat mir ënnert enger *Union libre* verstinn. Och dat ass ze bedauern.

Mä zur Prozedur ass deemools ugekënnegt ginn, wéi mech, – ech weess nach zur grousser Erheiterung vum Publikum – den Här Krecké bei deenen Debatten ersat huet: „Déi aner kennen eng Rei Dispositiounen, déi sech automatesch op si applizéieren, kréien. Den Detail dovunner kënnt, wat den zivilrechtleche Volet ubelaangt, an engem Projet de loi, deen ech denke fir September-Oktober dem Regierungsrot kënne virzeleeën“.

(Interruption)

Dat steet effektiv net dran, mä de Finanzminister weess sécherlech, wou dee Projet drun ass, well et wier schued, wa mer nach méi Zäit verléieren iwwert dësen Dossier, wéi mer der bis elo scho verluer hunn.

D'Euthanasiedebatt wëll ech mat engem Wuert just uschwätzen a soen, dass entre-temps genuch geschwat ginn ass. Mir haten eng Commission ad hoc, mir hu Leit gehéiert, mir hunn Debatte gefouert, eemol, zweemol, déi leschte Kéier virun dräi Joer, an ech mengen, dass et och hei géif Zäit gi fir all deene Leit, déi fir sech selwer eng Stierfhëllef wënschen, d'Méiglechkeet ze ginn, déi ze kréien. Och dann, wann déi, déi dat fir sech inacceptabel fannen, net kennen dozou forcéiert ginn, mä ech denken awer, dass och do d'Evolutioun vun eiser Gesellschaft méi wäit ass wéi d'Aktioun vun der Regierung, an dass et dofir ubruecht wier, och op dësem Punkt aktiv ze ginn.

Dat selwecht gëllt eigentlech och fir d'Toxicomanies-gesetz. Mir haten d'lescht Woch eng Sëtzung an der Kommissioun, wou mer festgestallt hunn, dass deen eenzege wierkleche Fortschrëtt vun deem Gesetz – a mengen Ae jiddefalls – dee war, fir de Methadon-programmer eng legal Basis ze ginn, an dass net nëmme dat och nach schwierig ass, mä dass déi Limité vun deene Substitutiounsprogrammen esou sinn, dass effektiv se nëmme mat Methadon méiglech sinn, an och dat ass, mengen ech, Schnéi vu gëschter.

Et geet net duer, fir an enger Motioun majoritär ze decidéieren, dass déi Reform, déi mer d'lescht Joer gemaach hunn, nodeem mer sechs Joer dru gedoktert hunn, net déi lescht ka sinn, an dass muss weider liberaliséiert ginn, wann net herno e Projet op de Wee gesat gëtt.

(Interruption)

Ech kann lech just aus enger Erfahrung vu gëschter soen, dass, contrairement zu deem, wat an deene Viraarbechten zu där Gesetzesännerung do ëmmer gesot ginn ass, e puer Konsumente kënnte roueg bestrooft ginn, well si géife souwisou net poursuiviéiert ginn, natierlech falsch ass.

Ech hu gëschter e jonke Mënsch vertrauden, deen effektiv Konsument war, an deen net als Konsument mat 18 Joer an dräi Deeg op d'Gericht geruff ginn ass, mä als Dealer, well e selbstverständlech als Konsument

senge Kolleegen, mat deenen en heiansdo gedämpft huet, eng Zigarette ginn huet oder vun hinnen eng kritt huet, an dee Moment mat Mannerjähregen a Kontakt war, a fir Konsum vu liichten Drogen theoretesch, dem Gesetz no, 15 Joer Prisong riskéiert.

Wann dat net ridicule ass an enger Zäit, wou all Mënsch weess, dass vun deene Jonke weinstens dräi op zéng gelegentlech liicht Drogen zou sech huelen, da muss een och hei feststellen, dass mer der Realitéit wäit – ze wäit a mengen Aen – hanneru sinn.

Ech wëll ofschléissend nach e puer Saache soen iwwer e Punkt, dee mer och am Koalitiounsprogramm erëmfonnt hunn, wou op der Säit 70 méi prezis stoung „les procédures alternatives de règlements de conflits telles la médiation et l'arbitrage seront encouragées“.

Dat war am August, wann ech mech richteg erënneren, 1999. Mir sinn elo zwee Joer an eppes do driwwer. Entre-temps sinn um Niveau Mediation zwou Saache passéiert zu Lëtzebuerg. Engersäits de Kannermediateur, wou, trotz Aise vum Statsrot a vun x ONGen, déi derzou gehéiert gi sinn, sech drop obstinéiert gëtt, op Regierungssäit, fir de Médiateur vun de Kanner als President ze gesi vun engem Gremium, dat gefëllt ass mat Représentanten aus verschiddene Ministère.

Dat ass eng Abwegegkeet, well et contraire ass zu all Prinzipie vun der Mediation, wou d'Indépendance vum Médiateur de Facteur clé ass. Wa mer hei a bei de Kanner als éischte Médiateur, dee mer zu Lëtzebuerg wahrscheinlech jo da kréien, ee kréien, deen entouréiert ass vu Fonctionnaires, déi also hire Ministeren, net nëmme wat d'Confidentialité, mä och d'Direktions-gewalt ubelaangt, ënnerdoe sinn, da kann dat mat sech bréngen, dass deen Ombudsmann, oder déi Ombudsfra, déi da fir d'Kanner soll agefouert ginn, net emol Agank fënnt an deen europäesche Réseau vun de Kanner, Ombudsmänner, well d'Indépendance net ginn ass.

En zweete Punkt. D'Regierung huet am September e Projet de loi iwwert de Médiateur deponéiert, an ech hu mat Freed festgestallt – och heiansdo gëtt et jo Iwwerraschungen, déi ee sech net erwaart –, dass vill Saachen dra sinn, déi sech iwwerschneide mat deenen, déi aus menger Proposition de loi erauskommen, déi ech am Mee oder am Abrëll hei anlässlich zu den Debatten zur Lag vun der Natioun deponéiert hunn.

Op engem wichtege Punkt awer, a contrairement zu all Prinzipien, déi et an der Matière gëtt, ass am Projet vun der Regierung geschriwwen, dass jiddefalls deen Ombudsmann oder dee Médiateur sech net dierft këmmere ëm Mënscherechter. Dobäi wësse mer, dass beispillsweis, wa mer nëmme wëlle vun de Retracementen schwätzen, den Droit à la vie privée au secret des télécommunications en absolut Mënscherecht ass, an dass dat eng Affaire gewiescht wier, wou een, ouni op d'Gericht ze goe fir eppes ze annulléieren, wat an der

Praxis näischt ännert, hätt sech kënne virstellen, en Ombudsmann ze befaassen.

Mir wëssen alleguerten, deen een esougutt wéi deen aneren, dass mir kee Gesetz iwwert déi Matière do hunn, an dass et jo och net par hasard ass, dass an dëser Matière, an net an der Matière vum Secret vun den Telekommunikatiounen selwer, gefeelt ginn ass, ebe well hei keng Reglementatioun besteet. Et kann awer net sinn, dass een, wann een e Médiateur schaaft, all déi Saachen ausschléisst, déi un d'Mënscherechter grenzen, well dat si, menger Meenung no Rechter, déi méi wichteg si wéi déi vun engem Administré, deen onzefridden ass mat enger Décisioun vun enger Administratioun, déi hie betrëfft; à part ailleurs ass et contraire zu zwou Recommandatiounen, déi vum Europarat 1997 an 1985 erausgi sinn, an ech mengen, dass et och wichteg wier, an deem selwechten Zesummenhang, déi Prinzipien iwwert d'Ombudsmediatioun, déi op engem Colloque zu Paräis am Joer 1998 festgesat gi sinn, ze huelen an ze kucken, ob déi Propositionen vun der Regierung deene Kritären, déi do festgehalen gi sinn, Rechnung dréit oder net.

Ofschléissend nach ee lescht Wuert zum 700-Leit-Lëtzebuerg.

(Interruptions)

700.000-Leit-Lëtzebuerg, voilà.

Dat ass jo natierlech am enken Zesummenhang ze gesi mat der Migratioun, ass also och partant mat Auslänner. Onofhängeg dovunner ob, oder och net, a wann, wéini eis Bevëlkerungszuel an d'Luucht geet, ass et klor, dass dat nëmme kann de Fall sinn, wa mer nach méi Auslänner erakréien, wéi mer der de Moment hunn. Dat heescht, dass ee muss ophéieren, iwwert de Wee vun de Gesetzzer ze maachen, wéi wann et eng natierlech Saach wier, eng Hierarchie ze maachen an engem Land zwëschent den Auslänner engersäits, an den Autochtonen, oder den Nationalen, anerersäits.

Mir hunn et allerdéngs fäerdeg bruecht, och nach an eisem Gesetz iwwert d'Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Nationalitéit, déi Differenz net nëmme zwëschent Auslänner a Lëtzebuerger oprechtzeerhalen, mä esouguer zwëschent de Lëtzebuerger ënnert sech, well mer och do nach déi Differenz hunn zwëschent de Luxembourgeois d'origine an de Luxembourgeois par naturalisation.

Ech mengen, dass ee muss ophéieren, déi vermeintlech Hierarchie do iwwert de Wee vun de Gesetzzer oder vum Handeln oprechtzeerhalen, well soss, wa mer net ophalen domadder an am Fong d'Auslänner och gesinn als eng Beräicherung an net nëmme als eng ekonomesch Nécessitéit zu Lëtzebuerg, da packe mer déi Augmentatioun vun eiser Populatioun sécherlech net an engem soziale Fridden, wat jo awer sécherlech am Intérêt vun all Mënsch wier.

M. le Président.- Merci, Mme Err. Den nächsten Orateur ass d'Mme Maggy Nagel.

Mme Maggy Nagel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Wéi all meng Virriedner wëll ech och un éischter Stell dem Här Claude Wiseler fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport merci soen. A menger Intervention wäert ech méi speziell op d'Fonction publique an d'Reforme administrative ze schwätze kommen.

Reng zueleméisseg sinn am Budget fir den Exercice 2002 fir d'Reforme administrative Kreditter an der Héicht vun 1,1 Milliounen Euro virgesinn. Et handelt sech vun dësem Exercice un ëm e Crédit non limitatif. Dat ass natierlech ze begrëssen, well d'Reforme administrative ass e kontinuéierleche Prozess, dee verlaangt, datt een och gewësse Latituden am Budget huet, fir déi néideg Reformen anzeleeden a fir esou eng modern Fonction publique ze garantéieren.

De But vun der Réforme administrative soll et jo sinn, fir eise Stat méi effikass ze gestalten. Fir dat ze erreechen, muss een d'Strukture verbessern, an deenen eis Beamte schaffen. Mir kennen dat vun eis selwer. Wa kloer definéiert ass, wéi a wat mer ze schaffen hunn, da si mer méi iwwerzeegt vun deem, wat mer maachen, a mir mierken och, a wéi engem Mooss mer um gemeinsamen Effort, vun enger Entreprise oder ebe vun enger Verwaltung bedeelegt sinn.

Dat heescht, d'Zilsetzung vum enger Verwaltung muss kloer definéiert sinn, a jidderee muss genau wëssen, wat seng Roll an där Struktur ass. Doduerch kënnt et dann och onweigerlech zu enger Responsabilisatioun an zu enger méi grousser Motivatioun vum Einzelnen. An deem Kontext ass et eben dann och wichteg, fir no neie Weeër ze sichen, fir d'Servicer innerhalb vun der Fonction publique ze verbessern, andeem een e Kader schaaft, an deem eng Autoévaluatioun stattfanke kann.

En éischte Schrëtt an dësem Bestriewen ass deen, datt Auditen duerchgefouert mussen ginn, wéi dat jo am Accord de coalition vum 12. August 1999 festgehalen ginn ass.

Am Konträr zu deem, wat den Här Gibéryen geschter behaupt huet, si bis elo schonn a ville Verwaltungen Audite gemaach ginn: am Ministère de la Famille, de la Sécurité sociale, dem Transportministère, am Environnement an an der Administration des Eaux et Forêts. Zwee Audite sinn am Moment nach en cours, an zwar am Service central des Imprimés de l'Etat an am Centre informatique de l'Etat, déi allenzwee dem Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative ënnerleien.

Just nëmme niewebäi bemierkt, am Centre informatique de l'Etat, deen 1974 gegrënnt ginn ass, ass bis haut net duerno gekuckt ginn.

Wat den Audit vun den Eaux et Forêts ubelaangt, deem d'Commission de la Fonction publique de 15. November presentéiert kritt huet, kann ee festhalen, dass dee réusséiert ass, wat beweist, dass esou en Audit net vu Muttwëll ass, wichteg Renseignement er iwwert den Istzoustand an dëser Verwaltung gëtt an d'Richtung vun enger Réorganisatioun uweist.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech wollt eng ganz fei Fro stellen, well Der effektiv amgaange sidd op deem Audit bei der Forstverwaltung anzegoen. Eng vun den Haaptkonklusiounen, déi aus deem Audit komm ass, ass, dass eigentlech d'Regierung de falsche Wee gaangen ass, wéi se d'Waasserkompetenzen aus der Forstverwaltung erausgeholl huet. Sidd Dir der Meenung, dass ee soll op deem dote Punkt dem Audit follegen?

Mme Maggy Nagel (DP).- D'Audite sinn dofir do, fir aus deem, wat ee gesot kritt, eng Léier ze zéien, Här Bodry.

(Interruptions diverses)

Ech hunn elo just gesot, dass mer duerch eng méi grouss Responsabilisatioun och méi eng grouss Motivatioun vun de Beamten erreechen. Dat geschitt awer och andeems mer eng modern Fonction publique schafen, déi eiser gesellschaftlecher Entwécklung Rechnung dréit an dat esouwuel innerhalb de Verwaltunge wéi och no baussen.

Innerhalb de Verwaltungen dréit een där Entwécklung zum Beispill Rechnung, andeem een den Télétravail aféiert.

Am Koalitiounsaccord vum 12. August 1999 gëtt festgehalen, datt en neie Beamtestatut géing ausgeschafft ginn, an deem och soll den Télétravail festgehalen ginn. Dësen neie Beamtestatut, deem e Méindeg um 11. Auer vun der Mme Minister an dem Här Statssekretär op enger Pressekonferenz presentéiert gëtt an da wahrscheinlech déi Woch drop wäert déposéiert ginn, gehéiert och zu deem Effort, deem an der Réforme administrative ënnerholl gëtt, fir eng modern an zäitgerecht Fonction publique ze garantéieren.

Ech wëllt och op dëser Plaz der Mme Polfer an dem Här Schaack félicitéieren, dass si esou konsequent un deem Dossier erugaange sinn.

Mä d'Verwaltunge mussen och no baussen évoluieren. Hei denken ech ganz speziell un eis Informatiounsgesellschaft. De Bierger muss d'Méiglechkeet kréien, fir iwwert de Computer Accès zu den Administratiounen ze kréien.

(Interruption)

Här Mehlen, eis Regierung ass jo amgaang dorunner ze schaffen, andeem se eng Homepage am Kader vun e-Government ariichte wëllt. Dat ass besonnesch aus deem Grond wichteg, well um Sommet vu Feira am Juni

2000 de Programm e-Europe 2002 ugeholl ginn ass. No Feira ass och eng Commission nationale de la Société de l'Information hei zu Lëtzebuerg gegrënnt ginn, an där fënnef Ministère vertratt sinn. Déi Kommissioun soll eng Stratégie d'ensemble ausschaffen, fir den Objektiv vun e-Europe gerecht ze ginn. De Centre informatique de l'Etat wäert do eng wichteg Roll spillen.

Wat fir en Afloss d'Informatiounsgesellschaft reng technesch gesinn op eise Statsapparat huet, gesäit een dorunner, dass en Article budgétaire am Departement vum Centre informatique huet missen ëm 100% eropgesat gi vis-à-vis vum Exercice vu virdrun, fir Telefonsleitungen ze lounen.

Mä wa mer vun Informatiounsgesellschaft schwätzen, da musse mer natierlech déi néideg Formatioun vun de Beamte garantéieren, wat déi nei Technologien ubelaangt.

Beim Stéchwuert Formatioun wëllt ech dann op den INAP ze schwätze kommen, an hei stellen ech fest, dass d'Kreditter, déi fir den Institut National d'Administration Publique virgesi sinn, weider staark an d'Luucht ginn. Dat ass awer berechtigt, well dat ass de Corollaire vun de Reformen, déi duerch d'Gesetz vum 15. Juni 1999 am INAP duerchgefouert ginn. D'Reforme vum INAP droen dem Souci domadder Rechnung, dass mer nach besser forméiert a qualifizéiert Beamte kréien.

Am Kader vum INAP denken ech um kommunale Plang un d'Formatioun vun de Gemengesekretären an de Gemengereceveuren. Hei wëll ech just zur Kenntnis ginn, dass déi kleng Gemengen do mat engem bal onléisbare Problem konfrontéiert ginn. Wann an enger klenger Gemeng de Gemengesekretär oder de Receveur an déi Formatiounscoursé ginn, dann ass während Woche keen op hirem Posten an, an deene Gemengen entsteet dann en administrative Stéllstand. Ech géing dofir en Appel maachen, dass ee sech eventuell iwwerleed, dass déi Coursen op hallef Deeg, oder eng Woch iwwert déi aner kënnten organiséiert ginn.

Méi allgemeng wëll ech just festhalen, dass déi beschte Formatioun an déi beschten Organisatioun nëscht notzen, wann een net genuch Leit huet. Just zwee Beispiller:

Fir den Exercice 2002 gëtt an der Administration des Contributions geplangt, d'Personal ëm véier Unitéiten opzestocken. Dat ass ze begréissen, well de chronesch Personalmangel an där Administratioun ass eis jo beschtens bekannt.

D'selwecht ass et an der Administration judiciaire, wou fir den Exercice 2002 fënnef nei Magistraten, zwee Bewährungshelfer, dräi Redakteren an een Employé sollen agestellt ginn.

Här President, ech hunn déi nei Technologien ugesprach, am Kontext vun deem wéi d'Fonction publique no baussen agéiere soll, fir de Bierger en optimale Service ze offéieren. Mä et kann een och effikass sinn,

andeem ee Servicer offréiert, déi vläicht manner spektakulär sinn, mä awer d'Qualitéit vum Service um Bierger wesentlech verbessern.

Dozou dréit dee viru kuerzem installéierten Numéro vert vun der Regierung bäi, deen de Leit éischt Renseignermenter soll ginn a se un de Fonctionnaire, deen en charge vun deem Dossier ass, iwwert dee se informéiert wëlle ginn, weiderleet. Den Numéro vert soll a muss nach méi perfektionéiert ginn.

Här President, ech hunn et uganks gesot: D'Reforme administrative ass e kontinuéierleche Prozess. Et mécht sech näischt vun haut op muer, an e genormte Modell, no deem ee säi Statsapparat organiséiere kann, gëtt et net.

Ech sinn awer iwwerzeegt, dass dee Wee, dee bis elo ageschloe ginn ass, dee richtegen ass, an ech wëll am Numm vu menger Fraktioun der Mme Polfer an dem Här Schaack eist vollt Vertrauen ausschwätzen an hinne vill Succès fir hir Zukunft ausdrécken.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Mme Nagel. Op Ärem Ecran stonge 6,30 Minutten. Ech krut aus der Regie gesot, ech misst dräi Minutten dobäi zielen. Dat sinn also 9,30 Minutten.

Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt den Owend kuerz zu de Budgetsdebatte Stellung huelen an ech géing d'Parlament bieten, mech fir muer de Mëtteg ze entschëllegen, well ech muss d'Lëtzebuerger Regierung um Ecofin zu Bréissel verrieden, wou et, wéi Der wësst, drëm geet, de Projet de directive iwwert d'Fiscalité de l'épargne ze diskutéieren, wat eng Diskussioun ass, déi eng ganz schwierig gëtt fir Lëtzebuerg, wou et drëm geet d'Intérêt vun Europa an d'Intérêt vu Lëtzebuerg mateneen ze kombinéieren. Dat wäert kee flotte Mëtteg ginn aus Lëtzebuerger Siicht. Ech géif gäre bei lech bleiwen oder en aneren dohinner schécken, mä dat ass nun eemol net méiglech.

Déi Diskussiounen, déi jo net wäit ewech si vun de Budgetdiskussiounen, sinn der, déi selbstverständlech eng Inzidenz op d'ekonomesch Struktur vun engem Deel vun eiser Economie hunn, woubäi een esou Diskussiounen awer net därer iwwerbewäerten, och wann do eng Kéier géingen Ännerunge virkommen. Ech wëll awer net, wéi wann dat géing interprétéiert ginn, wéi wa muer géingen Ännerungen ugeholl ginn. D'Linn vun der Regierung huet de Stats- a Finanzminister nom leschten Ecofin ganz kloer an däitlech gesot. Sécher weess een ni, wéi esou Diskussiounen an engem Finanzministerrot évoluieren, mä mir wäerte versichen, am Intérêt vum Lëtzebuerger Land an deenen Diskussiounen ze handeln, woubäi een och heiansdo muss op si fir Changementer, dou wou se noutwendeg sinn. Mir hunn dat bewisen, wéi mer am Oktober 1999 proposéiert hunn, eng europäesch Léisung ze fannen, wéi mer gesot hunn, mir hätte gär eng

Quellesteier, déi an alle Länner vun Europa op déiselwecht Fassong ugewannt gëtt.

Domat wollt ech weisen a wéi eng Richtung ee ka goen, fir net an där Linn ze stoe wéi d'Italiener zum Beispill beim europäeschen Haftbefehl, wou se dohinner gestallt gi sinn, wéi wa se alles vun europäescher Konstruktioun géingen zerstéiere wëllen. Mir wollten net dohinner gestallt ginn als déi, déi géinge Kapital aus dem Ausland hei unzéien, fir doheem laanscht d'Steieren ze kommen. Mir hu gesot, mir hätte just gär eng Solutioun, wou kann évitéiert ginn, datt Kapital ausserhalb vun der Europäescher Unioun fléisst. Dat wäert och eis Marschroute sinn um Ecofin vu muer de Mëtteg, a mir wäerten, esou wéi mer dat an der Finanzkommissioun gesot hunn, och an deenen nächsten Deeg natierlech op déi Debatten hei am Haus zrëckkommen.

Den Owend wollt ech e puer Wuert zu de Budgetsdebatte soen, déi, wann ech dat aus der Siicht vum Budgetsminister kucken, net direkt mat der Finanzpolitik ze dinn hunn. Dat ass normal bei Budgetsdebatten an dat ass gutt bei Budgetsdebatten, well ech selwer hunn a menger Ried gesot, datt de Budget d'Grundlag ass vu ville Politikberäicher.

Méi erstaunlech allerdings ass et, wann och do Politikberäicher opgefëiert ginn, déi nun awer och glat näischt mam Budget ze dinn hunn an zu deenen ech ganz gären, besonnesch als Justizminister, géing Stellung huelen, wann ech un d'Interventioun vun der Mme Err virun e puer Minutten denken. Ech géing dat esou gäre maachen, mä dat dauert eng hallef Stonn an dat interesséiert déi meeschte Leit heibannen net, well et net zum Budget gehéiert an dofir maachen ech dat, Mme Err, den Owend net.

Ech kann lech awer soen, dass all déi Projekte ganz wäit geräift sinn, an dass et och gutt ass, dass d'Leit mierken, dass mer net alleguer enger Meinung sinn. Dat wat Dir, huelen ech un, am Numm vun der sozialistescher Partei gefuerdert hutt fir d'Union libre, wou Dir meng Iddie kennt, déi ech bei der Question avec débat exposéiert hunn, Dir déi awer als eng minimalistesch Solutioun duerstellt, wat héchstwahrscheinlech richteg ass, well ech wëll just de Vide juridique combléieren, deen an där Matière besteet, do wëllt Dir eng ganz aner Positioun bezéien. Mir wäerten doriwwer eng Kéier diskutéieren, mä wéi gesot, et ass gutt, wann et Ennerscheeder gëtt. Dat beräichert d'Demokratie.

Zur Finanzpolitik hu wéineg Leit geschwat, an déi, déi derzou geschwat hunn, hu se mat wéinegen Ausnahmen als gutt charakteriséiert. Si hu festgestallt, dass d'Statsfinanze gesond sinn. De Contraire wär och a Kontradiktioun gewiescht mat deem, wat d'Chambres professionnelles gesot hunn. Vun deenen hu mer wéineg heibanne geschwat, obschonns dass se vill, eck a gutt Avice geschriwwen hunn. Et gëtt also hei

e relative Konsens driwwer, dass déi Finanzpolitik an d'Resultat vun där Finanzpolitik zu gesonde Statsfinanze geféiert hunn. Mir hunn ee Budget am Equilibre presentéiert a mir hu keng nei Statsschold gemaach.

Ech hu festgestallt, an dofir hat ech och de Mueren dem Här Bodry déi Zwëschefro gestallt, dass ee vläicht konnt spieren, dass verschidden Oppositionspolitiker sech gewünscht hätten, dass een de Budget revidéiert hätt, voire dass se gesot hunn, dee Budget kann net richtig gewiescht sinn am Summer a richtig gewiescht sinn am September. Ech wëll hei nach eng Kéier soen, dass mir selbstverständlech realiséiert hunn, dass am November d'Situatioun eng aner wor wéi am Summer, wéi mer de Budget fir d'éischt opgestallt hunn, mä dass mir mengen, dass et en Instrument vu Stabilitéit war an enger onsécherer Zäit, wann een de Budget net all Kéiers, wann een eng nei Donnée vum Statec kritt, ëmännert.

Ech hunn de Mueren nei Donnéeën vum Statec kritt betreffend déi industriell Produktioun. Wann een déi kuckt, da gesäit een, dass déi liicht zrëckgaangen ass, mä wann ee se vergläicht mat deemselwechten Trimester vum Joer virdrun, da stellt ee fest, dass se zu Lëtzebuerg trotzdeem nach ëm 2,5% eropgaangen ass. Et ass net, wéi wann eis Ekonomie op engem Punkt ukomm war, wou alles net méi géng lafen an dofir ass et vill besser, et kuckt een elo emol iwwer eng Zäitspann vun engem halwen oder engem Joer, ob strukturell Abréck do sinn, déi méttelfristeg Ännerunge mat sech zéien.

De Fraktiounschef vun deene Gréngen huet gesot, dass fir si eng zevill déif gräifend Steuerreform virgeholl gi war, respektiv dass si zu dësem Zäitpunkt esou eng Steuerreform net gemaach hätten. Ech kann déi Argumenter novollzéien. D'Regierung deelt se net, well d'Regierung mengt, dass et ebe grad gutt war, dass een an engem Moment, wou et liicht méi lues geet, eng Steuerreform mécht, fir de Betriber ze erlaben, Aarbechtsplazen ze erhalen, déi Privatleit nei Kafkraaft gëtt an domat éitéiert, dass d'Ekonomie net nach méi un d'Schleidere kënnt.

Ech soen awer grad esou derbäi, an och dat muss ee wëssen, wann ee Steiere massiv erofsetzt, dass wann ee méttelfristeg géng feststellen, dass de Stat duerch déi Steuerreform net weider Recetten erakritt, doduerch dass déi e positiven Effet op d'Wirtschaft hätten, da muss een och erëm eng Kéier spéider de Courage hunn, déi Steieren ze héijen. Dat ass net fir haut, dat ass net fir muer. Dat ass eben an der Natur vun der Saach. Et muss een de Courage hunn, dat méttelfristeg ze gesinn.

Mir mengen, dass dësen Zäitpunkt dee richteg war, fir déi Steuerreform ze maachen. Mir hunn dat iwwert e puer Joer gemaach. D'lescht Joer eng éischt Etapp fir d'Personnes physiques an dëst Joer eng zweet Etapp. Elo d'Gesellschaften. A wéi gesot, mir mengen, dass dat iwwert déi nächst puer Joren e positiven Effet huet bei dem Bälbehale vun engem Budget, deen am Equilibre ass.

Ech soen nach eng Kéier, dass och op der Dépensesäit mir à tout moment et musse fäerdeg bréngen, méttelfristeg déi Dépensen anzeschränken. Ech hunn a menger Budgetsried schonn drop higewisen, dass mer dat fäerdeg bréngen. Ech weess ganz genee, dass bei deem groussen Investitiounsprogramm, fir dee mer Reserven op d'Säit geluegt hunn, Reserven, déi iwwregens heibannen net kontestéiert gi sinn, mä déi als noutwendeg ugesi gi sinn, dass, wann et géng dem Land méi schlecht goen, mer dann déi verschidden Investitiounen an der Zäit méi misste strecken oder stoppen.

Ech wäert net zouloossen, dass déi strikt Budgetpolitik, déi mat sech zitt, dass een net brauch zukünfteg Generatiounen ze belasteschen, dass déi duerch kuerzfristeg Iwwerleeunge géng op d'Spill gesat ginn. Et war schonn ëmmer e méttelfristeg Denken an eiser Budgetpolitik dran.

Inhaltlech ass dee Budget geprägt vun enger staarker Familljen- a Sozialpolitik. Dat ass hei net fundamental kontestéiert ginn. Sécher hätt deen ee gären en Akzent an der Familljepolitik op eppes anescht, wéi d'Regierung dat gären huet, mä d'Regierung wollt duerch déi nei Regelung vun de Baby-Joren, duerch d'Kannergelderhéijung, duerch den Erzéiungsforfait wesentlech nei Akzenter setzen, déi de Familljen zeguttkommen, an ech hunn net festgestallt, dass vum Prinzip hier dës nei Regulunge kontestéiert gi wären. Et ass méi iwwert d'Modalitéite gestridde ginn. Déi zoustänneg Ministere wäerten an deenen nächsten Deeg nach eng Kéier in extenso dorop zrëckkommen.

Net zulescht ass och de Projet de loi, dee verschidde vun deenen Elementer preziséiert, nach net veröffentlecht, esou, dass Dir wann Dir et emol liest, gesitt, dass et hei drëm geet, dass ee wéi deen anere behandelt gëtt, zwar mat aneren Nimm, mä dass mer versichen, dass net eng Kategorie vu Leit, an hei geet et besonnesch ëm d'Fraen, géint anerer kann opgespillt ginn. Dat war d'Zilsetzung vun deenen ënnerschiddleche Moosnamen, Baby-Joren a Forfait d'éducation. Déi zoustänneg Ministere wäerten an deenen nächsten Deeg nach méi am Detail de Projet de loi presentéieren.

Eng staark Familljen- a Sozialpolitik ass net a Fro gestallt. Eng staark Infrastrukturpolitik ass och net a Fro gestallt. Mir brauche se. Mir hunn dofir d'Suen op d'Säit gesat. Ech mengen, dass mer do richtig gedoen hunn an all déi, déi dat net approvieren, déi hunn ech heibannen am Fong net héieren, well jiddferee sech bewosst ass, och opgrond vum Rapport vun Ärem Rapporteur, dass déi Investitiouns Ausgabe fir d'Zukunft deier sinn an dass een déi iwwert e puer Joer muss strecken an dofir muss Suen op d'Säit setzen.

Am Fong huet mech erfreet an dëser Budgetsdebatt, dass weening nei Fuerderungen un d'Regierung gestallt gi sinn, well dat mech an der Vergaangenheet oft gestéiert huet,

well et am Fong einfach ass, op dësem an op deem Kredit nei a méi Suen ze fuerderen. Vlächst mam Kredit fir d'Amiperas ausgeholl, deen den Här Colombero mentionéiert huet, wou ech dem Här Colombero wëll soen, dass dee Kredit och gehéicht ginn ass. Mä et ass einfach ze soen, ech hätt gärn do méi an nach do méi, ouni ze soen, wou een dann, wann ee wëllt een equilibréierte Budget presentéieren, soll sträichen.

Ech hu festgestallt, dass dat dës Kéier am Parlament net gemaach ginn ass an dass dat d'Debatten, esou wäit ech mir dee Commentaire därerf erlaben, verbessert huet.

Ech mengen, dass et e realistesch Budget ass. Ech hoffen, dass mer d'Recettë richteg ageschat hunn. Wa mer se ënnerschat hunn, da sinn ech doriwwer net rosen, da sinn ech deen éischten, dee sech doriwwer freet an ech kommen da gärn an d'Parlament a mir diskutéieren driwwer, wou déi Suen hierkommen. Wann de Contraire geschitt, dann hoffen ech, dass ech datselwecht Versteesdemech am Parlament virfannen an mer dann och gemeinsam kucken, wou mer Ausgaben net maache kënnen. Och do soen ech nach Kéier, dass mer grad mat där Réserve budgétaire, déi mir hunn, déi sech op 20 Milliarde beleeft, 20 Milliarde Mme Delvaux-Stehres, ...

(Interruption)

Ech wollt et nach eng Kéier preziséieren.

... kënnen, ouni direkt mussen nei Schold opzehuelen, déi Ausgaben tätegen am nächste Budget, am iwwer-nächste Budget, wann de Budget géng momentan an en Déséquilibre kommen.

Et ass ee Budget, an dat mengen ech, hunn ech an dës Budgetsdebatten erausfonnt, dee vu jiddferengem als ee Projet dohinner gestallt gëtt, deen net an Einzeldeeler gedeelt gëtt. Dat ass ganz normal an enger parlamentarescher Demokratie.

Et gëtt kee Parlament an Europa, hunn ech d'lescht Joer gesot, wou d'Oppositoun de Budget stëmmt. Dat ass näischt Exceptionelles hei zu Lëtzebuerg. Ech stelle fest, dass d'Finanzpolitik vun dëser Regierung en tant que telle an dës Budgetsdebatten, op d'mannst bis zu dësem Zäitpunkt – Dir kënnt mer jo muer de Géigendeel beweisen, wann ech net do sinn –, an hire Grondzich net kritiséiert ginn ass, net fundamental a Fro gestallt ginn ass, och ass keen Alternativmodell presentéiert ginn. Dat stellen ech mat Satisfaktioun no zwee Deeg Debatte fest.

Fir déi eenzel Beräicher vun der Politik, déi hei ugeschwat gi sinn: Transport, Educatioun an esou weider, ass et normal, dass déi zoustänneg Ministeren dozou Stellung huelen. Muer de Mueren ass Regierungsrot, ech wäert hinnen do de Rapport maachen. Am Kader vun der Diskussioun vun de Motiounen d'nächst Woch ass et Usus, dass déi eenzel Ministere Stellung huelen. Do ass nach Zäit, fir déi eenzel Gebitter ze diskutéieren.

Derbäi kënnt, dass ech net mengen, dass déi Debatten, déi hei ugefaange gi si mat dem Budget, d'nächst Woch eriwwer sinn, well dat si Matière, déi forcément während enger längerer Zäit musse behandelt ginn, an dofir géng ech bidden, bei alle Beräicher vun der Politik, eng Regierung ze jugéieren iwwert eng ganz Legislaturperiod, an net ze soen, wann een deen een Dag eppes annoncéiert, wat eng ganz Regierung dréit, dass deen aneren Dag all Projets de loi musse fäerdeg do leien. Dat ass net déi Fassong, wéi ee gutt Projeten élaboréiert. Iwwert e Projet denkt een no, hunn ech d'lescht Woch an engem anere Kontext gesot, an dann déposéiert een en. Einfach e Projet dohinner ze leeën an ze soen, da kënn si emol doriwwer befannen a waarden, wat de Statsrot doriwwer seet, dat ass net déi Fassong, wéi eng seriö Regierung regéiert. Dofir maache mir dat net, mä all déi Projeten, déi an der Regierungserklärung ugesot sinn, déi kommen, an déi kënnt Der dann hei kontrovers diskutéieren.

Ech soen lech merci.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Den Här Minister Frieden konnt sech net verknäifen, ze soen, et wäeren 20 Milliarden a keng 30.

Fairnesshalber, Här Minister, hätt Der missen hannendru soen, dass mer e Gespréich zesummen haten, wou mer festgestallt hunn, dass den Här Minister sech op d'Reserve budgétaire cumulée vun de Jore bezitt, an dass dat, wat vun der Cour des Comptes an hirem Avis als Réserve budgétaire duergeluegt ginn ass, och kee falsche Chiffer ass, mä dass et d'Reserve budgétaire cumulée plus d'Exécution budgétaire vum ganze Joer ass, dass si dat Réserve budgétaire genannt huet, well et déi eigentlech Réserve ass bis zu engem gewëssene Moment a se hannendrun a Klammere geschriwwen huet, dass dat och kënnt genannt ginn „disponibilités financières“ pour ne pas prêter à confusion mat deem Term, deen de Minister gebraucht huet.

Et ass also net esou, dass bei deenen zwee Chiffren ee Recht huet an deen aneren Onrecht. Et ass zweemol een anere Wee, fir ze kucken.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Ech wollt der Chamber soen, dass den Här Krecké Recht huet an dass dee Chiffer, deen ech genannt hunn, dee richtegen ass.

Déi Zousazklärungen vum Fraktiounscheef vun der LSAP hunn elo dem ganze Parlament an aller Technicitéit an an allen Detailer bewisen, dass mer eis allen zwee an eisen Aussoen net geiert haten.

M. le Président. - Mir sinn domat um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Muer de Moien geet et um 9 Auer weider mat dem Débat d'orientation sur l'avenir de l'Europe.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.30 heures)